

INFO °07 20 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 21. OKTOBER 2020



ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 9 DÉCEMBRE 2020



Ordre du jour

Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déléguée gréng)	Fred Bertinelli (LSAP)	Fränz Meisch (DP)
Tom Ulveting (1er échevin, CSV)	Paula De Sousa (déléguée gréng)	Emy Muller (LSAP)
Paulo Aguiar (échevin, déléguée gréng)	Gary Diderich (délégué Lénk)	Ali Ruckert (KPL)
Robert Mangen (échevin, CSV)	Jerry Hartung (CSV)	Christiane Saeul (DP)
Laura Progne (échevine, déléguée gréng)	Pierre Hobbschell (LSAP)	Guy Tempels (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)	Georges Liesch (déléguée gréng)	Nicole Wohl (déléguée gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFOBLAT²⁰₀₇

COMPTE-RENDU DU 21 OCTOBRE 2020

5-72

DATES DES MARIAGES LE SAMEDI

73

NUMÉROS UTILES COVID-19

74

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 07/2020, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 21 OCTOBRE 2020

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)	Pierre Hobscheit (LSAP)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	Georges Liesch (déi gréng)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)	François Meisch (DP)
Robert Mangen, échevin (CSV)	Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)	Ali Ruckert (KPL)
Guy Altmeisch (LSAP)	Christiane Saeul (DP)
Paulo De Sousa (déi gréng)	Guy Tempels (CSV)
Gary Diderich (déi Lénk)	Nicole Wohl (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)	

Absents/excusés: Fred Bertinelli (LSAP), Fränz Schwachtgen (déi gréng)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Désignation du lieu de réunion des séances du conseil communal.
2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Premier discours des deux nouveaux conseillers communaux.
4. Nouveau tableau de préséance du conseil communal.
5. Projets communaux :
 - a. Rénovation et restauration de cinq maisonnettes dans leur structure d'antan sur la place Saintignon à Lasauvage – plans, devis et crédit spécial à l'article budgétaire 4/430/221312/21005 ;
 - b. Décompte des travaux d'extension de l'école et de la maison relais Woiwer – articles budgétaires 4/242/221311/16007 et 4/910/221311/16007.
6. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Mathendahl à Niederkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de la société INTEGRA INVESTMENT SA.
7. Finances communales :
 - a. Fixation du taux de l'impôt commercial 2021 ;
 - b. Fixation du taux de l'impôt foncier 2021.
8. Structures d'accueil : concept d'action général 2021-2024.
9. École de musique : organisation scolaire définitive 2020-2021.
10. Actes et conventions :
 - a. Acte notarié pour l'acquisition de 80 logements au projet Gravity de la société BPI Luxembourg situé à l'Entrée en ville à Differdange ;
 - b. Acte notarié pour l'acquisition d'un immeuble sis au no 21 rue Adolphe-Kriepps/30, avenue de la Liberté à Differdange ;
 - c. Acte notarié pour la vente d'une parcelle sise au lieudit Rue de Waterloo à Oberkorn avec une contenance de 4,67 a ;
 - d. Acte notarié pour la vente d'un terrain sis au lieudit Cité Galerie Honsbësch à Niederkorn avec une contenance de 2,06 a ;
 - e. Cession gratuite d'une parcelle sise au lieudit Rue Woiwer à Differdange avec une contenance de 2,04 a ;
 - f. Cession gratuite d'une parcelle sise au lieudit Rue Belair à Oberkorn avec une contenance de 0,33 a ;

- g. Contrat de location de la toiture du Hall O à Oberkorn signé avec Sudgaz SA pour la mise en place d'une installation photovoltaïque;
 - h. Convention signée avec Sudgaz SA en vue de la réalisation d'un projet photovoltaïque en coopérative sur les toitures du bâtiment B du 1535°;
 - i. Contrat de bail commercial pour un bureau situé au Markenhau à Differdange;
 - j. Contrat de bail avec Orange SA pour l'exploitation de systèmes de communications électroniques au lieu-dit Les Carrières à Saulnes (F).
- 11. Règlements communaux :**
- a. Règlement communal ayant comme objet le subventionnement d'investissements dans le but d'une utilisation rationnelle de l'énergie et la promotion des énergies alternatives;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
- 12. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2021.**
- 13. Changement au sein des syndicats intercommunaux avec une nouvelle répartition des heures de congé politique y relatives.**
- 14. Changements au sein des commissions consultatives.**
- 15. Motion du LSAP concernant l'utilisation future du bâtiment actuel du CHEM à Niederkorn.**

1. Lieu de réunion / 2. Communications

(Opgrond vun technesche Problemer goufen déi éischt Minutte vun der Sëtzung goufen net opgeholl)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

... datt mer eis hei am Hall O géifen treffen? Dat wier den éischte Punkt vum Gemengerot. Wien ass averstannen? Ech bieden em e Vott, wannechge-lift.

Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner comme lieu de réunion des séances du conseil communal jusqu'au 31 décembre 2020 le hall polyvalent Hall O à Oberkorn.

Ech soen Iech villmools Merci.

Als alleréischst begrëssen ech eis zwee nei Conseilleren, den Här Paulo De Sousa vun deene Gréngen, deen d'Madamm Richartz ersetzt. An den Här Pierre Hobscheit – fir deen ass et jo net méi grad esou nei –, deen den Här Goffinet vun der LSAP ersetzt. Häerzlech wëllkomm hei an „dieser ehrenwerten Runde“, soe se. Ech hoffen, weider op eng konstruktiv a conciliant Aart a Weis mateneen ëmzegoen.

Well, ech widderhuelen dat nämmlecht, wat ech virun engem Joer gesot hunn, d'Parameteren an der Politik hu geännert. Wann Der kuckt, wéi d'Situatioun am Moment dobaussen ass, geet et vläicht net méi onbedéngt drëm, op Gemengenebene Parteipolitik ze bedriewen. Mee, an där Situatioun, an där mer elo sinn, ass et vläicht gutt, wann alleguer d'Leit, déi hei an der Gemengeverantwortung sinn, zesummen un engem Strang zéien. Fir Déifferdeng, fir d'Stad.

Ech wëll awer och ënnersträichen, natierlech weess ech, wat eng Oppositioun ass, an dass eng Oppositioun hire Rôle huet. Wuelweislech. Dat soll och esou sinn. Awer et soll, wannechge-lift, an enger – fair ass e schwéiert Wuert an der Politik, mee et soll awer an enger gudder Zesummenaarbecht oflafen. Dat ass dat, wat ech mer wënschen. An

ech widderhuelen näischt aneschters wéi d'lescht Joer.

Ier déi zwee nei Härën dann dierfen d'Wuert ergräifen, an ier mer zu de Kommunikatiounen kommen, erlaabt mer, den Här Frenz Schwachtgen ze entschëllegen an den Här Fred Bertinelli. Déi wäerten haut net um Conseil deelhuefen.

Als Kommunikatioun hunn ech elo e puer Saachen. Ech wollt Iech drop opmierksam maachen, Dir hutt et scho vläicht matkritt, dass mer am Kader vun der Creative Week e Pop-Up-Store an eise kleene Geschäft hunn am Zentrum. Gitt laanscht. Dir kënnt do online akafen. Dir kënnt awer och ganz analog do akafen. Dat ass well d'Creative Week jo net dierf stattfannen, mat all deene Mesuren. Dofir hu mer se total op digital gesat. Dat geet bis de 24. Oktober. Gitt einfach laanscht kucken.

Et si Produiten, déi am 1535° hiergestallt ginn, déi Der do kucke kënnt. Dir kënnt se awer och kafen. Dir kënnt se och bestellen. An da kritt Der déi, wann Der wëllt, mat eise Cargobike heem geliewert. Do leeft elo eng Studie, mat der Ënnerstëtzung vum LIST, fir ze kucken, wat de Cargobike der Gemeng Déifferdeng bréngt. Wéi gesot: Gitt Iech et ukucken.

Da profitéieren ech vun der Situatioun, fir Iech ze soen, no deem Pop-Up – well dat dauert just eng Woch, dat geet just bis de 24. Oktober –, ab dem 14. November ass deen nächste Pop-Up-Store geplangt. Dat ass d'Enseigne commerciale Volio vum Alice Tiberio, fir siwe Wochen. Bis den 31. Dezember, kënnt Der Iech kleng, reng, fein italesch Spezialitéiten ukucken oder kafen oder einfach virwëtze goen. Dat war vum 14. November bis den 31. Dezember an deenen nämmlechte Lokalitéiten, wou elo de Pop-Up-Store ass fir d'Creative Week.

Da wollt ech ganz kuerz op d'Schoulen agoe mat de Covidfäll. Ech hunn d'Kommunikatioun vum 20. Oktober. Zanter der Rentrée gouf et an eise Déifferdenger Schoulen zwielef Fäll vu Leit, déi positiv op Covid getest goufen. An zwee Fäll hat d'ës keen Afloss op d'Klass. Fënnf Klassen haten eng Mise à l'écart. Zwou Klasse waren am Zena-

(Pour des raisons techniques, le début de la séance n'a pas pu être enregistré)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

explique que les réunions auront lieu au Hall O.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch salue deux nouveaux conseillers communaux, monsieur Paulo De Sousa, qui remplace madame Richartz pour déi gréng, et monsieur Pierre Hobscheit, qui remplace monsieur Goffinet pour le LSAP. Elle leur souhaite la bienvenue et espère que la collaboration sera constructive et conciliante.

Les paramètres politiques ont évolué. Compte tenu de la situation, il faut arrêter de faire de la politique partisane et aller tous dans la même direction. Bien entendu, l'opposition doit jouer son rôle. Mais elle doit le faire dans le cadre d'une bonne collaboration. C'est en tout cas ce que souhaite la bourgmestre. Elle excuse monsieur Schwachtgen et monsieur Bertinelli.

Elle passe aux communications et annonce que dans le cadre de la « Creative Week », un « pop up store » a ouvert dans le centre. Elle demande aux conseillers communaux d'aller y jeter un coup d'œil. Le magasin vend des produits fabriqués au 1535° jusqu'au 24 octobre. Christiane Brassel-Rausch précise que les objets peuvent aussi être commandés en ligne et livrés par cargobike.

À partir du 14 novembre et jusqu'au 31 décembre, un autre « pop up store » va ouvrir. Il s'agira du magasin Volio d'Alice Tiberio. Celle-ci vend des spécialités italiennes.

Christiane Brassel-Rausch passe aux cas de COVID dans les écoles. Depuis la rentrée, Differdange compte 12 cas. Dans deux cas, l'organisation des classes n'a pas changé. Cinq classes ont été mises à l'écart. Deux classes comptent plus d'enfants malades.

2. Communications / 3. Premiers discours

Le flux d'informations concernant le traçage se passe bien. Avant-hier, Christiane Brassel-Rausch a reçu un e-mail l'informant d'un cas de COVID d'un enfant en enseignement à domicile et d'une mise à l'écart.

Les maisons relais comptent neuf cas confirmés. En cas de suspicion, la maison relais doit contacter le ministère de l'Éducation nationale, qui contacte à son tour le ministère de la Santé. Le ministère de l'Éducation nationale fournit ensuite les informations nécessaires aux maisons relais.

Vendredi devait avoir lieu une réception en l'honneur de retraités et du personnel ayant vingt ans de service, mais elle a été reportée à cause de la COVID-19. La commune prend ses responsabilités et évite de rassembler des gens inutilement.

Christiane Brassel-Rausch annonce que le traditionnel repas du conseil communal devrait avoir lieu le 9 décembre après le vote du budget à condition que la COVID-19 le permette.

TOM ULVELING (CSV) informe le conseil communal que 27 projets ont été retenus dans le cadre de 2022. Quatre n'avaient pas été sélectionnés, mais la commune les a repris. Ils ont été proposés par des associations differdangeoises ou des habitants de la ville.

Pour organiser les projets, 1,2 million d'euros sont prévus. Le collège échevinal a reçu l'accord pour des subsides. En moyenne, la commune se verra rembourser 40 % des frais prévus.

Si l'on ajoute à ces frais les travaux de rénovation de la maison de Lasauvage, l'investissement total pour 2022 devrait se monter à quelque deux-millions d'euros.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) annonce que le collège échevinal n'a pas d'autres communications. Elle demande à monsieur De Sousa de se présenter.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) souhaite remercier quelques personnes avant de se présenter. Un merci tout d'abord à madame Richartz, grâce à laquelle il est devenu conseiller

rio 2, well méi Kanner an där selwechter Klass krank waren.

Ech halen drop, nach eng Kéier ze soen, dass den Informatiounsfluss, wat den Tracing ugeet, um Niveau vun der Schoul mat der Direktioun ganz gutt funktionéiert. Virgëschter nach krut ech e Mail, dass en zweete Fall an enger Klass wär, wou Homeschooling gemaach gëtt. An ee Fall vun enger Mise à l'écart. Wéi Der gesitt, si mer do um Lafenden.

Wat d'Maison-relaisen ugeet, hu mer am Moment néng confirméiert Fäll, tous sites confondus. D'Kommunikatioun leeft iwwert d'Direktioun. Dat heescht, d'Schouldirektore sinn a Kommunikatioun mat der Direktioun. Bei de Maison-relaise leeft et e bëssen anescht. Dat heescht, am Fall vun engem Verdacht wennt d'Maison relais sech un de Ministère de l'Éducation Nationale. De Ministère de l'Éducation Nationale hält Kontakt mat der Santé op. An de Ministère de l'Éducation Nationale hält duerno dann erëm Kontakt mat der Maison relais op, fir d'Informatiounen vun der Santé weiderzeginn.

Da wollt ech Iech soen, wa mer elo an deem ganze Covidkontext sinn, e Friedeg war en Iesse virgesi fir eis Pensionären a fir 20 Déngschtjoren. Dat hu mer awer ofgesot am Kader vun de Mesurë vu Covid-19 an och en vue vun deem, wou d'Zuelen elo histeieren. Dat lessen ass provisoresch ofgesot, wuelverstannen. Et ass net ofgesot, et ass just verluecht. Well mer als Gemeng Responsabilitéit wëllen iwwerhuelen, fir elo net onbedéngt Leit zesummenzebréngen, déi net direkt zesumme sollt sinn.

Wann ech beim Iesse sinn, wollt ech Iech och soen, dass Der alleguer häerzlechst invitéiert sidd – ëmmer am Kader vu Covid-19, et ass ëmmer alles sous réserve –, dass mer nom Vott vum Budget, den 9. Dezember, wann et da méiglech ass, wéi all Joer eist traditionellt Iesse mam Gemengerot hätten. Schreift Iech dësen Datum mol op. Wéi d'Entwécklung ass, gesi mer dann zesumme méi spët.

Dat ass elo alles, wat ech vu menger Sait aus u Kommunikatiounen hunn. Ech géif dann d'Wuert weiderginn un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hunn eng ganz kuerz Kommunikatioun, wat 2022 ubelaangt. Ech wollt Iech informéieren, dass mer de Moment 27 Projeten zrëckbehalen hunn. Dovu sinn der véier, déi mir als Gemeng erausgeholl hunn, déi am Fong net selektionéiert waren. Déi awer vun Déiferdenger Veräiner respektiv Leit gemaach gi sinn. Déi aner sinn alleguerte vun 2022 virgeschloe ginn.

De Moment ass e Gesamtchiffer vu bal 1,2 Milliounen Euro virgesinn, fir déi verschidde Projeten ze organiséieren. Mir wäerte versichen, elo eng Kéier, soubal et méiglech ass, mat all deenen zesummenzekommen. Mir hunn och schonn Zousoe kritt vun 2022, wat d'Subsiden ubelaangt. Déi leien, ech géif soen, am Duerchschnitt ongeféier bei 40 % vun deem, wat déi verschidde Projektleit eraginn hunn, déi mir als Gemeng remboursséiert kréien. Mir mussen also nach kucken, wat mer do dropleeën.

Wa mer elo dat Haus vu Lasauvage, wou mer duerno nach wäerten drop ze schwätze kommen, dobäirechnen, ass fir 2022, wa mer fäerdeg sinn, e Gesamtinvest vun ongeféier zwou Milliounen Euro virgesinn. Dat wollt ech Iech just matdeelen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Vum Schäfferot sinn elo weider keng Wuertmeldungen. Da géife mer eis Häre bidden, sech ze presentéieren. Da wiere mer beim Punkt 3. Ech géif denken, mam Här Paulo De Sousa unzufänken, fir eis e klengen Discours de présentation ze halen. Villmools merci.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot a Schäfferot, gudde Moien. Ier ech zu menger Persoun kommen, wollt ech verschiddene Leit hei Merci soen. Éischtens der Madamm Yvonne Richartz, déi mer d'Méiglechkeet gëtt, fir hei am Gemengerot ze setzen. Da wollt ech och ee grouse Merci u meng

3. Premiers discours

Famill maachen, ouni déi ech net kéint politesch aktiv sinn.

Wéi Der wësst, mäin Numm ass Paulo de Sousa. Ech hu 36 Joer, hunn zwee Kanner a si bestuet. Gebierteg sinn ech vu Feelen, enger klenger Gemeng bei Ettelbréck. D'Historiker kennen déi, well déi huet eppes mam Ursprung vu Lëtzebuerg ze dinn, 963.

Als Jugendlechen hat ech net vill mat der Gemeng Déifferdeng ze dinn. Dat eenzegt war, ech si mam Fussball erofkomm. An Déifferdeng hat ëmmer esou en negativen Androck hannerlooss. Vlächcht well d'Wieder déi Deeg ëmmer schlecht war oder well mer hei zu Déifferdeng meeschtens verluer hunn.

Awer elo, zënter 2010, wou ech op Uewerkuer geplënnert sinn, hunn ech déi Stad hei kennegeleiert an ech si gärén hei. Ech hunn déi Stad a mäin Häerz geschloss. An ech ka lo soen, ech sinn houvreg, en Déifferdenger ze sinn.

2010 hunn ech am LTMA – neierdénge LMA, den T ass verschwonnen –, als Mathesproff ugefaangen. Hunn do mäi Stage gemaach. 2013 sinn ech vereedegt ginn. Als Proff läit mir d'Schoul an d'schoulesch Leeschtung vun de Kanner ganz vill um Häerzen. Leider kann een hei zu Déifferdeng soen, datt d'Resultater vun eisen Déifferdenger Kanner landeswäit net gutt sinn.

Als Kand hat ech et immens einfach, well d'Integratioun mir einfach gefall ass. Als kleng Gemeng war een d'office scho méi dobaussen, war ee bei den Nopeschkanner, et huet een déi lëtzebuergesch Sprooch geléiert. Dofir wëll ech mech asetzen, fir datt eis Kanner mat Migratiounshannergrond och déi Liichtegkeet kënne kréien. Wat dann direkt eng Repercussioun huet op hir schoulesch Leeschtungen.

Ee weideren Interêt ass de Sport. Haaptsächlech de Jugendsport. Hei kënnen d'Kanner sech auspoweren, eng flott Beschäftegung hunn an net op der Strooss lungeren oder doheem mat der Playstation oder um Handy sinn. Wann Der hautdesdaags e Kand frot, wéi een un enger Dier schellt – mir heibanne benotzen den Zeigefanger, probéiert et mol, mat grousser Warscheinlechkeet

weise si Iech den Domm, well dee vill méi ausgepräggt ass bei de Kanner.

Zënter Oktober 2018 sinn ech President vun der Logementskommissioun. Ech muss soen, et ass eng ganz flott Ekip. All d'Membere schaffe mat fir nei Wunnformen. Am November 2018 ware mir mat sechs, siwe Membere vun der Logementskommissioun op Tübingen, fir do nei Wunnforme kucken ze goen. Zu Tübingen gëtt et ee grouse Projet vu Wohngemeinschaften. Dat heescht véier, fënnef Famille setze sech zesummen, fir eng Wohngemeinschaft ze kréieren. Dat heescht, si schaffen ee Projet aus a bauen dann eppes zesummen. Grosso modo mécht dat en Ënnerschied vun 30 % an de Käschten. Doduerch kënnt eng grouss Mixitéit an d'Quartieren.

De Pacte Logement 2.0 fuerdert jo esou Initiativen. An ech mengen, als Gemeng hei zu Déifferdeng kéinte mir och esou Initiative maachen. Wéi schonn de Gravity. Mir brauche keng Angscht ze hunn, fir esou ee Projet ze starten.

Ech sinn ee Mënsch, dee konstruktiv schafft a gärén zesumme mat anere Leit schafft. An deem Kontext hoffen ech, hei eng gutt Zesummenaarbecht ze hunn. An ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Verrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Verrieder vun der Press, léif alleguer, ech probéiere mech dann un dat ze halen, wat d'Madamm Buergermeeschter gesot huet a méiglechst konstruktiv ze bleiwen, och wa meng Roll an der Oppositioun vlächcht e bëssen eng aner ass. An ech verschidde Saache vlächcht e bësse méi kritesch gesinn.

Dat heiten ass fir mech natierlech e wichtege Moment, mee et ass vlächcht net grad esou ee grouse Moment wéi deemools am Januar 2014, wou ech

communal. Il remercie également sa famille.

Paulo De Sousa a 36 ans. Il est marié et a deux enfants. Il est né à Feulen, une commune près d'Ettelbruck.

Quand il était jeune, il venait jouer au football à Differdange, une ville qui ne faisait pas une bonne impression — soit parce qu'il faisait toujours mauvais quand il venait, soit parce que son équipe perdait.

Il a déménagé à Oberkorn en 2010. Depuis, il a appris à connaître la ville et il l'apprécie. Il se dit fier d'être Differdangeois.

En 2010, il a commencé à travailler comme professeur de mathématiques au LTMA. L'enseignement lui tient à cœur. Malheureusement, les résultats des petits differdangeois ne sont pas bons. Pour Paulo De Sousa, l'intégration a été facile parce qu'il a grandi dans une petite commune, qu'il voyait souvent ses petits voisins et qu'il parlait le luxembourgeois. Aujourd'hui, il veut s'engager pour que les enfants d'immigrés aient les mêmes facilités que lui.

Il s'intéresse également au sport, surtout pour les jeunes. Les enfants peuvent se dépenser au lieu de passer du temps dans la rue ou à jouer sur leur téléphone portable ou avec la console. De nos jours, les enfants ne sonnent plus aux portes avec l'index, mais avec le pouce.

Depuis 2018, Paulo De Sousa est président de la commission du logement. L'équipe est chouette. En novembre 2018, plusieurs membres se sont rendus à Tubingue pour s'informer de nouvelles formes de logement — notamment des logements communautaires pour quatre ou cinq familles. Les prix baissent alors en moyenne de 30 %. La Ville de Differdange doit prévoir de tels projets.

Paulo De Sousa dit espérer une bonne collaboration au sein du conseil communal, qu'il remercie de l'avoir écouté.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *essayera de se tenir à ce qu'a dit la bourgmestre et de se montrer constructif même si son rôle en tant que membre de l'opposition est un autre.*

3. Premiers discours

Il rappelle qu'il est devenu conseiller communal une première fois en janvier 2014. Il se dit fier de faire son retour aujourd'hui.

Le temps qu'il a passé au sein du conseil communal l'a marqué. D'un côté, il a pu s'engager pour le bien des Differdangeois. De l'autre, il a souvent eu l'impression que le spectacle était plus important que le travail pour les citoyens. Cela l'a frustré après les élections de 2017, il s'est demandé s'il accepterait un nouveau mandat. Finalement, il s'est dit qu'il fallait respecter la volonté des électeurs. Car si l'on se présente aux électeurs — parfois comme tête de liste —, ce n'est pas pour prendre la fuite une fois élu. Un tel comportement sape la démocratie et la confiance qu'ont les gens en la politique.

En 2014, Pierre Hobscheid a arrêté un métier qu'il adorait d'un jour à l'autre pour entrer au conseil communal. Mais il sentait qu'il n'avait pas le choix — tout comme aujourd'hui. Il n'a pas hésité une seconde à prendre la place de monsieur Goffinet. C'était la seule décision logique à prendre. Il remercie monsieur Goffinet pour son travail en tant que conseiller communal et président de l'office social.

De 2014 à 2017, il était conseiller de la majorité. Il se rappelle les compromis qu'il a dû faire au nom du bon fonctionnement de la coalition. Cette fois-ci, il pourra apporter ses idées et se montrer critique envers la politique du collège échelonné. Mais cela ne signifie pas qu'il sera opposé à tous les projets.

En tant que père d'un garçon de quatre ans, il s'intéressera surtout à l'encadrement des enfants et à la gestion des écoles. Au cours des dernières années, la commune a beaucoup investi dans ces domaines. Mais est-ce que cela suffit? Non, à en croire les gens sur le terrain. La commune doit pratiquer une politique du personnel mettant celui-ci au centre et créer les conditions lui permettant de rester longtemps à Differdange.

Un autre domaine qui intéresse Pierre Hobscheid est la situation sur les routes. Il habite au Fousbann et ce qu'il y voit depuis des semaines n'est plus normal.

eng éischte Kéier Member vun dësem Gemengerot gi sinn. An awer – an dat wëll ech net verheemlechen –, ass et e wichtege Moment an eng grouss Éier, fir nees an dëser Ronn dierfe Plaz ze huelen.

Meng éischt dräi an en halleft Joer am Gemengerot waren eng Erfahrung, déi mech extreem geprägt huet. Engersäits konnt ech mech abréngen fir d'Déiferdenger Leit an déi Theemen, déi mir besonnesch um Häerz louchen. Anerersäits hunn ech awer och musse feststellen, dass et an der Politik oft net nëmmen ëm d'Saach geet. Vill ze heefeg hat ech d'Gefill, dass déi dach e bëssen theatralesch, iwwerdriwwer Selbstduerstellung am Mëttelpunkt stoung, an dass d>Show méi wichteg war wéi d'Aarbecht fir de Bierger.

Dat hat mech esou frustréiert, dass ech no de Wale vum 8. Oktober 2017 eng Phas hat, wou ech mer d'Fro gestallt hat, ob ech iwwerhaupt nach eng Kéier wëilt e Mandat hei an der Gemeng unhuelen. Iergendwa war mer awer du bewosst ginn, dass een déi Leit, déi engem bei Walen hiert Vertraue geschenkt hunn, net dierf fir domm verkafen.

Wann ee sech virun de Walen op Walplakater an a Walbroschüren de Leit als Kandidat oder souguer Spëtzekandidat presentéiert, da kann een net op eemol, wann et drop ukënnt, virun der Verantwortung, déi de Wieler engem ginn huet, fortlafen. Esou e Verhalen dreift de Leit, a mengen Aen, d'Flemm mat der Politik an a suert net derfir, dass eis Demokratie gestärkt gëtt.

Schonn 2014 hunn ech mussen eng schwéier Decisioun treffen, wéi ech e Beruff, deen ech mat vill Freed an Häerzblutt ausgeübt hunn, quasi vun engem Dag op deen aneren hu mussen opginn, fir kënnen an de Gemengerot nozeréckelen. An awer gouf et zu där Decisioun fir mech keng Alternativ. An esou gouf et och elo fir mech keng Alternativ zum Unhuele vum Mandat. Och wa mer sécherlech genuch Ausrieden agefall wieren, fir net méi Member vun dësem Gemengerot ze ginn.

Ech hu keng Sekonn gezéckt, wéi de Serge Goffinet mir ugeruff huet, fir mech iwwer seng Decisioun ze informéieren. Ech hu fir mech déi eenzeg lo-

gesch a richteg Decisioun getraff an dëst Mandat ugeholl.

Ech wëll dem Serge vun dëser Plaz aus Merci soe fir seng Aarbecht, déi hie gelescht huet. Och a virun allem am Office social, wou e jo leider säi Posten als President fréizäiteg huet mussen opginn. Wat ech bedauern.

Dir Dammen, Dir Hären, vun 2014 bis 2017 war ech Conseiller vun der Majoritéit. Dat war eng interessant Erfahrung. Mee et war och net ëmmer einfach. Wann ech selbstkritesch zrëckkucken, da soen ech mer haut, dass ech de gudde Fonctionnement vun der Koalition déi eng oder aner Kéier iwwert déi eege Meinung oder Iwwerzeegung hu musse stellen. An der Oppositoun bleift mer dat wuel erspuert.

Ech wäert probéieren, meng eegen Idée matanzebréngen, a mech kritesch mat der Politik vun der Majoritéit auserneesetzen. Dat heescht net – an dat wëll ech hei ganz kloer betounen –, dass ee géint alles soll sinn. Ganz am Géigendeel.

Ech wäert mech an den nächste knapp dräi Joren, déi mer als Conseiller nach bleiwen, kritesch mat deenen Theemen ausenanersetzen, déi mer besonnesch um Häerz leien.

Als Papp vun engem gläich véier Joer ale Bouf sinn dat virun allem d'Kannerbetreuung an d'Gestioun vun eise Schoulen. Et gouf vill an de leschte Joren an d'Infrastruktur an eiser Gemeng investéiert. Dat ass ouni Zwiwwel richteg a gutt esou. Mee ginn Investitiounen an d'Infrastruktur wierklech duer? Schwätzt ee mat de Leit vum Terrain, dann ass d'Äntwert op dës Fro: Nee.

A mir komme jo och méi spéit nach op de Fonctionnement vun eise Maison-relais ze schwätzen. Mee ech mengen, mir brauche virun allem eng Personalpolitik, déi d'Mataarbechter an hir Surgen immens an de Mëttelpunkt stellt. An dass mer Aarbechtskonditiounen schaffen, déi derfir suergen, dass d'Leit laangfristeg wëlle bei eis schaffen.

Een anere grouse Sujet, dee mer um Häerz läit ass de Verkéier. Dat aus guddem Grond. Ech wunnen um Fousbann. A wat do an de leschte Wochen a Méint gelaf ass, dat ass net méi normal.

3. Premiers discours

Dir Dammen, Dir Hären, wann ech iwwer mengem Bouf seng Kandheet eraus méi wäit an d'Zukunft kucken, dann ass de Logement natierlech e wichtegt Thema. D'Gemeng huet scho vill Efforten an déi richteg Richtung gemaach. Dat ass gutt an dat begreifen ech och. Et bleift ze hoffen, dass dës Efforte viruginn, am Sënn vun den nächste Generatiounen. Dobäi sollt eis bewosst sinn, dass een als eenzel Gemeng zwar kann Efforte maachen, ma de Problem eleng léisen, kann ee ganz sécher net.

Dir Dammen, Dir Hären, mir liewen an aussergewöhnlechen Zäiten. Als Gemeng weess een net, wéi sech déi finanziell Moyenen duerch déi aktuell Situatioun weiderentwéckele wäerten. Ma grad well dës Zäite sou schwéier sinn, muss ee sech besonnesch fir eis Geschäftsleit an eis Veräiner asetzen. Well souwuel déi eng wéi déi aner hunn an de leschte Méint extreem gelidden. Mir brauchen eng lieweg Geschäftswelt. An do si weider Efforten dréngend néideg, fir e komplett Ausstierwe vun eisem Zentrum ze evitéieren.

Genee sou musse mer sécherstellen, datt eis Veräiner dës Kris iwwerstinn. Well et si grad si, déi aus eiser Stad eng lieweg Stad maachen an dofir suergen, datt ëmmer iergendwou eng lass ass. A fir dass dat och esou bleift, muss een d'Veräiner weiderhi konsequent ënnerstëtzen.

Ee leschte Sujet, dee mer um Häerz läit, ass dee vun der Kommunikatioun, grad och well ech an der Zäit an deem Beräich geschafft hunn. Ech hat dat Thema schonn e puermol als Majoritéitsconseiller ugeschwat, ma ech hat d'Gefill, dat war net ëmmer ganz gutt gesinn. Oft gouf ee schonn am Usaz ugegranz, wann een dat Thema nëmme wollt zur Sprooch bréngen. An ech hat déi eng oder aner Kéier d'Gefill, dass meng Remarque géingen zum enge gréngen Ouer eran an zum anere gréngen Ouer onverschafft eraus.

Esou sinn da Saache geschitt, dass eng nei App presentéiert gouf, wou an der Rubrik Vie politique de Gemengerot einfach mol vergiess gouf. D'Kommunikatioun war oft just drop ausgeluecht, eenzel Leit an heiansdo hir Partei an dat richtegt Liicht ze réckelen, ouni dass dobäi d'Zil verfollegt gouf,

wat eigentlech sollt sinn an zwar de Bierger objektiv ze informéieren.

An och haut muss ech soen, fannen ech verschidde Saachen einfach net gutt, well d'Kommunikatioun oft onprezis ass. Firwat fannen ech, zum Beispill, als Bierger vun eiser Stad den Ordre du jour vun enger ëffentlecher Gemengerotssitzung net um Internet? Firwat passe mer net drop op, och eise Bierger ze soen, wou d'Gemengerotssitzung stattfannen? Wien de Moien op den Internetsite vun eiser Gemeng gaangen ass, well en hätt wéilten an de Gemengerot kommen, deen huet do gelies, dass de Gemengerot an der Salle de séance op der Gemeng daagt. Dat ass schued. Well do wäert en de Moie keng Gemengerotssitzung fannen, wann en dohinner geet.

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech hu lo ee klengen Tour gemaach an Iech e puer Gedanke presentéiert, déi mir deels scho laang duerch de Kapp gaange sinn. Déi nächst dräi Jore gi sécherlech spannend an d'Erausforderunge fir eis Stad sinn enorm. Ech freeë mech drop, dës Erausforderungen do, wou et néideg ass, kritesch an awer gläichzäiteg méiglechst fair, sachlech a konstruktiv begleeten ze kënnen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Da komme mer ...

(Ënnerbriechung)

Jo, Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt nach zwou Froen umellen. Vlächst sinn nach Kollegen oder Kolleginnen, déi eng Fro hätte fir no der Sitzung. Also no där normaler Sitzung. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci Här Muller. Mir huelen déi um Schluss vun der Séance publique. Da

Quand il pense à son fils, il se rend compte de l'importance de la politique du logement à l'avenir. La commune doit poursuivre ses efforts tout en sachant qu'elle ne résoudra pas seule les problèmes.

En ces temps difficiles, les communes ne savent pas comment les finances évolueront. Mais elles doivent malgré tout soutenir le commerce et les associations, qui ont beaucoup souffert. Differdange a besoin d'un commerce dynamique. Il faut éviter la mort du centre.

Les associations sont tout aussi importantes, car elles rendent vivante une ville. La commune doit les soutenir.

Pierre Hobscheit passe à la communication, un autre sujet qui lui tient à cœur. À l'époque, il a souvent eu l'impression que l'on ne voulait pas écouter ses idées. Elles entraient dans une oreille verte pour ressortir tout aussi vite de l'autre. Ainsi, dans l'application mobile, sous vie politique, le conseil communal a simplement été oublié. La communication servait à mettre en avant certaines personnes et leurs partis sans informer objectivement les citoyens.

Aujourd'hui encore, il y a des imprécisions. Ainsi, l'ordre du jour de la séance du conseil communal d'aujourd'hui ne se trouve pas en ligne. Et on peut lire que la réunion a lieu dans la salle des séances, ce qui est faux.

Pierre Hobscheit a voulu présenter rapidement ses idées. Les trois prochaines années seront excitantes. Les défis pour Differdange sont énormes. Pierre Hobscheit se montrera critique, mais aussi juste et objectif.

(Interruption)

ERNY MULLER (LSAP) souhaite poser deux questions tout à l'heure.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) en prend note.

4. Tableau de préséance / 5. Maisonnnettes

Elle passe au point 4 de l'ordre du jour, le tableau de préséance.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au point 5.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il est question dans l'ordre du jour de la rénovation et de la restauration de cinq maisonnettes. Mais le libellé n'est pas entièrement correct puisqu'une maisonnette sera rénovée et deux maisons seront transformées en deux maisonnettes chacune.

Ces maisons se trouvent à Lasauvage. Une des maisons sera aménagée en gîte pour le Red Rock Trail. Les deux autres maisons et la maisonnette seront rénovées, restaurées et transformées. À la fin, cinq petites « suites » verront le jour. Le but est de leur rendre leur structure d'antan.

Rénover les cinq maisons est plus cher que prévu: 65 000 € supplémentaires. Mais disposer de cinq unités offre plus de possibilités.

Chaque unité comprendra deux chambres de dix mètres carrés, un séjour de trente mètres carrés, d'une kitchenette et d'une salle d'eau.

La rénovation coûte 237 000 € par maison. Si on y ajoute les 659 000 € pour le gîte, on arrive à un investissement total de 1,85 million d'euros.

La première maison sera intégrée dans le projet « Man and the Biosphere ». Le chantier sera terminé en avril 2022.

L'appel d'offres sera lancé en même temps pour toutes les maisons.

Il y aura de nouveaux escaliers, de nouvelles parois, une nouvelle façade, de nouvelles fenêtres...

L'Administration des sites et monuments promet des subsides. Ceux-ci seront plus élevés pour la maison du Red Rock Trail. Pour les autres maisons, la commune ne pourra pas toucher le subside maximal, car elles ont déjà été transformées une fois. Seuls le toit, la façade et les fenêtres peuvent être subventionnés.

Comment ces maisons seront-elles gérées? Le collège échevinal a pensé les intégrer dans le développement touristique de Lasauvage. Le ministère du Tourisme serait disposé à les subventionner à hauteur de

géifie mer zum Punkt 4 vum Ordre du jour kommen, den Tableau de préséance. Dat ass eng Formalitéit, wien am längsten hei siegéiert.

(Ennerbriechung)

Ech géif Iech bieden, deen Tablo ofzestëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le nouveau tableau de préséance.

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 5. An do ginn ech d'Wuert direkt un den Här Ulveling weider. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et geet hei, wéi et um Ordre du jour steet, ëm d'Rénovation et restauration de cinq maisonnettes. De Libellé ass am Fong falsch. Well et gëtt just eng Maisonnette renovéiert, an zwee Haiser ginn an zwou Maisonnetten ëmgewandelt.

Et sinn déi Haiser zu Lasauvage, wou mer schonn de Projet hate vum Gîte d'étape fir de RedRock. Do hate mer am Fong initialement dräi Haiser plus eng Maisonnette. An elo an där éischter Phas hu mer een Haus an d'Rei gesat, fir et an de Projet Red Rock kënnen ze ginn. An déi aner zwee Haiser plus déi Maisonnette sollen elo renovéiert, restauréiert an transforméiert ginn. Soudass mer dann duerno fënnf kleng, ech géif soen, Suiten hunn. Dat ass och esou, wéi et fréier ursprénglech emol war. Mir wëllen et erëm an de fréieren Zoustand zréckversetzen.

Déi Léisung, déi mer elo fonnt hunn, déi ass e bësse méi deier. Déi Haiser ze renovéieren, dat kascht 65.000 Euro méi. Mee ech mengen, mir hunn awer méi grouss Méiglechkeeten, wa mer fënnf Unitéiten hunn.

All Unitéit besteet aus zwee Schlofzëmmeren vu jee 10 m², engem Wunnraum vu bal 30 m², enger klenger Kitchenette, engem Buedzëmmer mat enger Dusch, engem Lavabo an engem WC

an all Haus. Pro Haus kascht d'Rénovation 237.000 Euro. Den Total vum Käschtepunkt, fir all déi Haiser ze renovéieren, ass 1,8 Milliounen Euro. Wann ech déi 659.000 Euro vun der Renovation vun deem éischten Haus dobäirechnen, komme mer op e Gesamtinvest vum 1,85 Milliounen Euro.

Dat éischt Haus, dat hat ech scho gesot, gëtt am Kader vun 2022 an de RedRock-Projet „Man and the Biosphere“ matageplangt. De Chantier soll Abrëll 2022 fäerdeg sinn.

D'Haiser wäerten all zesummen ausgeschriwwen ginn. Well et ass jo logesch, wann een ufänkt, en Daach ze maachen an engem Haus, da fänkt een net dräi Méint drop erëm un, déi aner Haiser ze decken. An och well mer gréisser Problemer mat der Fiichtegkeet hunn, do muss dee ganzen Drainage nei gemaach gi respektiv Injektione gemaach ginn. Soudass mer gesot hunn, dee ganze Projet wëlle mer gären zesumme maachen an och zesummen ausschreiwen.

Et kommen nei Träpen, nei Trennwänn, eng nei Fassad, nei Dieren, nei Fënsteren. D'elektresch Anlage ginn nei gemaach, de Buedembelag. An et gëtt eng kleng Kichen installéiert. Den Ustrach wäerte mer vun eisen Usträicher vun der Gemeng maache loosse.

Wichtig ass, dass mer an deem ganze Projet Subsiden an Aussicht gestallt kritt hu vu Sites et Monuments. Fir dat éischt Haus, also dat, wat fir de RedRock-Projet ass, wäerte se warscheinlech e bësse méi bäiginn. Bei deem zweeten, bei deem heite Projet, wäerte se just beim Daach, der Fassad an de Fënsteren eventuell eppes kënnen bäiginn, well déi Haiser jo schonn eng Kéier transforméiert si ginn. Dat waren ëmmer zwee eenzel Haiser. Iergendwann eng Kéier si se ëmgebaut ginn an een eenzelt Haus. Soudass den Här Sarnavia eis gesot huet, do wär net e maximale Subsid méiglech.

Firwat maache mer dat? Mir hunn eis jo laang iwwerluecht: Wéi kann een dat duerno geréieren? Mir hu geduecht, fir dat am touristeschen Développement vu Lasauvage eranzeginn. Dat hate mer beim Ministère vum Tourismus nogefrot. Si wäere bereet, eis 50 % vum Devis als Subsid ze ginn.

5a. Maisonnets de Lasauvage

Den Exploitant soll dee selwechte gi wéi vum Gîte d'étape. Respektiv kéint ee sech och virstellen, dass et iwwert d'Jugendherberg géif goen. Do ware scho Gespréicher.

Soudass mer do schonn eng Virgab hunn, wou mer kéinte landen, fir dat Ganzt an en touristesche Projet eranzeginn. Deen och amgaang ass erschafft ze ginn. A mir wäerten den Tourismusminister, wa mer amgaang sinn, dee Chantier do unzegoen, da wäerte mer deen och eng Kéier invitéieren, fir sech déi Saach unzekucken a fir eis dann déi néideg Zousoen ze ginn. Déi heiten Zousoen, déi hu mer just vu Mataarbechter vu sengem Ministère. Do hunn eis Mataarbechter mat deem geschwat an do krute mer dës Informatiounen, déi ech Iech elo gesot hunn.

Ech wär frou, wann Der mer dësen Devis géift stëmmen, fir dass mer ukommen. Well wéi gesot, dat éischt Haus muss spëtstens am Abrëll 2022 operationell a fäerdeg sinn. Well dann dat berüümt 2022 an d'Haus steet. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. Madamm Buergermeeschter, Dir Hären an Damme vum Schäfferot, léif Kolleeginnen a Kollege vum Gemengerot, mir begrësse selbstverständlech als LSAP dës Kärsanéierung vu fënnef sougenannte Maisonnets, also kleng Reienhaiser. Här Ulveling, Dir hutt eis erkläert, wéi et derzou komm ass. Dat ware fréier Biergaarbechterwunnengen op der Place Saintignon zu Lasauvage. Dës Haiser ginn an hir Originalstruktur restauréiert. Wat och vu Sites et Monuments propagéiert gëtt.

De Käschtepunkt fir déi fënnef Haiser beleeft sech op 1.198.000 Euro, ronn 238.000 Euro pro Haus, am fäerdegem Zoustand. Laut Plang, eng Surface brute vu 60 m², dat heescht 30 m² pro Stack, also um Rez-de-chaussée, an um éischte Stack dat selwecht. Dat ass relativ kleng. Trotzdeem kann een, speziell

am Kader vum Tourismus, de Sejour eventuell nach als Wunn-Schlof-Raum benotzen. Um éischte Stack sinn zwee Schlofzëmmeren an e Buedzëmmer. Ech mengen, dat ass schonn en interessanten Objet fir deen Zweck.

Dat mécht ëmmerhi 4.000 Euro pro Quadratmeter, wann een et ëmrechent. Wat dach e respektabele Chiffer ass. Do gesäit een, dass d'Restauratioun richteg Geld kascht. Dat muss ee sech bewosst sinn, wann een dee Wee geet. Mee et muss eis dat awer wäert sinn.

Dir waart schonn op d'Baustruktur an d'Pläng an esou weider agaangen. Mir wëssen, déi Haiser stinn eidel. Firwat? Majo, well do e grouse Fiichtegkeetsproblem ass. An duerfir ass et wichtig, dass elo um Drainage geschafft gëtt an och déi aner Aarbechte wéi Ofdichtungsarbeiten, Isolatioun an esou weider duerchgefouert ginn. Fir dass déi Haiser iwwerhaupt erëm bewunnbar sinn. Et kënnt eng thermesch Isolatioun bannen, well jo bausen alles geschützt bleift am Originalzoustand. Dofir gëtt dat da vu bannen thermesch isoléiert.

Mir sinn och der Meenung, dass déi fënnef Haiser solle matenee gemaach ginn. Net nëmmen, well mer domat Sue spueren um Gesamtpräis, mee well mer och soss géife riskéieren, dass dat eent oder dat anert Haus nach méi laang eidelsteet. An dat wär jo och net de Sënn vun der Saach.

Speziell fanne mer et gutt, dass mer, grad elo, wou et néideg ass, de Betriber an den Handwierksbetriber – ech hoffen, dass och lokal Betriber dobäikommen – ënnert d'Äerm gräifen, andeem se Aarbechte kréie vun eiser Gemeng.

Dës Kéier hätte mer vläicht d'Gemengeservicer – déi eng ganz gutt Aarbecht maachen, haaptsächlech och am Ustrach – erausgelooss, fir do och der Privatwirtschaft eng kleng Méiglechkeet ze ginn. Just fir dës Fall, wéi gesot, zu dëser Zäit. Fir deenen och eng Méiglechkeet ze ginn ze intervenéieren.

Dir hutt d'Fro beäntwert, déi ech mer opgeschriwwen hat, wat mat den Haiser no der Renovatioun geschitt. Do schwätzt Der mer aus dem Häerz, wann Der sot, mer gi se un den Tourismus weider. Mir hate jo schonn heiriw-

50 %. *L'exploitant devrait être le même que pour le gîte. Le collègue échevinal entend inviter le ministre du Tourisme à Lasauvage pour obtenir toutes les garanties nécessaires.*

Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver le devis. La première maison devra ouvrir au plus tard en avril 2022.

ERNY MULLER (LSAP) *salue l'assainissement des cinq maisonnets de Lasauvage. Comme l'a dit monsieur Ulveling, il s'agit d'anciennes habitations de mineurs sur la place Saintignon. Leur structure originale va être restaurée. C'est aussi ce que préconise l'Administration des sites et monuments.*

Les frais se montent à 1 198 000 €, c'est-à-dire quelque 238 000 € par maison.

La surface brute s'élève à soixante mètres carrés — trente mètres carrés par étage. Les maisons sont donc relativement petites. Mais dans le cadre du tourisme, le séjour peut éventuellement servir aussi à dormir. Le premier étage comprend deux chambres et une salle d'eau.

Le devis se monte à 4000 €/m². Cela prouve qu'une restauration coûte cher. Mais la commune doit le faire.

Erny Muller rappelle que ces maisons sont vides actuellement à cause des problèmes d'humidité. Il est important de réaliser des travaux de drainage et d'isolation.

Pour les socialistes, les cinq maisons doivent être renouvelées en même temps. Cela reviendra moins cher et permettra d'éviter que l'une ou l'autre maison ne reste vide plus longtemps. En plus, la commune pourra soutenir des artisans et des entreprises locaux en ces temps difficiles. D'ailleurs, Erny Muller n'aurait pas recouru aux services communaux — notamment pour la peinture — pour donner la possibilité aux commerces privés de travailler.

Erny Muller se demandait ce que l'on ferait des maisons une fois renouvelées. Monsieur Ulveling a fourni des indications.

5a. Maisonnettes de Lasauvage

Erny Muller est lui aussi d'avis qu'il faut s'en servir pour le tourisme. Il se dit convaincu que la commune touchera des subsides à hauteur de 50 % du ministère du Logement. Ce projet constitue une chance unique de développer le tourisme dans le cadre du Red Rock Trail. Les socialistes sont contents que le ministère du Logement en finance une partie.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *salue ce projet au nom des écologistes comme il l'a d'ailleurs déjà fait la dernière fois. Il est pertinent de réaliser ces travaux en même temps, car comme l'a souligné monsieur Ulveling, il s'agit d'un complexe. On ne peut pas les rénover de façon isolée. Le toit, les sanitaires et le chauffage doivent être refaits en même temps. Autrement, ce sera du bricolage.*

Le bâtiment en question est historique. Il se trouve sur la place Saintignon, dans le centre de la localité. Les locaux ont d'abord servi d'écuries avant de devenir des habitations pour les mineurs.

Pour Georges Liesch, le bâtiment est un véritable joyau. Il félicite le collège échevinal pour le réaménagement de la place Saintignon.

Il est d'accord avec le fait que ce projet soit utilisé pour le tourisme, car les maisons sont petites. Cela fait 15 ans que le conseil communal répète que Lasauvage est belle et qu'il faut y développer le tourisme doux — c'est-à-dire un tourisme adapté à la taille de la localité. Entretemps, Lasauvage dispose d'un petit hôtel et d'une auberge. Le gîte complète l'offre touristique. En plus, il est aussi question d'une éventuelle auberge de jeunesse.

Ce projet constitue une bonne alternative à Airbnb, qui n'est toujours pas réglementé. L'offre à Differdange y est importante et frôle l'illégalité.

En ce qui concerne le prix, il est évident que rénover d'anciennes bâtisses comme celles-ci coûte cher. Les problèmes d'humidité sont connus. La Crosnière coule sous ces maisons dans un tunnel. C'est ce qui explique le montant du devis. Les écologistes l'approuveront. Ils sont contents que les travaux

wer rieds an engem virege Gemengerot, wéi mer dat anert Haus votéiert haten.

Fir d'Subside sinn ech iwwerzeegt, dass mer déi 50 % kréien. Vum Logement hätte mer 75 % kritt, mee dat hei ass elo eng eemoleg Chance, fir dass mer de Red-Rock-Projet ausdeen an eis nei Méiglechkeete schafe fir Hebergement fir Tourismus ronderëm de Site Lasauvage/Fond-de-Gras. A mir sinn och frou, dass mer en Deel op d'mannst vu Sites et Monuments kréien. Ech soen lech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Mir als Gréng begréissen dat heiten natierlech och, sou wéi mer dat schonn am leschte Gemengerot gemaach hunn, wou mer de Projet gestëmmt hu vun deem éischten Haus.

Et mécht absolutt Sënn, an deem selwechte Kontext déi Aarbechte vun deenen nächsten Haiser matzemaachen. Well, wéi den Här Ulveling et beschriwwen huet, handelt et sech ëm ee Komplex, wann ee sou wëll. Et sinn also net eenzel isoléiert Haiser, wou ee kann dru schaffen. Mee hei muss wierklech alles, wat gemeinsam ass, wéi den Daach, de Sanitär, de Chauffage an engem Goss gemaach ginn, soss gëtt et eng Fléckaarbecht. An duerfir si mer ganz frou, dat heiten haut um Ordre du jour ze hunn.

Dat Gebai ass historesch. Mir kennen alleguete Lasauvage. Et läit op enger zentraler Plaz. Op der Place Saintignon leien déi flott Gebaier. Déi, wéi den Här Muller gesot huet, fréier emol als Minièresaarbechter-Gebaier genotzt goufen, virdrun awer scho vum Saintignon opgeriicht goufen an als Päerdsstall am Fong konzipéiert waren, ganz am Ufank.

Et ass wierklech eng Pärel op där Plaz. Iwwregens och nach e Luef un de Schäfferot fir d'Amenagement vun der Place Saintignon. Wat net no vill

Aarbecht ausgesinn huet, wat awer ganz flott gelongen ass.

Ëmsou méi freet et eis, dass d'Konzept dohinner geet, dass et sech ëm Tourismus wäert dréien. Déi Haiser sinn effektiv kleng. An et ass genau den Tourismus doux, dee mer jo eigentlech hei an deene leschten, ech kann awer bal soen, 15 Joer am Gemengerot ëmmer gesinn hunn. Wou mer gesot hunn, Lasauvage ass immens schéin a mir müssen et fäerdegbréngen, en Tourismus zu Lasauvage opzebauen. Awer keen Tourismus mat Dausende Leit, mee een, deen an der Taille op Lasauvage passt.

Do hu mer jo verschidden Akzenter zu Lasauvage gesat, fir dat ze ënnerstëtzen. Mëttlerweil hu mer e klengt Hotel zu Lasauvage. Mir hunn eis Schoul, wou eng Auberge dran ass fir d'Schoukllassen. An dat hei komplettéiert déi Offre touristique, déi mer zu Lasauvage schafen, andeem mer et soit iwwer eng Jugendherberg, wéi den Här Ulveling gesot huet, oder iwwer eng aner Organisatioun verlounen.

Fir eis ass et jiddefalls déi besser Alternativ zu engem Airbnb, deen nach ëmmer zu Lëtzebuerg, wéi och an anere Länner, net reglementéiert ass. Deen awer totale Wildwuchs iwwerall huet. Dir braucht nëmmen eng Keier selwer ze googlen „Airbnb Differdange“, da kuckt Der mol, wéi vill mëttlerweil och zu Déifferdeng als Airbnb ze kréien ass. Wat awer no un der Illegalitéit ass. Dat heite fanne mer op jidde Fall déi besser Offer. Dass d'Leit kënnen e puer flotter Deeg zu Lasauvage verbréngen.

E puer Wuert zum Devis. Natierlech, wann een eng Renovatioun mécht vun engem Albau wéi dat heiten, gëtt dat schonn e bëssen deier. D'Problemer vun der Fiichtegkeet si bekannt. Ennen-drënner leeft d'Crosnière. Dat ass eppes, wou ee muss drop oppassen. Dat ass e gemauerte Kanal, dee genau ënner den Haiser erduerchleift. Dat heescht, bei den Aarbechte muss extra dorop opgepasst ginn.

An dat erkläert och zum Deel den Devis, wann een esou Aarbechten ugeet. Dat hei ass keen 0815-Projet. Deementspriedend ass den Devis méi héich, wéi wann een dat an engem klaseschen Haus géif maachen. Dofir hu

5a. Maisonnets de Lasauvage

mir mat deem Devis kee Problem. Mir sinn och frou, dass dee Komplex vun deenen Haiser fir d’Kulturjoer wäert prett sinn. A mir kënnen dat heite wierklech stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. D’Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Häre Schäfferot, Kollegein a Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, den Här vun der Press, zur Renovatioun a Restauratioun vun deenen zwee Haiser a Maisonette-Reien-haiser zu Lasauvage op der Saintignonsplaz. Dës Haiser sollen an d’Rei gesat ginn an hir fréier Struktur. Dat heescht e Retour op fënnf Unitéiten, fir eng zesummenhängend Unitéit ze ginn an herno d’selwecht ausgesinn.

De Gîte op Nummer 82 ass de Bäitrag vun der Gemeng Déifferdeng fir d’Kulturjoer 2022, no Diskussioun mat dem Sites et Monuments, well dës Gebaier klasséiert sinn. Dës Haiser si ficht a mussen emol dréche geluecht ginn. Momentan sti se eidel. Si sinn eng Unitéit. Dat heescht, et ass keng Ofdeelung beim Bau gemaach ginn, zum Beispill Daach, Fassad an Heizung. Et ass technesch net sënnavoll a finanziell méi deier, wann dës Haiser noenee géife restauréiert ginn.

Virgesinn ass e Budget vun 1,2 Milliounen Euro. Et gëtt 240.000 Euro pro Haus investéiert, plus de Gîte. Meng Fro huet den Här Ulveling scho beäntwert. Dass dës Haiser, wa se bis fäerdeggestallt sinn, un den Tourismus weiderginn an och mat 50 % subsidéiert ginn.

D’Demokratesch Partei stëmmt dës Renovatioun a Restauratioun. Merci fir d’Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, eigentlech wollt ech schonn an der leschter Sitzung froen, ob et net besser wär, déi fënnf Haiser an de Gîte rural mateneen ze renovéieren, well jo da verschidde Käschte kënnen agespuert ginn, wéi wa mer zweemol géifen ufänken. Dat krute mer jo grad erkläert an ass gekläert.

Hei hu mer elo fënnf Haiser um Ordre du jour stoen, déi solle renovéiert ginn, fir e geschate Käschtepunkt vun 237.193 Euro pro Haus. Dës Haiser hunn ee Wunnraum vun 29,8 m² um Rez-de-chaussée an zwou Kummere vun etwa 10 m² an engem Buedzëmmer.

Hei schafe mer e puer flott kleng Wunnengen op enger schéiner Plaz op der Zowaasch, praktesch direkt an der Natur. De Verwendungszweck krute mer elo grad vum Här Ulveling erkläert. Am Ganzen e flotte Projet fir den Tourismus zu Déifferdeng ze fërderen. D’CSV stëmmt mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, an der leschter Gemengerotssitzung hate mer eent vun deenen Haiser, wou mer decidéiert hunn, dass dat en Deel géif gi vun deem neie Wanderwee am Süden. Woufir mer 658.000 Euro ausgi wëllen. Wat ech als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei kritiséiert hat, well ech gemengt hunn, dass dat vill ze deier wär fir esou eppes. A wou ech mech och enthal hunn.

Selbstverständlech sinn ech d’accord, dass déi aner Haiser renovéiert ginn. Et ass gesot ginn, dat wäere Wunnengen op enger flotter Plaz. Dat stëmmt och. Mee ech hätt et als Vertrieeder vu menger Partei léiwer gesinn, wann do och Mietwunnenge gemaach gi wäeren. Well et ass jo net esou, wéi wann d’Angebot

soient terminés à temps pour l’année culturelle.

CHRISTIANE SAEUL (DP) va prendre position quant à la rénovation des Maisonnets de rangée sur la place Saintignon à Lasauvage. Ces Maisonnets doivent être remises en état dans leur structure d’antan. Elles seront donc retransformées en cinq unités.

Le gîte qui sera aménagé au numéro 82 constitue l’apport de Differdange à l’année culturelle 2022. Ces bâtiments seront classés monument national.

Les Maisonnets sont humides. Actuellement, elles ne sont pas habitées. Elles constituent une unité. C’est pourquoi les travaux sur le toit, la façade et le chauffage doivent être réalisés en même temps. Restaurer les Maisonnets les unes après les autres reviendrait plus cher.

Le budget se monte à 1,2 million d’euros, c’est-à-dire 240 000 € par maison en plus du gîte. Les subventions devraient se monter à 50 % du montant.

Le DP approuvera les travaux.

GUY TEMPELS (CSV) voulait demander la dernière fois s’il ne valait pas mieux réaliser les travaux du gîte rural et des Maisonnets en même temps. Cela permet de baisser les coûts. C’est ce que monsieur Ulveling vient de dire.

Les cinq Maisonnets doivent être rénovés à 237 193 € chacune. Le séjour au rez-de-chaussée fait 29,8 m² et les deux chambres 10 m². Il y a aussi une salle d’eau.

La commune va créer plusieurs petites habitations chouettes à un bel endroit à Lasauvage. Il s’agit d’un projet permettant de développer le tourisme à Differdange. Les chrétiens sociaux l’approuveront.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle que la dernière fois, le conseil communal a décidé d’intégrer une des Maisonnets à un sentier de randonnée à travers le sud pour 658 000 €. Il s’est abstenu lors du vote, car il trouvait cela trop cher.

Bien entendu, il est d’accord pour rénover les Maisonnets. Mais les communistes auraient préféré que l’on y aménage des appartements à

5a. Maisonnets de Lasauvage

louer. Car il y en a peu à Lasauvage.

Les rénovations dont il est question aujourd'hui coutent moins cher que celle de la dernière séance. Mais Ali Ruckert se demande pourquoi la plus belle place de Lasauvage devrait servir au tourisme. Si des habitants étaient forcés de quitter rapidement leurs habitations, la commune n'aurait plus d'appartements pour les loger.

Pour toutes ces raisons, Ali Ruckert s'abstiendra lors du vote.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se dit lui aussi étonné. Il parlait du principe que ces maisons seraient transformées en appartements à louer. Si le collège échevinal avait ajouté deux ou trois phrases d'explication dans le dossier, les conseillers communaux n'auraient pas à téléphoner aux différents services pour en savoir plus. En tout cas, Gary Diderich parlait du principe que des appartements à louer verraient le jour. Il s'abstiendra lors du vote, car il n'a pas eu le temps de réfléchir à l'affectation des bâtiments. Mais il s'étonne que le collège échevinal voie autant de potentiel touristique à Lasauvage, qui compte déjà un hôtel, une auberge et bientôt un gîte. Quant à lui, il ne dispose pas d'informations confirmant que cela va marcher.

D'un autre côté, il est important de rénover les maisons. Gary Diderich soutient la façon dont les travaux seront réalisés. C'est la future affectation des maisons qui le dérange. En plus, que vont faire les touristes logés dans le gîte? Car il n'y a pas de petits commerces dans la localité. Ils devront prendre la voiture.
(Interruption)

Gary Diderich n'a pas d'informations quant à la forme d'hébergement. Il ne sait même pas qui sera l'exploitant. Il ne peut donc pas prendre de décision en connaissance de cause.

TOM ULVELING (CSV) rétorque que le collège échevinal croit en Lasauvage. L'église est en train d'être rénovée. Il y a deux musées, un chouette étang et une École Nature. La commune est aussi en train de faire réaliser une étude concernant

vu Mietwunnengen zu Lasauvage immens grouss wär.

Et muss ee soen, dass déi Renovatioun och vill méi bëlleg gëtt wéi bei där leschter Wunneng, wat mer decidéiert haten am leschte Gemengerot. Mee ech weess net, firwat een déi schéinste Plaz an deem Duerf soll fir den Tourismus hierginn an net fir Leit ënnerzebréngen. Well et wär jo och d'Méiglechkeet – et ass net esou, dass d'Gemeng vill Wunnengen huet, wann eppes geschitt, wou d'Leit séier missten aus hirem Haus erauskommen. An da si keng Wunnengen do, fir se ënnerzebréngen. Dat hei wär och eng Méiglechkeet gewiescht, fir vorübergehend esou eppes mat deenen Haiser ze maachen.

An aus deene Grënn wëll ech mech bei dësem Vott enthalten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Madamm Buergermeeschtesch, léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, ech muss mech der Verwonerung uschléissen. Ech war och, a priori, dovunner ausgaangen, dass déi Wunnenge fir Mietwunnenge géife benotzt ginn.

An dat wär dann och am Sënn vun der Kommunikatioun, wat ech schonn e puermol gesot hunn, wann een een oder zwee Sätz an esou e Gemengerotsdossier bäisetzt, da gëtt een de Leit, déi doriwwer ofstëmmen, op ee Coup méi Informatiounen, wéi wa jidderee muss déi jeeweileg Leit an de Servicer urufen, fir ze wëssen, wat dann domadder geschitt. Heiansdo geet een einfach vu Saachen aus. Wéi an dësem Fall, muss ech gestoen, dass ech dovunner ausgaange sinn. Wat sech elo net bewahrheitet.

An deem Sënn enthalten ech mech, well ech mech net genuch domadder ausernee gesat hunn, ob dat doten elo méi sënnavoll ass fir Tourismus. Mee mech wonnert et, a priori, e bëssen, dass mir esou vill Potenzial fir Tourismus zu

Lasauvage gesinn, mat deem Gîte rural, mat deem Hotel, wat do ass, mat deem Hebergement, dee mer vun der Gemeng hunn.

Ech hu keng Recherche dozou gemaach. Ech hunn och elo hei net vill Informatiounen kritt, firwat mer mengen, dass dat sech wäert bewahrheiten, dass dat wäert klappen, dass mer direkt all déi Haiser fir den Tourismus besat kréien. Et hätt ee vläicht mol kéinten deels, deels maachen. An deem Sënn wäert ech mech enthalten, well den Zweck mer net ganz aliicht.

Op där anerer Säit denken ech, dass et awer wichteg ass, dass déi Haiser renovéiert ginn. An déi Aart a Weis, wéi se renovéiert ginn, kann ech ënnerstëtzen. Mee de Verwendungszweck, do hunn ech nawell meng Doutten.

An ech mengen, do sinn och an der leschter Gemengerotssëtzung Froen opgeworf ginn, wéi: Wat maachen dann déi Leit, wa se do zu Lasauvage sinn? Virun allem déi am Gîte niewendrun. Mee och hei. Well wann s de kleng Saache brauchs, do ginn et keng kleng Commercen. Da fuere se warscheinlech herno awer mam Auto hin an hier, well hei ass jo keng ... Et feelt mer un Informatiounen doriwwer, wéi déi Leit versuergt ginn. Ass dat e Bed&Breakfast? Et ass nach guer net kloer, wien den Exploitant dovunner ass. An deem Sënn ass et fir mech wierklech net evident, fir hei eng qualifizéiert Meinung an Decisioun ze huelen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll dem Här Diderich äntwerten. Mir gleewen u Lasauvage. Mir sinn amgaang, d'Kierch ze renovéieren, et sinn zwee Muséeën do, e flotte Weier, et ass eng flott Naturschoul do. Mir gleewen drun, wann een den Tourismus zu Lasauvage wëllt developpéieren, dass dat Potenzial huet. A mir sinn och amgaang, eng Etüd maachen ze loosse vu Leit, déi sech doran auskennen. Wann

5b. École et maison relais Woïwer

déi Etüd fäerdeg ass, wäerte mer Iech déi natierlech presentéieren.

Ech wëll awer soen, dass déi Maisonnetten, oder ech hu se Suité genannt, dat ass jo summa summarum relativ kleng, dat Ganzt. Ech weess net, ob een eng Autorisatioun kréich, wann een dat géif verlounen. Well d'Zëmmeren, ech hat Iech et jo gesot, déi sinn 9,8 bis 10 m². An normalerweis, wann een en Zëmmer als Schlofzëmmer gebraucht, muss een däitlech driwwer sinn.

Mer hunn hei d'Chance, elo mol eppes an d'Weeër ze leeden. Wa mer wierklech geséichen, no e puer Joren, dat bréngt et net, kënne mer et jo nach ëmmer verlounen. Mee menger Meinung no huet Lasauvage mat Fond-de-Gras Potenzial. An ech gesinn do Leit, déi mam Vëlo an der Regioun fueren, déi dann do en Halt maache kéinten an do iwwernuechten. Déi hu meeschtens hir Saachen dobäi, fir Kaffi ze drénken. A fir de Rescht gëtt et nach zwee Restaurants an e Café. Do kënne se dann och nach iesse goen, wa se wëllen.

Also ech menge schonn, dass mer op dee Wee sollt goen. Wéi ech matkritt hunn, sidd Der jo plus ou moins alleguerten d'accord, fir dat esou ze maachen. An ech mengen, wann een näischt versicht, da weess een och net, ob et eppes gëtt oder net.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Just als Prezisioun. Nom Gesetz an nom Reglement vum 20. Dezember 2019 sinn et 9 m², déi fir en Zëmmer als Mindestangabe gi sinn. Ausser et ass eng Koppel, zum Beispill, da mussen et, in der Tat, méi sinn. Mee fir eng Eenzelpersoun ass dat do gesetzlech. Just, fir dass elo keng falsch Informatiounen entstinn.

Ech héieren déi Ouverture, dass een dat herno nach fir en anere Verwendungszweck ka benotzen. Den Ënnerscheid ass da just, dass mer elo 75 % géife kréien. An herno da 50 % kritt hunn. A

warscheinlech dee Ministère eis déi 50 % och just gëtt, wa mer dat net just een, zwee Joer mol probéieren an et dann direkt engem anere Verwendungszweck zouféieren.

Dat heescht, wann ee sech net ganz sécher ass, da wär vläicht eng Hallef-Hallef-Léisung méi ubruecht gewiescht, wéi dee ganze Lot direkt dofir ze notzen. Mee wann Dir mengt, dat géif klappen, ech géif mech freeë fir Lasauvage a fir Déifferdeng. Wann et net klappt, da musse mer nach eng Kéier driwwer schwätzen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 abstentions d'approuver les plans et de vis relatifs à la rénovation et la restauration de cinq maisonnettes dans leur structure d'antan sur la place Saintignon à Lasauvage.

Merci. Da géife mer zum Punkt 5b kommen, dat ass en Dekont. Eng gutt Noriicht. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Dir Dammen, Dir Hären, et geet hei ëm den Dekont vun der Extensioun vun der Schoul respektiv der Maison relais Woïwer. Et ass een ëmmer frou als Bauteschäffen – och wann een net direkt dee ganze Merite huet, well do huet jo och schonn den Här Muller dru geschafft –, wann ee kann en Dekont virstellen, dee 450.000 Euro méi bëlleg ass. Dat Ganzt huet eis ënnert dem Stréch, wann een d'Subside vu bal 2,9 Milliounen Euro ofrechent, 4.155.000 Euro kascht. Bei engem Gesamtkäschtepunkt vun e bësse méi wéi siwe Milliounen Euro.

Fir déi Leit, déi nei sinn: Wat ass do gemaach ginn? Um Rez-de-chaussée sinn dräi Precoce-Säll, eng Indoorspillplaz, e

le tourisme. Le collège échevinal la présentera dès qu'elle sera prête.

Tom Ulveling rappelle que les maisonnettes, qu'il a qualifiées de suites, sont petites. Il ne sait pas si la commune obtiendrait les autorisations pour les louer. Les chambres font dix mètres carrés au plus.

Dans quelques années, la commune pourra toujours décider de louer ces appartements. Mais Lasauvage et le Fond-de-Gras ont du potentiel. Les cyclistes passent par cette région. Ils sont bien équipés. En plus, il y a deux restaurants et un café. Tom Ulveling est convaincu que c'est la bonne décision. Qui ne tente rien n'a rien.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) signale qu'une chambre doit faire au moins neuf mètres carrés d'après la loi du 20 décembre 2019. À moins qu'il ne s'agisse d'un couple.

Monsieur Ulveling a dit que l'affectation pourrait évoluer plus tard. Mais aujourd'hui, la commune toucherait 75 % de subsides au lieu de 50 %. C'est pourquoi il vaudrait peut-être mieux opter pour une solution à 50/50.

D'un autre côté, Gary Diderich serait content de voir le tourisme se développer à Lasauvage et Differdange. Autrement, il faudra revenir sur ce point.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à un décompte.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il est question de l'école et de la maison relais du Woïwer. Il est content de pouvoir annoncer que les travaux ont coûté 450 000 € de moins que prévu. Les mérites en reviennent aussi à l'ancien échevin aux bâtisses, monsieur Muller. La commune a obtenu un subside de 2,9 millions d'euros. En tout, elle a payé 4 155 000 € au lieu de 7 millions d'euros.

Tom Ulveling rappelle que l'on a aménagé trois salles pour le précoce, une aire de jeux couverte, une entrée et une salle pour le personnel au rez-de-chaussée, une bibliothèque, une salle de défoulement, une salle de repos, une salle d'expérimentation et deux réfectoires au

6. PAP Mathendahl

premier étage, et trois salles de classe, une salle média et trois terrasses au deuxième étage. Le bâtiment est en bois. La surface se monte à 1800 m². Un acousticien et un expert en baubiologie ont participé au projet.

Le prix se monte à 3888 €/m². C'est cher, mais il faut tenir compte de la structure passive, des mesures à prendre dans les écoles et maisons relais et du recours à un expert en baubiologie.

Tom Ulveling remercie madame Peterhänsel et monsieur Muller. Le résultat est chouette. Les travaux ont duré vingt mois et ont coûté sept-millions d'euros. L'investissement net de la commune est de 4,5 millions d'euros.

ERNY MULLER (LSAP) *tient à rappeler que monsieur Liesch a également participé à la planification du projet. Il signale que le bâtiment a été aménagé en intégrant l'école et la maison relais. De nombreuses discussions ont eu lieu. En effet, même si les structures étaient intégrées, à l'époque, les subsides n'étaient pas versés ensemble. Erny Muller parle de projet pilote. Car le ministère de l'Enfance n'avait pas encore tracé la voie.*

Erny Muller trouve que la commune a fait du bon travail et a continué à appliquer ce modèle à d'autres écoles.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passé au point 6, une modification ponctuelle du PAP Mathendahl.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *précise qu'il s'agit de deux petites modifications. La première est graphique. La surface de construction est adaptée et devient plus cohérente. La résidence en deviendra plus chouette.*

Foyer, eng Entrée mat engem Coin parent a Personalraum geschafe ginn. Um éischte Stack eng Bibliothéik, eng Salle de défoulement, eng Salle de repos, zwee Iesssäll mat Buffet-System an en Experimentéiersall. Um zweete Stack dräi Kllassesäll, e Medieraum an dräi Terrasse mat Hochbeeter.

D'Gebai besteet aus engem Holzbau, ass also e Passivbau. Et huet ongeféier eng Notzfläch vun 1.800 m². Souwuel en Akustiker wéi e Baubiolog hunn hei matgeschafft. D'Miwwele sinn no de Krittäre vum Baubiolog kaf ginn.

Vu dass den Här Muller ëmmer de Präis pro Meterkaree ausrechent, hunn ech deen och ausgerechent, deen ass hei 3.888 Euro pro Meterkaree. Dat ass zwar en héije Präis, mee vu de Contenu vun der Saach, dass et en Holzbau ass, dass et e Passivbau ass, dass et eng Schoul mat enger Maison relais ass, mat sämtlechen Oplagen, déi do verlaangt sinn, respektiv dass mer e Baubiolog mat an d'Boot geholl hunn an en Akustiker, mengen ech awer, dass de Präis korrekt ass.

Ech wëll der Madamm Peterhänsel, déi sech haaptsächlech ëm dësse Bau gekëmmert huet, an natierlech och den Här Muller sengerzäit, villmools Merci soen. Well do ass e flott Resultat erauskomm. Mir haten eng Bauzäit vun 20 Méint. De Käschtepunkt: knapp iwwer siwe Milliounen. Wa mer d'Subsiden ofrechnen, hu mer en Nettoinvest gemaach vu 4,5 Milliounen. Soudass ech mengen, mir hunn hei eppes Flottes geschafen. An, wat och den Här De Sousa gesot huet: Et ass jo fir eis Kaner. An do däerf eis näischt ze deier sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Ech wëll och den Här Liesch nach materanzéien an dee Projet. Dat Interessantst un deem Projet, dee mer praktesch e gutt Joer méi spéit ugefaangen haten, ass, dass mer no deem neie Konzept vu Maison relais

a Grondschoul integrées verfuer sinn. Do ware ganz vill Diskussiounen néideg.

Pluridisziplinär Gruppen hate ganz intensiv mat der Maison relais, mam Personal vu Schoul diskutéiert. Och mat dem Ministère, déi och nach net richtig woussten, wat do iwwerhaapt wär. Well mer hunn zwar integréiert, mee herno sinn erëm d'Unitéiten – dee Moment op jidde Fall – jiddwereng fir sech betruecht ginn, wat d'Subsiden ubelaangt, an esou weider.

Dat war, kéint ee bal soen, e Projet pilote. Well mer hate gespuert, am Ministère de l'Enfance, wou mer waren, dass do nach net dee richtige Wee virgezechent war, wou dat sollt higoen. A mer hunn dat, mengen ech, awer gutt realiséiert kritt. An no deem Modell si mer och mat deenen anere Schoule virugefuer. Dat wollt ech nach ergänzen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Wa keng weider Wuertmeldung méi do ass, da géif ech zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux d'extension de l'école et de la maison relais Woiwer.

Ech soen Iech villmools Merci. Gi mer zum Punkt 6 iwwer, dat ass eng Modification ponctuelle vun engem PAP am Mathendahl. Ech géif der Madamm Pregno d'Wuert dofir ginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Leit alleguerten, et handelt sech hei ëm eng Modification ponctuelle am PAP Mathendahl zu Nidderkuer. Et sinn zwou ganz kleng Modifikatiounen. Eng Kéier eng an der Partie graphique, wou d'Baufenster e bëssen ugepasst ginn ass. Dat erméiglecht, eng méi koherent Surface, fir d'Appartementshaus, d'Residence, ëm

6. PAP Mathendahl / 7. Finances communales

déi et geet, méi flott ze gestalten. Do gouf et e puer quokeleg Ecker. Elo ass et méi e gradwénkelegen Eck. Soudass et méi einfach ass ze bauen an herno och ze amenagéieren.

Déi zweet kleng Modifikatioun, déi ass an der Partie écrite. Do geet et ëm d'Balconen. U sech war virgesinn, dass een Drëttel vun der Längt vun der Fassad kéinte Balcone sinn. A fir et vun der Expositioun, vum Ensoleillement besser ze gestalten, ass dat geännert ginn. Soudass een Drëttel vun all de Längte vun de Fassaden zesumme kéinte Balcone sinn. Dat heescht, et ass net op eng Fassad begrenzt, mee op all d'Fassade vun der Residence. Wat da mécht, dass déi Balconen, déi Richtung Süde respektiv Westen orientéiert ginn, méi grouss kënne sinn.

Ech mengen, dat kënnt deene Leit zergutt, déi herno do wunne wäerten. Well mer jo awer gemierkt hunn, datt mat Covid esou Méiglechkeeten definitiv vill méi genotzt ginn. An d'Leit besser liewen, wa se e kleng Balcon hunn, deen och gutt exposéiert ass. Dat vu menger Säit. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Ass keng Wuertmeldung do? Da komme mer direkt zum Vott, wannechgelift.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Mathendahl à Niederkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de la société INTEGRA INVESTMENT SA.

Da si mer beim nächste Punkt. De Punkt 7a ass d'Fixéiere vum Impôt commercial fir 2021. An de 7b ass d'Fixatioun vun der Grondsteuer fir 2021. Wéi Der gesitt, hu mer déi onverännert gelooss, par rapport zu dësem Joer. Dat heescht, fir den Impôt commercial géif et bei 350 % bleiwen um Gewënn vun der Entreprise. Besteet Gesprächsbedarf? Wann net, da géife mer direkt

zum Vott kommen. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'Grondsteuer wëlle mer erëm net adaptéieren. Och net op Terrainen, déi am Bauperimeter sinn an déi awer net bebaut ginn. Dat bedauern ech dëst Joer. An dat, nodeems eng Gemeng wéi Dikrech gewisen huet, wéi een dat ka maachen an d'Grondsteuer op bebaubarem Terrain ëm dat Zwanzegfach erhéicht huet, fir Drock ze maachen op déi, déi hir Terrainen eidelstoe loossen, obwuel se scho laang am PAG sinn.

D'Grondsteuer zu Lëtzebuerg ass immens niddreg am Verglach mat quasi all deenen anere Länner. A mir hunn eng Logementskris hei zu Lëtzebuerg. Dat wësse mer alleguerten. A wa mer net iergendwann ufänken, déi Hiewelen ze notzen, déi mer hunn, da wäerte mer déi Logementskris net an de Grëff kréien.

Et ware scho Motiounen hei am Gemengerot, fir d'Grondsteuer ze adaptéieren. Ech hat selwer schonn de Virschlag gemaach. Den Ali Ruckert hat scho Virschléi an déi Richtung gemaach. An ech bedauere wierklech, dass mer do nach ëmmer net méi wäit sinn.

Warscheinlech nach ëmmer waarden, dass um nationalen Niveau eppes gemaach gëtt. An den nationalen Niveau, dee waart drop, dass d'Gemengen hir PAGe maachen, bis déi allerlescht Gemeng nach hire PAG gemaach huet, ier um nationalen Niveau eppes geschitt. A wann een op deen anere waart, da sëtze mer laang am Wartesall. A virun allem d'Leit sëtze laang am Wartesall, fir bezuelbar Wunnengen ze kréien.

Vläicht ass net dru geduecht ginn a vläicht wär eng Ouverture do, fir hei nach eng Adaptatioun ze maachen. Op jidde Fall op där Kategorie, wat déi bebaubar Terrainen ugeet. Mee zousätzlech dozou denken ech, dass op eidelstoend Wunnengen misst eng Reegelung kommen. Quitte, dass déi vläicht nach net an alle Fäll 100 % ofgeséichert ass op eidelstoend Wunnengen.

Mee wéi de Camille Gira als Buergermeeschter vu Biekerech ëmmer gesot

La deuxième modification porte sur la partie écrite. Des balcons devaient occuper un tiers de la longueur de la façade. La modification permet de ne pas limiter l'aménagement des balcons à un côté, mais à toutes les façades. De cette façon, les balcons orientés vers le sud et l'ouest seront plus grands. C'est une bonne chose pour les futurs habitants. La COVID-19 a démontré que les gens profitent davantage des balcons bien exposés.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à l'impôt commercial et l'impôt foncier 2021. Rien ne change par rapport à l'année dernière. Le taux de l'impôt commercial reste à 350 %.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

constate que le collège échevinal ne veut toujours pas adapter l'impôt foncier, y compris pour des terrains dans le périmètre de construction. La commune de Diekirch a montré la voie en multipliant l'impôt foncier par vingt sur les terrains constructibles. Cela augmente la pression sur les propriétaires laissant leurs terrains inoccupés. Au Luxembourg, l'impôt foncier est très bas. Or le pays connaît une crise du logement. S'il ne commence pas à prendre des mesures, celle-ci ne pourra pas être maîtrisée.

Gary Diderich rappelle que des motions ont été déposées pour adapter l'impôt foncier. Il suppose que le collège échevinal attend encore des mesures nationales alors que le gouvernement attend que toutes les communes aient terminé leurs PAG. Résultat: les gens cherchant des appartements un coût modéré risquent d'attendre longtemps.

Gary Diderich estime qu'il faut intervenir en ce qui concerne les terrains constructibles et les logements inhabités. Quand il était bourgmestre de Beckerich, Camille Gira avait dit que l'adaptation de la taxation avait motivé les propriétaires.

7. Finances communales

En plus, Differdange leur offre des possibilités avec l' AIS Kordall.

Le collège échevinal a toujours dit qu'il voulait d'abord recourir à d'autres méthodes. Mais l' AIS Kordall a été créée il y a longtemps. Elle réalise du bon travail, mais le moment est venu d'aller plus loin. Certains propriétaires n'ont pas réalisé le sérieux de la situation. Ou alors ils possèdent d'autres logements et ne s'intéressent pas à Differdange.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *soutient 90 % de ce que vient de dire monsieur Diderich. Le problème du logement est crucial au Luxembourg. C'est pourquoi il faut prendre toutes les mesures possibles. Mais certaines remarques ne sont pas claires.*

Tout d'abord, il est question de l'impôt foncier et non d'appartements vides.

Ensuite, monsieur Diderich a cité Diekirch comme modèle. Or Diekirch n'activera son adaptation que l'année prochaine. Elle n'est donc pas encore en vigueur. Esch-sur-Alzette a pris la même décision il y a quelques années, mais n'a toujours pas perçu la moindre taxe sur les terrains vides pour des raisons juridiques.

Par ailleurs, la commune n'augmenterait pas seulement l'impôt foncier sur les terrains vides, mais sur tous les terrains. Cela permettrait de renflouer les caisses, mais tel n'est pas l'objectif.

Il faudrait aussi savoir de combien de terrains Differdange dispose.

ERNY MULLER (LSAP) *est du même avis que monsieur Liesch. Monsieur Diderich s'intéresse beaucoup au logement, mais ses idées ne sont pas abouties.*

Il ne faut pas oublier l'aspect social. Comme l'a dit monsieur Liesch, l'impôt foncier augmenterait aussi pour les maisons construites. Tous les citoyens seraient concernés. La commune doit donc se demander comment compenser une telle augmentation.

huet: Dee Moment, wou Biekerech dat gemaach huet, si ganz vill Proprietären, déi sech a Beweegung gesat hunn. An ech mengen, mir ginn de Proprietären, déi eng Wunneng eidelstoen hunn, vläicht aus Grënn, dass se net wëssen, wéi se sech do sollen uleeën oder Angscht hu virun enger Locatioun, ganz vill Méiglechkeeten iwwert d'Agence Immobilière Sociale Kordall.

An zu esou enger Steuer ass ëmmer gesot ginn hei am Gemengerot: Mir probéieren et fir d'éischt anescht. Mir probéiere fir d'éischt, de Leit eppes Alternativen unzebidden. Mee ech mengen, dass d'Agence Immobilière Sociale elo laang genuch ënnerwee ass a gutt genuch gewisen huet, wéi eng Aarbecht se ka leeschten.

Soudass mer sou lues déi nächst Ustéiss kéinte ginn, fir déi Leit, déi nach net de Seriö vun der Situatioun realiséiert hunn oder einfach net de Besoin gesinn, well se zum Deel méi wéi genuch Objeten hunn, uechtert d'Land an hinnen den Zentrum vun Déifferdeng zimmlech egal ass. An da muss warscheinlech bei verschiddenen och eng finanziell Necessitéit entstoën, fir dass do endlech eppes geschitt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt vläicht do kuerz preziséieren. 90 %, wat den Här Diderich elo gesot huet, kënne mir als Gréng mat zwou Hänn ënnerschreiwen. De Problem vum Logement hei zu Lëtzebuerg ass ee ganz kruzialen. A mir sollten all Hiewelen, déi mer hunn, a Beweegung setzen. Mee et waren awer elo e puer Saachen, wéi ech fannen, déi e bëssen onkloer waren. An ech wëll probéieren, déi awer e bësse riichtzesetzen.

Mir schwätzen hei vun dem Impôt commercial an dem Impôt foncier. Mir schwätzen net vun Taxen op eidelstoend Wunnengen. Dat ass eppes ganz anescht. Wéi gesot, ech ginn dem Här Diderich an der Saach Recht, dass een och do eppes sollt maachen. Mee

ëm dat geet et an dësem Punkt hei guer net.

Et geet also ëm den Impôt foncier. Wou ee kéint op eidelstoend Plazen, Bauplazen an Impôt foncier maachen. Dir hutt Dikrech ugeschwat. Dir hutt gesot, Dikrech hätt dat gemaach. Dat ass net ganz richtig. Dikrech wäert dat eréischt d'nächst Joer aktivéieren. Dat heescht, si hunn dat elo emol wëllen. Et ass also nach net a Kraaft. D'Gemeng Esch hat dat viru Jore schonn eng Kéier gemaach. An huet awer bis haut nach net eng eenzeg dovunner konnten eranzéien, iwwert déi Tax. Deemools hate si eng Tax gemaach op eidelstoend Plazen, well dat juristesche net gaangen ass.

Natierlech kéint een hei elo iwwert den Impôt foncier d'Steier eropsetzen. Mee da setzt een net nëmmen d'Steier erop op den Terrainen, déi eidelstinn, mee da setzt een och d'Steieren erop op all den Terrainen, wou en Haus drop steet. Domadder fëllt een natierlech d'Gemengekeess ganz gutt. Mee ob mer domadder den Zweck erreechen, sief awer da vläicht nach dohigestallt.

En plus misst een dann och nach wëssen, wéi vill Terraine mer hei zu Déifferdeng eigentlech hunn. Ob deen Exercice derwäert ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt am Fong an déi selwecht Richtung goen, wéi den Här Liesch dat elo gemaach huet. Den Här Diderich huet wuel seng Iddi doranner, och seng perséinlech Iddi. Obwuel hie sech jo vill mat deem Sujet do ofgëtt, ass en net ausgeräift, mengen ech emol. Ech gesinn och e soziale Volet do dran. A vun deem gëtt ni geschwat.

Well den Här Liesch huet et zum Schluss gesot: Am Endeffekt geet den Impôt foncier, wat d'Wunnengen ubelaangt, op dat bebautent Haus, drastesch an d'Luucht. An do ass all Stot, jiddwer Bierger aus der Gemeng concernéiert. An do muss ee sech awer och

7. Finances communales

iwwerleeën: Wéi kritt een dat erëm of-
gefiedert? Well wann Der sot, mer ginn
a Richtung vläicht, wéi et am Ausland
ass, da kënnt allerhand op eis Bierger
duer. An ech mengen, dat wëlle mer jo
och net direkt.

Duerfir mengen ech, sollt een der Ma-
damm Inneministesche eng Chance
ginn. Si huet jo gesot, dass intensiv
doru geschafft gëtt, dass mer eng global
Lösung kréien. An do sinn da selbstver-
ständlech och alleguer déi Taxe mat
dran. Ob dat op onbenotztem Terrain
ass, op Baulücken an esou weider an
esou fort.

Dass dat soll virугоen a weidergoen,
do ass d'LSAP, hei vun Déifferdeng op
jiddé Fall, der Meenung, dass dat soll
weidergoen.

Dobaussen, wat een awer mierkt, dass
elo ganz massiv driwwer geschwat gëtt.
Et ass bal all Dag iergendeppes an der
Press iwwert dee Sujet. Soudass schonn
eng gewësse Bewegung awer an deen
Dossier komm ass. Mee mir hoffen,
dass mer geschwënn eng Lösung um
nationale Plang fannen, déi da kéint an
alle Gemenge plus ou moins gläich-
wäerteg ugepasst ginn oder agesat ginn.
A mir hunn do awer vollt Vertrauen an
d'Inneministesche, dass dat net eidel
Wieder bleiwen, mee dass deemnächst
eppes do virläit. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch,
wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just meng Ausso nach e bësse
relativéieren. Wann een d'Tax Impôt
foncier eropsetzt, huet ee jo
d'Méiglechkeet, iwwert déi gewësse
Kategorien, trotzdeem e Steierelement
eranzebréngen. An do kéint een natier-
lech och soen: Mir setzen net den Impôt
foncier op alles erop. Mee mir setzen en
da just erop op déi Terrainen, déi effek-
tiv net bâti sinn. Esou géif een zumin-
dest offiederer, dass déi Terrainen, déi
bâti sinn, méi deier géife ginn. Also déi
Méiglechkeet hätte mer schonn.

Mee da bleift nach ëmmer d'Fro, ob
mer dat wëllen. An ob dee Steuerungs-
sekt, dee mer domadder erreechen,
wierklech ginn ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Liesch, dass Der dat nach
eng Kéier prezisiéiert hutt. Also ech hu
kloer vun deene geschwat. An och zu
Dikrech geet et rieds ëm d'Kategorie
B6. Mir hunn hei jo siwe verschidden
Tauxen an deem Tablo, wou mer adap-
téieren. Den A ass op 250 %, Propriété
agricole. De B1 ass op 750 %, Con-
struction industrielle et commerciale.
De B2 ass 250 %, Construction à usage
mixte. B3, Construction à autre usage.

An dann de B4, vu deem gëtt hei elo ge-
schwat. Wéi wann ech hei net wéisst, vu
wat ech géif schwätzen. Wéi wann dat
net ausgeräift wär. De B4 sinn d'Mai-
sons unifamiliales an d'Maisons de rap-
port. Dat ass dat, wat d'Leit con-
cernéiert, déi elo en Haus op hirem Ter-
rain stoen hunn. An do hunn ech elo
net proposéiert drun ze goen.

Ech hu proposéiert, an der Katego-
rie B6, Terrains à bâtir à des fins d'habi-
tation – deen ass op 600 %. 600 % vu
relativ wéineg. Well mir wëssen alle-
guerten, dass dee Grondwäert nach aus
enger vereelzter Zäit ass. Dat heescht,
wann een dee mol géif eropsetzen. Dat
ass dat, wat ech proposéieren. An dat
géif net all Stot eppes kaschten, wéi den
Här Muller elo hei gesot huet. Dat
stëmmt net. Also ech mengen, déi Aus-
so ass net ausgeräift.

An och wann an der Press ganz vill ge-
schitt, an hei am Gemengerot geschitt
net vill, da komme mer awer net onbe-
dénkt weider. An ech ka gären enger
Ministesche vertrauen. Mee vu dass
schonn esou vill Ministeren no Vertrau-
en a Gedold gefrot hunn, a vu dass d'Si-
tuatioun sech ëmmer méi verschlëm-
mert, ass et, mengen ech, awer net ze
vill verlaangt, fir iergendwann ze soen:
Elo muss een awer och eppes maachen.
An net nëmmen dat thematiséieren an
nennen.

*C'est pourquoi il vaut mieux laisser
une chance à madame la ministre
de l'Intérieur. Elle recherche une
solution globale comprenant des
taxes sur les terrains inutilisés. Les
socialistes sont d'avis qu'il faut
poursuivre sur cette voie.*

*Il est beaucoup question de ce sujet
actuellement. Tous les jours, il y a
des articles dans la presse. Erny
Muller espère que le pays disposera
bientôt d'une solution pouvant être
mise en œuvre dans toutes les com-
munes. Il fait entièrement confiance
à la ministre de l'Intérieur.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *tient
à nuancer ces propos. Il est possible
de ne pas augmenter l'impôt fon-
cier pour toutes les catégories, mais
uniquement pour les terrains non
bâtis. Mais il n'est pas convaincu
que cela apportera les résultats es-
comptés.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *remer-
cie monsieur Liesch d'apporter ces
précisions.*

*Il signale qu'à Diekirch, il n'est
question que de la catégorie B6. Il
rappelle que le taux de la catégo-
rie A, les propriétés agricoles, est
fixé à 250 %, la catégorie B1, les
constructions industrielles et com-
merciales, à 750 %, la catégorie B2,
les constructions à usage mixte, à
250 % et la catégorie B3...*

*La catégorie B4 porte sur les mai-
sons unifamiliales et les maisons de
rapport. Gary Diderich n'a jamais
dit qu'il fallait augmenter l'impôt
pour cette catégorie. Il parle de la
catégorie B6, les terrains à bâtir à
des fins d'habitation, dont le taux
est fixé à 60 %. C'est peu. Si on
l'augmentait, tous les ménages
n'auraient pas à payer plus. L'affir-
mation de monsieur Muller n'est
pas aboutie.*

*La presse a beau écrire beaucoup, si
le conseil communal n'agit pas, on
n'avancera pas. Gary Diderich veut
bien faire confiance à la ministre,
mais les autres ministres prônaient
aussi la patience et la situation n'a
fait qu'empirer.*

7. Finances communales

Il propose d'augmenter le taux tous les ans — ne serait-ce que de 100 % ou 200 %.

En plus, il existe un projet de l'Agence immobilière sociale nationale consistant à aménager des logements modulaires sur les terrains. Si plus tard, le propriétaire décide de construire quelque chose sur son terrain, cela restera possible. Il n'y a donc aucune raison de laisser un terrain vide. Si un propriétaire veut le faire malgré tout, il devra verser de l'argent pour la collectivité.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle que la bourgmestre ne veut pas modifier les taux de l'impôt commercial et de l'impôt foncier. Pourquoi?

Pour pouvoir prendre position, Ali Ruckert doit comprendre les raisons de cette décision.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) estime que dans la situation dans laquelle on se trouve, il ne faut en aucun cas modifier les impôts. On ne sait pas ce qui va arriver aux petites entreprises ou aux grandes. C'est pourquoi Christiane Brassel-Rausch pense qu'il faut attendre et réagir ensuite. Elle ne veut pas prendre une telle décision alors que les temps sont vraiment précaires.

ALI RUCKERT (KPL) signale que l'impôt commercial et l'impôt foncier n'ont pas été adaptés depuis longtemps. Les majorités successives ont refusé d'augmenter l'impôt commercial même quand il n'y avait pas de crise. C'est donc la volonté qui fait défaut.

En plus, seules peu d'entreprises payent l'impôt foncier. Les épiciers et les petits commerçants ne sont pas concernés. Les entreprises en question réalisent de gros bénéfices. Une augmentation est donc logique.

An dat heiten, dat deet jo awer wierklech just – a souwisou kann een dat progressiv maachen. Dat heescht, et kann ee soen, all Joer gi mer ab elerop. A wann et nēmmen em 100 % ass oder 200 % erop. Fir dass d'Leit ufanken ze bougéieren, déi op hirem Terrain sëtze bleiwen.

An ech wëll nach eng Kéier soen, souguer wann een en Terrain huet an e wëll e spéider fir iergendwellech aner Zwecker notzen, da gëtt et e Projet vun der Agence Immobilière Sociale um Niveau national, dee modular Wunnunitéiten op deem Terrain setzt. Eppes Klenges de Leit dofir bezilt. Déi Zäit ass Wunnraum do. Wann ee spéider wëll, dass d'Enkelkanner kënnen do bauen oder esou, dann ass dat och guer net ausgeschloss.

Dat heescht, et gëtt quasi keng Excuse, fir e Bauterrain eidelstoen ze loossen. A wann, da soll ee wéinstens der Allgemengheet, iwwer Steieren, Sue ginn, fir dass d'Allgemengheet da ka fir Wunnraum suergen. Wat mer jo och méi a méi maachen als Déifferdenger Gemeng. Mee dofir brauch een och Suen. An d'Steieren ass een Deel dovunner, fir dat ze maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären. Madamm Buergermeeschtesch, Dir hutt eis gesot virdrun, dass Der déi Tauxë fir d'Gewerbsteier an d'Grundsteier esou wëllt beloossen, wéi se elo sinn. Dir hutt eis awer net gesot, firwat Der se wëllt beloossen. Firwat Der se net wëllt eropsetzen. Kënnt Der eis vläicht soen, firwat Der se net wëllt eropsetzen? Ech wëll natierlech dann och nach Stellung dozou huelen. Mee fir d'éischt wëllt ech awer emol wëssen: Firwat wëllt Der do näischt änneren?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ganz einfach, Här Ruckert, wann ech direkt däréf äntweren: Ee Punkt ass, aus menger Siicht, et gëtt driwwer geschwat, dass een d'Steieren elo a kengem Fall soll upaken, well d'Zäiten elo esou sinn, wéi se sinn. Dat heescht, et weess keen, wat op een zoukënnt. Och net op déi kleng Betriber. Och net op déi grouss Betriber. Ech denken, de Misär ass op ville Plaze virprogramméiert. An ech weess net, ob mer net sollte vläicht ofwaarden an duerno reagéieren. Wéi elo an enger Zäit, déi wierklech prekär ass, wou kee weess, wou et higeet, fir dann esou Decisiounen ze huelen.

ALI RUCKERT (KPL):

Okay. Ech soen Iech Merci. Däréf ech weiderfueren?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Et ass jo esou, dass déi Gewerbebesteier an déi Grondsteier schonn zënter ganz laangem net méi ugepasst gi sinn. An dës Majoritéit, an déi Majoritéit virdrun, huet ëmmer refuséiert, d'Gewerbebesteier ze erhéijen. Och zu Zäitpunkten, wou keng Kris war. Et ass also kee Grond fir ze soen, elo wou Kris ass, därfe se net erhéicht ginn. Se sinn och net erhéicht ginn, wa keng Kris war. Et war also net de Wëllen do, fir déi Steieren ze erhéijen.

Et ass jo och esou: D'Gewerbebesteier, dat ass jo keng Steuer, déi elo dee klengen Epicier trefft oder soss e klengt Geschäft. Et si jo ganz wéineg Betriber, déi Gewerbebesteier bezuelen. Et sinn an éischter Linn déi grouss Betriber. An déi Betriber, déi vill Profitter maachen.

An dofir wär et nēmmen logesch, dass d'Gewerbebesteier géif erhéicht ginn an dass en Deel dovun un d'Allgemengheet zrëckgeet. Well et ass jo och net esou, wéi dat elo duergestallt gëtt, dass op eemol d'Coronakris géif derzou féie-

7. Finances communales

ren, dass et deene grouse Betriber oder de Banken – mer hu jo och eng Rëtsch Filiale vu Banken hei zu Déifferdeng –, géif dofir méi schlecht goen.

Dir hutt all matkritt, dass e grouse Betrib, Guardian, elo erzielt huet, wéinst der Coronasteier géif et hinne schlecht goen a se missten iwwer 200 Aarbechtsplazen ofbauen. Dat ass elo net grad zu Déifferdeng, et ass zu Dideleng. Et trifft awer dee ganze Süden. Dat ass natierlech eng Ligen, eng absolut Ligen. Well dee Betrib scho viru Joren decidéiert huet, an Osteuropa ze investéieren an net méi zu Lëtzebuerg. Dat huet also guer näischt mat Corona ze dinn.

An esou ass et och bei anere Betriber. Och bei der ArcelorMittal, déi hei zu Déifferdeng ass. Déi verzielen eis elo, se missten iwwer 500 Aarbechtsplazen ofbauen, well et wéinst Corona net esou gutt geet. Och dat ass eng Ligen. Ech muss dat hei kloer esou nennen. Et ass net d'Onwourecht, et ass eng Ligen. Well dee selwechte Konzern hat virun zwee Joer e Rationaliséierungsplang ugeholl, wou scho bal 400 Aarbechtsplaze sollten ofgebaut ginn. Et kann een also net alles op Corona drécken.

An dofir mengen ech och, dass Corona keng Ausried soll sinn, fir déi Gewerbesteier, déi just déi grouss an déi mat vill Profitter trifft an net dee kleng Geschäftsmann, dass een déi misst erhéien. Dir wëllt dat net maachen. Bei der Grondsteuer hunn ech elo festgestallt, dat wëllt Der och net maachen. Ob-schonn dat och absolut noutwendeg wär.

Et ginn ëmmer erëm Virwänn geholl, fir dat net ze maachen. Ech hat gehofft, Dir wäert vläicht e bësse méi asiichteg, well et jo och am Sënn vun der Allgemengheet wär, wann dat géif geschéien. Besonnesch och well d'Gemeng sech muss iwwerleeën, wou se un nei Einnahme kënnt, well de Staat jo higaangen ass an decidéiert huet, dass d'Gemeengen iwwer 400 Milliounen Euro maner kréien. Och da warscheinlech d'Gemeng Déifferdeng.

Well mat deenen iwwer 400 Milliounen Euro, déi en elo spuert, huet e virun dräi Wochen e Militärfliager dermat bezuelt vun iwwer 400 Milliounen Euro. Mee dat ass d'Realitéit. Wann Dir

näischt do wëllt maachen, da sot de Leit dat. Op alle Fall sinn ech als Vertrieber vun der Kommunistescher Partei net domat d'accord. An ech wäert och géint déi zwou Steieren, wéi se hei virgesi sinn, stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. D'Madamm Pregno huet sech d'Wuert nach gefrot.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech wollt just e puer Prezisiounen. À plusieurs reprises waren déi Remarken jo schonn hei komm. Et ass net, dass mer näischt gemaach hunn. Mir hunn eis dat schonn zu Häerz geholl. A mir sinn och bei eis Leit froegaangen, wéi et mat eisen Terrains constructibles ausgesäit. Entretemps hu mer eng ganz Lëscht, wou déi Terraine sinn, wéi grouss déi Terraine sinn, ob PAPen drop sinn oder ob keng drop sinn. Déi Lëscht hu mer.

Mir hunn eis déi am Schäfferot duerchgekuckt a mir hunn eng ganz laang Diskussioun driwwer gefouert, wat mer wéilten an der Gemeng. An ech muss ganz éierlech soen, dass mir och Bedenken hunn, déi Tax ze maachen. Einfach vum Punkt hier: Wuesstem. Wéi komme mer no? Wou komme mer hi mat eise Schoulen? Wou komme mer hi mat eisen Infrastrukturen? Wou komme mer hi mat eise Stroossen? Mir packen dat am Moment net.

Mir gesinn zu Nidderkuer e ganz neie Quartier entstoën. Wou dann och gläichzäiteg eng Schoul opgeet. Mee mir gesinn awer och schonn, mol eng Kéier, wou d'Gemeng et fäerdegbruecht huet, gläichzäiteg mam Wuesstem Schoul ze kreéieren, dass mer awer net genuch Schoulraum hunn. Well no engem Quartier existant, dee kreéiert gëtt, awer nach iwwerall aner existent Quartiere weider wuessen.

Obwuel de Schäfferot, deen dee Moment en place war, Etüde maache gelooss huet, wéi d'Bevëlkerung viraussichtlech géif wuessen. An och mat all deem Wëssen do, hänke mir dann elo, zum Beispill zu Nidderkuer, mam Schoulraum hannendran. Dat ass eng

Il faut arrêter de faire croire qu'à cause de la COVID-19, les grandes entreprises et les banques se portent mal. À Dudelange, Guardian a annoncé qu'ils devraient licencier 200 personnes à cause de l'impôt sur la COVID-19. Mais c'est un mensonge, car l'entreprise a décidé il y a des années d'investir en Europe de l'Est et plus au Luxembourg.

La même chose est vraie pour ArcelorMittal qui prétend devoir supprimer 500 postes à cause du coronavirus. C'est faux. Il y a deux ans, cette entreprise a annoncé un plan de rationalisation prévoyant la suppression de 400 postes. C'est pourquoi le coronavirus ne peut pas servir d'excuse pour ne pas augmenter l'impôt commercial.

Le collège échevinal ne veut pas non plus augmenter l'impôt foncier. Il y a toujours des excuses. Ali Ruckert espérait que des changements auraient lieu au nom de la collectivité. Car la commune a besoin de fonds alors que l'État a décidé de baisser ses revenus. Il a acheté un avion militaire pour plus de 400 millions d'euros.

Si le collège échevinal ne veut pas intervenir, il n'a qu'à le dire clairement. Mais les communistes ne sont pas d'accord. Ali Ruckert votera contre les deux taux.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) souhaite apporter quelques précisions. Ces remarques ne sont pas nouvelles. Mais ce n'est pas comme si le collège échevinal n'avait rien fait. Il a notamment dressé une liste des terrains constructibles.

La commune sait donc où ils se trouvent et si un PAP y est prévu.

Le collège échevinal a longtemps discuté au sujet d'une taxe. Mais il ne faut pas oublier la question de la croissance. Differdange a besoin d'écoles, d'infrastructures et de routes. La commune n'arrive pas à suivre.

Laura Pregno prend l'exemple de Niederkorn. Le collège échevinal a réussi à construire une école en même temps qu'un nouveau quartier. Mais cela ne suffit pas, car parallèlement, les quartiers existants croissent aussi. Et cela bien que le collège échevinal ait fait réaliser une étude démographique. Cette si-

8. Structures d'accueil

tuation ne satisfait pas le collègue échevinal, qui veut investir dans les enfants et les jeunes.

Il a finalement décidé de ne pas toucher aux impôts sur les terrains constructibles. Ces terrains sont inutilisés. Ils ne sont pas beaux. Cela a des conséquences sur le voisinage. Ils sont sales et insalubres. Il y a des rats...

Par ailleurs, madame Brassel-Rausch fait beaucoup dans le domaine du logement. Les services communaux concernés se montrent proactifs. Ils contactent les propriétaires en question et essayent de les convaincre de réaliser un projet. Ils proposent leur aide. Les choses sont en train de bouger.

C'est pourquoi monsieur Ruckert ne peut pas dire que le collège échevinal ne fait rien. Il avance à petits pas. Car il ne sert à rien de parler beaucoup sans agir concrètement.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé au vote.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
propose de séparer les deux votes.
(Votes)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé au concept d'action général 2021-2024. Le dossier est volumineux. La partie A est disponible en version papier, mais la partie B se trouve uniquement sur le Diffcloud.

Le ministère de l'Éducation nationale demande de tels concepts tous les trois ans. Ces concepts illustrent le travail pédagogique dans les structures d'accueil, c'est-à-dire la façon dont l'éducation non formelle est appliquée dans les différentes structures. Chaque site dispose d'un concept.

Christiane Brassel-Rausch rappelle que les maisons relais de Differdange fonctionnent selon le concept du « Weltatelier ».

Situatioun, déi mir net flott fannen. Gleeft eis dat.

Mir wëlle Suen ausgi fir eis Schüler a mir wëllen och eis Jugend gutt encadréieren zu Déifferdeng. Mee wa mir einfach weiderwuessen, ouni ze wësse wouhin, da kréie mir dat net hin.

Dat heescht, mir hunn déi Diskussioun gefouert. Ech soen dat elo ganz éierlech hei. A mir hunn eis entscheet, elo am Moment, déi Terrains constructibles net unzepaken. Mir hunn e Choix gemaach. An de Choix ass drop gaangen ze soen: Wat ass da mat deem Wunnraum, dee schonn do ass? Well deem ass eidel. An e gesäit schlecht aus. A firwat dat verkomme loossen? Virun allem, well e jo eidel ass an dann och nach d'Noperschaft dovou beträff ass. Well en eidele Wunnraum generéiert knascht, generéiert Raten, generéiert Insalubritéit an Delabrement an engem Quartier.

An ech mengen, ech brauch Iech net ze soen, dass d'Madamm Rausch immens vill investéiert mat hirem Ressort an der neier Logementspolitik, fir déi Saaachen opzegräifen. An déi responsabel Büroe vun der Gemeng sinn do wierklech un enger proaktiver Politik amgang ze schaffen, op déi Proprietären duerzegoen an ze soen: Hei lauschtert, wëllt Der dann net deen dee Projet vläicht opgräifen? Kënne mer net hëllefen? Kënne mer hei oder kënne mer do?

Do beweegt sech awer eppes. Dir kënnt also net soen, dass näischt geschitt ass. Et ass e Choix, dee mer gemaach hunn. An et ass e Choix mat klenger Schrëtt. Einfach fir ze soen, wat mir als Gemengeresponsabel an eis Leit, déi schaffen, packen. Well ech muss Iech jo net soen, dass och ëmmer vill geschwat gëtt an herno wéineg gemaach gëtt. An dat wëlle mir eis herno awer och net soe loossen. Well da kréie mer der och erëm lénks a riets laanscht d'Baken.

Ceci dit, merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer zum Vott. Mir trennen déi zwee. Mir maachen zwee Votten.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mir fänke mam Impôt commercial un.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 1 voix non de fixer le taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2021.

An dann den Impôt foncier.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 voix non de fixer le taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2021.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 8, Concept d'action général 2021 bis 2024. Wéi Der vläicht festgestallt hutt, dat ass en enorm voluminéis Dossier. Déi Leit, déi et op Pabeier kritt hunn, déi hunn den Deel A um Pabeier. Den Deel B, deem ass esou grouss, deem ass just op der Diffcloud verfügbar.

Et ass eppes, wat mer vum Ministère de l'Éducation nationale gefrot gi sinn. Déi Konzepter ginn all dräi Joer gefrot vun der Education. Et soll een illustréieren, ënner anerem, wéi mer an eise Strukture pedagogesch schaffen. Konkreet hëlt d'Konzept Bezuch op de Rameplang zur non-formaler Bildung an illustréiert, wéi mer dësen an deenen eenzele Strukturen ëmsetzen. Dat heescht, et geet net ëm e globaalt Konzept, mee all eis Sitte ginn eenzel do behandelt. Ech kann Iech soen, et ass nawell eng zolidd Aarbecht.

An eise Maison-relais schaffe mer jo nom Konzept an der Orientatioun vum Weltatelier. Leider muss ech awer soen, dass aktuell um Terrain d'Ëmsetzung vum Konzept opgrond vun der aktueller sanitärer Situatioun adaptéiert ginn ass a gëtt. Souzesoe gëtt de Weltatelier am Moment an d'Raim bruecht. Ech hat dat schonn eng Kéier gesot. Dat

8. Structures d'accueil

heescht, d'Kanner lafen net méi duerch d'Haiser, mee gi sech de Raum sichen. D'Educateure komme mat verschidde-ne Raim an dee Raum, an deem d'Kanner jo musse bleiwen. Wou se dann an deene verschiddenen Ecker kënnen déi Beschäftegung eraussichen, op déi se grad Loscht hunn.

D'Absicht ass, dass dat Konzept, wann et och fir dräi Joer elo virgeschriwwen ass, méi laang gutt soll sinn. Dofir sinn déi och mat dëser Perspektiv geschriwwen. Dat heescht, et ass op dräi Joer limitéiert vum Ministère.

Ech erënneren drun, dass mer jo opgestockt hunn. Dat wësst Der jo, dass mer virun e puer Méint en Här bäikritt hunn, dee sech nëmmen ëm den administrative Volet vun de Maison-relais bekëmmert. Soudass mer eng Persoun hunn, déi ganz am Ufank agestellt ginn ass, déi sech ganz den Haiser an dem Konzept ka widmen.

An eise Crèche schaffe mer un der Orientatioun mam pedagogesche Konzept Emmi Pikler, respektiv eis Bësch-crèche kombinéiert mat Wald- und Naturpädagogik.

Wéi gesot, déi Konzepter si vum Educationministère gefrot a si Bestanddeel vun der Qualitéitssécherung, niewent dem Journal de bord an der Formation continue vun de Leit. Am Austausch mat den eenzelne Strukturen ginn dem sozioedukative Personal reegelméisseg Formationen proposéiert. Oder d'Leit kënnen sech selwer a Formationen aschreiwen.

Momentan gi verstärkt Online-Formationen gemaach, opgrond vun der aktueller sanitärer Situatioun. Den ugefrotenen Deel A, deen Dir vum Konzept krut, gëtt och online vum Educationministère publizéiert. Den Deel B betrëfft verstärkt de pedagogeschen Deel an ass Bestanddeel vum Echange um Terrain. Deen dann awer stattfënnt mat den zoustännegen Agents régionaux, mat de konkreete Strukturen.

Den Agent régional, deen ass vum Ministère. An dee mécht zweemol am Joer eng Visitt an den eenzelne Strukturen a kuckt, wéi pedagogesch geschafft gëtt a wéi de Rahmenplan zur non-formaler Bildung konkreet um Terrain ëmgesat gëtt.

Op der Grondlag vum pedagogesche Konzept gi si eis Réckmeldung a Proposen, wéi mer eis Qualitéit an eise Strukturen an Orientatioun un de Rahmenplan verbessern oder optimiséiere kënnen. Wéi gesot den Deel A gëtt vum Educationministère online publizéiert. Fir dat och direkt mat den Dokumenter visuell ze maachen, goufen déi zwee gefroten Dokumenter separat preparéiert.

D'Konzept vum Weltatelier wéi och d'Formationen mussen natierlech ugepasst oder adaptéiert ginn, wann d'Evolution vun der aktueller sanitärer Situatioun et erfuerdert.

Déi pedagogesch Konzepter, den Deel A an den Deel B vun eise Betreuungsstrukturen, vun 2021 bis 2024, bidden ech Iech haut ze stëmmen.

An ech wollt kuerz dovunner profitéieren, fir dorobber zrëckzekommen, wat eis Betreuungsstrukturen ugeet. Ech betounen nach eng Kéier, wéi gutt mir am Moment dostinn als Gemeng, wat d'Zesummenaarbecht vu Schoul a Maison relais ubelaangt.

Personaltechnesch sti mer momentan ganz gutt do an eise Betreuungsstrukturen. Musse kucken, dass mer net iwwerpersonaliséieren. Mir stinn op zolitte Pilieren. Mir hunn Ersatz. Wéi mer elo personaltechnesch opgestallt sinn, hu mer eng Stabilitéit an all Struktur. Dat heescht, d'Kanner kennen hir Leit, déi mëttlerweil do schaffen. Wat de Kanner och eng gewësse Sécherheet gëtt. Wat se jo och froen. Wat och gutt esou ass.

An am leschte Joer hu mer vill méi Rou an eis Strukturen kritt an et huet vill manner grouse Wiessel stattfonnt. Wëll ech ganz kloer hei, no confirméierten Aussoen, nach eng Kéier feststellen. Domadder hätt ech mäint gesot.

Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, fir d'ëischt emol wëll ech all deene Leit, déi un der Ausaarbechtung vun de verschiddenen Dokumenter matgeschafft hunn, ee ganz grouse Merci aussprieden. Et

Le concept a dû être adapté actuellement à cause du coronavirus. Les enfants doivent rester dans des salles, où ils peuvent choisir le type d'occupation.

Les concepts portent sur trois ans, mais ils resteront valables plus tard.

Christiane Brassel-Rausch rappelle qu'il y a quelques mois, la commune a recruté un employé s'occupant du volet administratif des maisons relais. Une autre personne s'occupe uniquement du concept.

Les crèches appliquent les principes pédagogiques d'Emmi Pikler et de la pédagogie en forêt.

Le personnel socioéducatif participe aussi régulièrement à des formations. Actuellement, les formations sont souvent en ligne.

La partie A du concept sera publiée en ligne par le ministère de l'Éducation nationale. La partie B sera traitée sur le terrain entre les structures et les agents régionaux du ministère. Deux fois par an, l'agent régional visite les différentes structures et évalue l'application de l'éducation non formelle sur le terrain. Il fait ensuite des propositions pour améliorer le plan-cadre.

Christiane Brassel-Rausch répète que la partie A sera mise en ligne. Les deux documents ont été préparés séparément.

Le concept du « Weltatelier » et les formations devront être adaptés à l'évolution de la crise sanitaire.

Christiane Brassel-Rausch demande aux conseillers communaux d'approuver les concepts.

Elle profite de l'occasion pour souligner à nouveau la bonne collaboration entre l'école et les maisons relais.

Pour ce qui est du personnel, les structures d'accueil disposent de ce dont elles ont besoin. Les structures sont stables. Les enfants connaissent les éducateurs s'occupant d'eux ce qui les sécurise. Au cours des dernières années, la situation s'est vraiment calmée.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) tient à remercier tous ceux ayant contribué à élaborer les documents. Il est évident que le personnel est engagé et qu'il a participé activement à la rédaction des concepts. Pour que les structures d'accueil fonc-

8. Structures d'accueil

tionnent, il faut que le personnel aime y travailler.

Le respect vis-à-vis des éducateurs est important. Pierre Hobscheit ne le dit pas parce qu'il fait partie de l'opposition, mais parce qu'il a eu l'impression, au cours des dernières années, que le personnel n'était pas suffisamment respecté. Il sait comment se ressentent les gens ayant l'impression de ne pas être respectés à la fin d'une longue carrière.

C'est pourquoi, il y a trois ans, Pierre Hobscheit s'était renseigné auprès du personnel pour savoir s'il se sentait à l'aise et s'il envisageait de travailler à Differdange à long terme. Il est content d'apprendre que la situation s'est améliorée et que les éducateurs ne s'enfuient plus aussi vite. Car le meilleur concept ne peut pas être efficace sans continuité sur le terrain.

Pour les socialistes, il est important d'évaluer les concepts, et ce, non seulement avec le ministère de l'Éducation nationale, mais également avec le personnel et les enfants. Il faut voir s'ils fonctionnent. Pierre Hobscheit n'a rien contre le « Weltatelier ». Il a l'impression qu'il fonctionne bien. Mais dans les structures où ce concept est appliqué depuis un certain temps, il serait intéressant de savoir ce qu'on peut améliorer.

Un autre point important concerne la possibilité donnée aux enfants de continuer à pratiquer des activités sportives et culturelles en dehors de la maison relais. Une collaboration optimale avec les associations locales est nécessaire.

Les socialistes continueront à accompagner le développement des structures d'accueil et à faire des remarques critiques là, où c'est nécessaire.

Pierre Hobscheit a subdivisé le nombre d'enfants pouvant être encadrés dans chaque structure par le nombre d'éducateurs. Partout, il arrive à 12, sauf à Differdange où le résultat est 14. Y a-t-il une explication pourquoi les éducateurs de Differdange encadrent plus d'enfants que dans les autres maisons relais?

Pierre Hobscheit remercie les acteurs sur le terrain et le service communal responsable. Les socialistes approuveront les documents.

liest een aus deenen Dokumenter eraus, dass sech an de Struktüre selwer immens vill Gedanke gemaach gëtt. An ech war och frou ze héieren, wéi ech mech e bëssen ëmgelasschert hunn, dass d'Personal aus de Struktüre wierklech ganz aktiv an d'Ausschaffe vun dese Konzepter agebonne gouf.

Well ech mengen, nëmmen esou erreeche mer, dass eis Struktüre funktionéiere kënnen, an dass d'Leit, déi do schaffen, och gären do schaffen. De Respekt vis-à-vis vum Personal ass ee Punkt, deen immens wichteg ass. An ech soen dat elo hei net, well ech an der Opposition sinn, mee well ech et a mengem direkten Ëmfeld leider hu musse materliewen.

Ech hat an de leschte Joren net ëmmer dat Gefill, dass dem Personal ëmmer deen néidege Respekt entgéintbruecht gouf. An ech hu leider hautno konnte materliewen, wat dat mat de Leit mécht, wa se um Schluss vun enger laanger Karriär d'Gefill hunn, et géif hinnen iwwerhaupt kee Respekt entgéintbruecht ginn.

Duerfir hat ech och scho virun dräi Joren, sou zimmlech a menger leschter Gemengerotssitzung als Conseiller deemools, proposéiert, fir vläicht emol eng Kéier bei de Leit de Bols ze fillen. Fir esou erauszefannen, ob d'Leit sech bei eis wuelfillen an och wëlles hätten, laangfristeg bei eis ze schaffen. Et freet mech ze héieren, Madamm Buergermeeschter, dass Der sot, dat hätt sech e bësse calméiert. Dass mer eis Leit méi laang halen. Dass d'Leit gäre bei eis schaffen an net méi esou séier fortlafen, wéi dat an der Zäit de Fall war. Well dat bescht Konzept vun der Welt bréngt näischt, wann d'Leit, déi d'Konzept um Terrain sollen ëmsetzen, dauernd wieselen, well mer net déi néideg Kontinuitéit an eis Personalpolitik kréien.

Zu den Dokumenter selwer, wëll ech virun allem soen, dass et eis als LSAP wichteg ass, Konzepter ze evaluéieren. Deelweis, wéi Der sot, geschitt dat jo och an Zesummenaarbecht mam Éducatiounsministère, wat ech begrëissen. Mee ech mengen, och mat de Leit selwer, mam Personal an de Kanner sollt een no an no kucken, wéi déi verschidde Konzepter funktionéieren.

Ech soen dat net, well mir eppes géint d'Konzept Weltatelier hätten. Ganz au contraire. Et ass e ganz interessant Konzept. Dat liest een och aus den Dokumenter eraus. An och hei, wann ech mat Leit schwätzen, héieren ech, dass d'Konzept um Terrain relativ gutt funktionéiert. Et geet eis awer, wéi gesot, drëms gewuer ze ginn, no enger Zäitchen, wou dat Konzept ëmgésat gouf, fir einfach ze kucken, wat si vläicht Saachen, déi ee kéint besser oder anescht maachen?

Eppes, wat eis och ganz wichteg ass – an och dat geet aus den Dokumenter ervir –, ass, dass ee weiderhin de Kanner d'Méiglechkeet gëtt, dass se un hiren normale Sports- a Kulturaktivitéiten, déi se ausserhalb vun de Maison-relais an eise Veräiner maachen, deelhuele kënnen. Dat ass eis e wichtige Punkt. Hei ass eng optimal Zesummenaarbecht mat de lokale Veräiner immens wichteg. An duerfir sollt ee kucken, dass eng optimal Zesummenaarbecht do och ka funktionéieren.

Als LSAP wäerte mir op alle Fall d'Entwécklung an eise Structures d'accueil weider begleeten an do, wou et néideg ass, och eis kritesch Remarque maachen.

Ech hätt eng kleng Detailfro zum Schluss. Mir ass opgefall, bei der Zuel vun de Leit, déi an de Maison-relais schaffen, an der Capacitéit, déi se kënnen empfänken, dass een, wann een d'Zuel vun de Leit, déi kënnen empfaange ginn duerch d'Zuel vum Personal deelt, kommen ech bei deene meeschte Strukturen op e Schlëssel vu plus/minus zwielef. Just zu Déifferdeng kommen ech op eng Zuel vu 14. Vläicht hunn ech falsch gerechent. Ech weess et net.

Op alle Fall ass mer do opgefall, dass zu Déifferdeng op ee Mataarbechter méi Kanner komme wéi an deenen anere Maison-relais, zum Beispill. Dozou gëtt et vläicht eng einfach Erklärung. Mee ech wollt dat awer nofroen.

Mir wëllen op alle Fall all den Acteuren um Terrain Merci soen, och dem zustännegen Service op der Gemeng, fir déi extreem schwéier Aarbecht an dese komplizéierten Zäiten. A mir stëmmen des Dokumenter selbstverständlech mat. Merci.

8. Structures d'accueil

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Ech wäert dat nofroen an Iech dat dann zoukomme loossen. Här De Sousa, wannechgelift.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Déi beschten Entwécklungsplaz fir d'Kanner ass normalerweis doheem bei den Elteren. Allerdéngs musse vill Kanner, well d'Eltere schaffe ginn, an d'Maison relais, an de Vakanzen an an den Nomëtteger. Den Taux vun den elengerzéienden Elteren ass amgaang ze klammen. Dat bréngt mat sech, datt vill Kanner d'Maison relais als Betreuungsstruktur brauchen.

D'Gemeng Déifferdeng ass a punkto Maison-relaisen a Crèchë landeswäit virbildlech a gutt opgestallt. Vun deenen 2.800 Kanner, déi am Fundamental sinn, huet bal d'Hallschent eng Plaz an der Maison relais. Aner Gemengen hei an der Ëmgéigend hunn dat net. An eis Waardelëschte sinn immens kleng.

D'Maison relais spillt eng ganz grouss Entwécklung fir eis Kanner. Wéi schonn oft betount, nom Konzept vum Weltatelier steet d'Kand am Mëttelpunkt. D'Kanner kënnen a verschiddene Raim – ech nennen der e puer: Bau-raum, Medieraum – hire Kompetenzen an hiren Interessen nokommen. Doduerch kënnen si nei Kompetenzen entwéckelen.

Eng Maison relais ass net nëmmen eng Betreuungsstruktur, wéi een dat kéint mengen, et ass och eng Bildungsstruktur, déi komplementär zur Schoul an zu den Aktivitéiten doheem oder am Sport ass.

D'Feinmotorik. Wéi ech virdru schonn d'Beispill ginn hat, eis Kanner hu meeschtens en Handy. Ech gesinn dat all Dag an der Schoul. Wann een hinnen zwou Minutte Paus gëtt, dat éischt, wat se eraushuelen, ass den Handy. D'Feinmotorik ass amgaang ze verschwannen. Duerch esou Raim wéi beim Weltatelier kréie se erëm e Gefill, mat deenen anere Fangeren ze schaffen. Eng Aktivitéit an 3D, am Raum, Spillplazen, ass vill méi wäertvoll, wéi eppes

op engem Flaachbildschirm wéi Fernsee oder Handy ze erliewen, ze gesinn.

Déi momentan sanitär Kris, déi erméiglecht net, datt mer elo déi Raim esou ausnotze kënnen, wéi se virgesi sinn. Mee de Weltatelier, deen entwéckelt sech mat, deen adaptéiert sech un d'Situatioun. Et ass, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, elo geet de Weltatelier an de Raum. Dat heescht, d'Kanner soen, wat fir e Besoin se hunn. Mir stinn hannert deem Konzept vum Weltatelier a stëmmen dat heite mat.

Sécher, d'Personal ass ëmmer wichteg. Et muss ee gäre schaffe goen, fir datt een eppes kann ëmsetzen. Et ass och gutt ze héieren, datt net méi esou ee grouss Flux vun Hin an Hier, wat d'Personal ugeet, an de Maison-relaisen oder an de Crèchen ass. Mir stëmmen dëse Punkt mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, säit 1987, mat der Ouverture vun der éischter Schoulkantin am Déifferdenger Zentrum, gouf et eng enorm Entwécklung, mat méittlerweil engen 1.400 Schoulkanner an de Maison-relaisen an zousätzlech nach eis Crèchen.

D'Concept d'action général 2021 bis 2024 ass eng Fuerderung vum Ministère. Do goufen effektiv opwendeg Dossiere pro Maison relais oder Crèche opgestallt. Et ass sécher vu Virdeel, all Informatiounen zu all eenzel Struktur an engem Dossier zesummenzefügen an erëmfannen. Hei geet et ëm Informatiounen wéi den Agrément, d'Capacitéit, d'intern Reegelen, d'zäitlech Organisatioun, d'Offer, d'Unzuel vun de Raim, d'Infrastruktur. D'pedagogesch Konzept ass schonn ugeschwat ginn, a ganz viles méi.

D'Detailer goufen all genannt. Dat steet an den eenzelnen Dossier. Dossieren, déi wierklech detailléiert sinn.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) estime que la maison est l'endroit idéal pour le développement d'un enfant. Mais de nombreux parents travaillent et les enfants doivent aller en maison relais. Le taux de familles monoparentales est en train d'augmenter.

La Ville de Differdange constitue un modèle pour ce qui est des maisons relais et des crèches. Sur 2800 élèves du fondamental, près de la moitié vont à la maison relais. Les listes d'attente sont courtes.

Le concept du « Weltatelier » place l'enfant au centre. Il peut s'adonner à ces intérêts dans des salles comme la salle de construction ou la salle multimédia, et développer ainsi ses compétences. Après tout, une maison relais n'est pas seulement une structure d'accueil, mais aussi une structure d'apprentissage complémentaire à l'école et au sport.

De nos jours, les enfants sortent leurs téléphones portables dès qu'ils le peuvent. Cela a des conséquences négatives sur la mobilité. Les activités du « Weltatelier » leur permettent d'utiliser d'autres doigts que le pouce.

La crise sanitaire ne permet pas d'utiliser les espaces comme prévu. Mais le « Weltatelier » est flexible comme l'a expliqué la bourgmestre.

Bien sûr, le personnel doit aimer son travail. Paulo De Sousa est content d'apprendre que le va-et-vient du personnel a cessé.

Les écologistes approuveront ce point.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que depuis la première cantine scolaire en 1987, l'offre s'est énormément développée. Aujourd'hui, 1400 enfants fréquentent la maison relais et d'autres vont à la crèche.

Le concept d'action général 2021-2024 est une exigence du ministère. François Meisch trouve important de rassembler toutes les informations dans un dossier. Il y est notamment question de l'agrément, des capacités, des règles internes, de l'organisation horaire, de l'offre, des locaux, du concept pédagogique... François Meisch est admiratif devant le travail accompli. Les documents se révéleront utiles même après trois ans.

8. Structures d'accueil

Il remercie tous ceux qui les ont élaborés et annonce que les démo-crates les approuveront.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie à son tour tous les acteurs ayant travaillé sur ces documents, mais aussi toutes les personnes sur le terrain appliquant les concepts. Il est heureux d'apprendre que les éducateurs sont respectés. Les fluctuations ont nettement baissé au cours des dernières années.

Les maisons relais ne fonctionnent plus comme il y a cinq ou dix ans. Depuis un an, le concept du « Weltatelier » y est appliqué. Comme l'a dit la bourgmestre, il a fallu adapter le concept à la crise sanitaire.

Parallèlement aux modifications apportées aux repas et aux devoirs à domicile, le « Weltatelier » permet aux enfants de s'adonner à ses centres d'intérêt comme à la maison. Ils peuvent choisir librement quoi faire dans un cadre prédéfini: lire un livre, jouer, dessiner, se reposer, discuter... Cela permet de développer les compétences des enfants passant beaucoup de temps dans les maisons relais.

C'est pourquoi Jerry Hartung soutient l'aménagement de ces salles fonctionnelles où les enfants choisissent leurs activités. L'idée est qu'ils puissent fonctionner de manière autonome.

Le nouveau concept a constitué un grand changement pour les enfants et pour le personnel. Avant, les éducateurs devaient planifier des activités de groupe. Maintenant, une préparation préalable est nécessaire pour que les enfants puissent choisir leurs activités librement.

Jerry Hartung est aussi content que ces dernières années, les enfants ont pu aussi pratiquer des activités dans les associations. D'un point de vue organisationnel, ce n'est pas facile. Il faut collaborer avec les associations intéressées. Dans une lettre, l'échevin aux sports a annoncé que ce programme sera poursuivi.

Le CSV approuvera les concepts des structures d'accueil.

All Respekt dofir. Dat ass dann an engem eng gutt Viraarbecht fir déi nächst Joren, wann dat hei no dräi Joer ofgelaf ass. Merci all de Leit, déi dorunner geschafft hunn. Mir stëmmen déi eenzel Dossiere betreffend en allgemengt Konzept fir d'Kannerbetreuung mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieeder vun der CSV wëllen och mir alle Bedeelegten, déi un dësem Dokument matgeschafft hunn, Merci soen. Awer net nëmmen hinnen. Och all de Leit, déi dëst all Dag um Terrain, an eise Foyer du Jour Kornascht, an der Bëschcrèche oder an enger vun eise ville Maison-relais ëmsetzen. Et ass net ëmmer einfach. Mir si frou ze héieren, datt d'Personal gutt agebonnen ass an d'Aarbecht an dass si respektéiert sinn. Wat sech dora weist, datt mer vill manner personell Fluktuatiounen hunn, wéi nach vläicht virun e puer Joren.

Ons Betreuungsstrukturen, besonnesch eis Maison-relais, funktionéieren hautdesdaags zimmlech anescht wéi se nach viru fënnef, zéng Jore funktionéiert hunn. Geschweige, wou mir selwer nach Kanner waren.

Zënter ronn engem Joer lafen all eis Maison-relais nom Prinzip vum Weltatelier. D'Madamm Buergermeeschtesch sot et, datt aktuell, duerch de Virus, déi néideg Adaptatiounen hu mussen, am Sënn vun dëse Konzepter an de sanitäre Virsiichtsmaassnamen, geholl ginn. Eppes, wat mer natierlech esou ënnerstëtzen an och richtig ass.

Nieft de feste Bestanddeeler wéi d'Lesen an den Hausaufgaben, gëtt nom neie Konzept vill méi Wäert drop geluecht, datt den Eenzelne senge perséinlechen individuellen Interesse kann nogoen, sech kann a sengen Interessen a Bedierfnesser entfalten.

U sech e bësse wéi doheem. Wou ee Kand jo och a senger fräier Zäit kann

eraussichen, wéi et dës wëll verbréngen. Natierlech an engem virginnene Kader. Zum Beispill, ob et e Buch hëlt an eppes liest, spilt, moolt, eraus spille geet oder einfach iergendwou rascht oder mat engem wëll schwätzen.

Dëst ass immens wichteg fir d'Entwécklung vun der Autonomie an de Kompetenze vum Kand. Insbesonnesch, vu datt verschidde Kanner vill Zäit an eise Betreuungsstrukture verbréngen.

Dofir si mer och frou iwwert d'Amenagement vun all dëse verschiddene Funktionsraim, wou d'Kanner d'Wiel hunn tëscht verschiddene méi speziellen Aktivitéiten. A wou se, ënner Opsicht, vläicht och nach ënner Begleitung, awer an der Haaptiddi autonom solle kënnen funktionéieren. An do spilt jo och den Alter vum Kand eng wichteg Roll.

Dëse Paradigmewiessel war eng grouss Ëmstellung fir d'Kanner a fir d'Personal. Waren d'Erzéier virdu vill gefuerdert, fir Gruppenaktivitéiten ze plangen an ëmsetzen, erfuerdert dëst neit Konzept eng immens grouss Planung am Virfeld, fir datt d'Kanner eebe selbstbestëmmt eegestännegen Aktivitéiten, déi hire verschiddenen Interessen entsprechen, kënnen nogoen.

An dësem Kontext si mer natierlech ganz frou, an ënnerstëtzen dat vollst, datt d'Kanner an de leschte Joren d'Offer haten, fir während der Zäit, wou se an der Maison relais sinn, de Choix kruten, fir un Aktivitéite vu vereenzelte Veräiner deelzehuelen. Eppes, wat organisatoresch net ëmmer einfach ass.

Dofir soll mat alle lokale Veräiner, déi heifir Interesse hunn, gekuckt ginn, wéi een dëst kann ëmsetzen. Eppes, wat natierlech duerch de Confinement an de leschte Méint och e bësse gelidden huet. Mir sinn awer frou, datt vum Sportschäffen an de Responsabele vum Sport e Brëif erausgoung fir nächste Méideg, datt et do géif weidergoen an enger Versammlung.

D'CSV stëmmt d'Konzepter fir eis Betreuungsstrukturen esou mat. Merci.

8. Structures d'accueil

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vu menger Sait e grouse Merci un déi Leit, déi un dësen Dokumenter geschafft hunn. Dat ass, in der Tat, vill Aarbecht, fir se pro Site ze applizéieren. Bréngt awer och mat sech, dass een nieft den theoreteschen a pedagogeschen Iwwerleeungen, déi ganz wichteg sinn an déi ee vläicht op all Site applizéiert, zousätzlech awer och nach eng Kéier kuckt: Wéi gi se op de jeeweilege Sitten ëmgasat? Well all Site ass anescht. All Site huet aner raimlech Gegebenheeten, aner Gegebenheete vu wegen, wéi eng Kanner do sinn a wat fir ee Personal do ass.

An hei ass et jo och esou, dass déi Agent-régionalle mat alle Maison-relaisen a Kontakt sinn, sech austauschen an Ureegung bréngen. Wat de jeeweilegen Haiser erméiglecht, hir Praxis a Fro ze stellen. Dat ass eng professionell Haltung, déi jidderengem guttdeet a fir jidderee wichteg ass, ëmmer eng Konfrontatioun zwëschent Theorie a Praxis ze maachen an do eng kritesch Distanz ëmmer erëm ze huelen, fir dann erëm gefestegt an eng Alldagspraxis ze goen.

Mat de Kanner sinn ass eng ganz schéin Aarbecht. Et ass awer och eng ganz ustrengend Aarbecht, heiansdo. Dofir ass et grad wichteg, déi Momenter ze schafen, duerch déi Formatiounen, wéi Der gesot hutt, duerch esou Konzept-aarbecht, fir eeben déi Reflektiouns-aarbecht ze maachen an eng Kéier ze kucken: Wéi setze mer dann déi theoretesch Approchen, déi mengen ech ganz gutt sinn, wéi mir se zu Déifferdeng zënter Jore schonn awer en place hunn, am Alldag ëm? Wéi reagéieren d'Elteren drop? Wéi reagéieren d'Kanner drop? A wat kënne mer nach adaptéieren, fir dass déi Saachen nach méi an déi Richtung ginn, wéi mer et wënschen?

An deem Sënn ass dat eng grouss Aarbecht, déi net ëmmer de Kär vun der Aarbecht duerstelt oder och vun der Freed un der Aarbecht, awer trotzdeem eng wichteg Aarbecht ass.

Et ass scho ganz vill gesot ginn doriwwer, wéi zu Déifferdeng geschafft gëtt, mam Weltatelier. Wat mir als déi Léng och wierklech begreifen. Et bitt de Kanner méi Fräiraum, fir sech ze entfalten. E Fräiraum, dee se soss an der Zäit, wou d'Kanner net esou vill betreit waren, sief dat an der Schoul oder an der Maison relais, méi haten. Deen hu se elo manner. Dofir ass et wichteg, datt se déi Plaz innerhalb vun der Non-Formaler erëm méi kréien.

Duerno ass et och ëmmer wichteg ze kucken, wéi et gemaach gëtt. An och d'Bezéiung, d'pedagogesch Bezéiung zwëschent Personal an de Kanner, dass dat ëmmer wichteg ass. Dat ass eng Saach, déi mam Wiessel zwëschent där enger Approche an där anerer, nämlech dem Weltatelier, net esou evident war fir d'Personal, dee Switch ze maachen, fir awer och nach eng Relatioun mat de Kanner ze hunn. Och wann et kee feste Grupp ass, souzesoen.

Ech wollt just eng Ureegung abréngen. Dat ass, dass mer zu Déifferdeng eng ganz divers Populatioun hunn. Wou och ganz vill verschidde Sproochen zum Deel doheem geschwat ginn. D'Sprooch ass e grouse Facteur, e Facteur vun Identifikatioun, vu Reconnaissance, vu sech doheem spieren.

Uechter ganz Europa gëtt et ganz vill Projeten, wou am Fong festgestallt ginn ass, dass wann der Mammesprooch vun de jeeweilege Kanner eng Plaz gi gëtt an den effentleche Strukturen, ouni dass elo muss déi Sprooch geschwat ginn, mee eleng doduerch, dass an all deene Sproochen „Moien“ an der Entrée op der Mauer hänkt oder se vläicht heiansdo Lidder oder Geschichten an deene Sproochen gezielt kréien, heiansdo och d'Elteren invitéiert ginn, dat e wichtigen Effet huet. Déi Unerkennung fir déi verschidde Mammesproochen vun de jeeweilege Kanner e ganz wichtigen Effet bei de Kanner huet.

Doriwwer hunn ech elo manner gelies an deene jeeweilege Konzepter. Ech reprochéieren dat guer net. Et ass jo elo mol de Fokus drop, de Weltatelier ze verankeren. Mee ech géif dat als Ureegung bréngen fir nächst Entwécklungen, de Volet vun der Sprooch vläicht méi ze thematiséieren. Oder vläicht steet et just net do, oder ech hunn elo net op der richteger Sait gekuckt, mee do gëtt

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) remercie à son tour ceux qui ont rédigé les documents. Ils permettent de voir comment la théorie est appliquée sur le terrain dans les différentes maisons relais. Car chaque site est différent et ne dispose pas des mêmes locaux. Les enfants et les éducateurs ne sont pas les mêmes.

Les agents régionaux sont en contact avec les maisons relais et apportent leurs idées. Cela permet aux éducateurs de se remettre en question, ce qui fait du bien d'un point de vue professionnel. Il est important de confronter la théorie et la pratique.

Travailler avec les enfants est beau, mais difficile. Les formations et le travail de réflexion sont importants pour voir comment appliquer les approches théoriques, qui sont bonnes à Differdange, sur le terrain. Comment réagissent les enfants et leurs parents? Que peut-on améliorer? Ce travail ne constitue pas le cœur de la mission des éducateurs, mais il est nécessaire.

La question du « Weltatelier » a été abordée. Le concept permet aux enfants de s'épanouir en liberté, car les enfants passaient moins de temps à la maison relais et avaient donc plus de liberté. Mais il faut aussi voir comment cela se passe et comment se déroule la relation entre le personnel et les enfants. Pour les éducateurs, le passage au « Weltatelier » n'a pas été évident, car la notion de groupe a un peu disparu.

Gary Diderich souligne la diversité de la population differdangeoise. À la maison, on parle beaucoup de langues, un facteur d'identification et de reconnaissance. Des études européennes ont démontré que si l'on augmente la présence des langues maternelles dans les structures publiques — il suffit d'inscrire « Bonjour » sur les murs de l'entrée — l'effet sur les enfants est bénéfique. Or les concepts n'abordent pas vraiment le problème de la langue. Ce n'est pas un reproche, car Gary Diderich sait bien que l'accent est mis sur le « Weltatelier ».

Mais il se peut aussi qu'il n'ait pas lu la bonne page. En tout cas, c'est

8. Structures d'accueil

un point où des améliorations sont possibles.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
répond que des projets étaient prévus, mais ils n'ont pas pu être réalisés à cause de la COVID-19. On avait notamment prévu de lire des histoires dans les maisons relais pour Saint-Nicolas ou Noël.

ALI RUCKERT (KPL) *trouve évident que rédiger ces documents ait été un travail énorme. Les concepts sont très détaillés. Mais en fin de compte, ce qui importe, c'est ce qui est fait sur le terrain. Par exemple comment on maîtrise les situations non prévues dans le concept.*

Le concept du « Weltatelier » ne convainc pas totalement les communistes, car il néglige l'élément de la collectivité. L'efficacité du concept dépend de ce qui se passe sur le terrain, et de la formation et de la motivation du personnel.

Ali Ruckert ajoute que les concepts représentent beaucoup de papiers et de fichiers informatiques. Il se demande si les conseillers communaux ont lu les 18 documents. Lui n'a pas trouvé le temps et il ne peut pas approuver un projet dont il ne connaît pas les détails. Il s'abstiendra même s'il voit des problèmes dans le « Weltatelier ».

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *constate que certains passages concernant le personnel sont repris d'un document à l'autre. Il se demande s'il ne serait pas intéressant à l'avenir de dresser un historique de chaque site. En effet, il est souvent question du développement des structures d'accueil à Differdange. Mais Pierre Hobscheit voudrait savoir comment le personnel a évolué sur les différents sites. Tout ce qu'il a trouvé, c'est l'évolution pour l'ensemble des SEA. Mais comme l'a dit monsieur Ruckert, le dossier est tellement volumineux qu'il a peut-être raté cette partie.*

(Vote)

et jiddefalls ganz vill flott Aart-a-Weisen, fir dat ze maachen. An dat huet e ganz staarken Effet op d'Kanner, déi net Lëtzebuergesch als Mammesprooch hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Ech wëll Iech direkt drop äntwerten. Do ware Projekte virgesinn. Mee déi elo, och erëm wéinst dem Covid, net gemaach ginn. Wéi zum Beispill an der Maison relais Geschichte virliese fir Chrëschttag oder Klee-schen an de verschidde Sproochen, mat verschidde Traditionen, fällt leider flaach.

Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ganz gewëss hunn déi Leit, déi déi Dokumenter do ausgeschafft hunn, ganz vill Aarbecht geleescht. Dat muss ee soen. Déi Saache si jo ganz am Detail entwéckelt ginn. Et kann een natierlech och soen: Pabeier ass gedëlleg. Well schlussendlech kënn et drop un, wat um Terrain passéiert. Wéi e Konzept ëngesat gëtt. Oder wéi Situatiounen, déi net am Konzept virgesi sinn, gemeeschtert ginn.

Op där anerer Säit muss ech soen, sinn ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei net ganz iwwerzeegt vun deem Modell vum Weltatelier. Besonnesch och, well grad am kollektiven Element der Erzieung net esou vill Opmierksamkeet geschenkt gëtt. A wéi gesot, viles entscheet sech bei esou Konzepter awer, wat um Terrain passéiert, wéi d'Personal ausgebilt ass, ob et genuch Personal gëtt, ob et zefridden ass op senger Aarbecht. An dann och bereet ass, sech dran ze investéieren.

Eng aner Saach kënn derbäi. Dat Konzept, dat eis virgeluecht gëtt, dat ass vill Pabeier. An et ass jo net nëmme Pabeier, et ass och nach e ganz grousst Dokument op der Cloud ze fannen. Ech weess net, wéi et Iech geet, bestëmmt hutt Dir déi ganz Dokumenter all gelies, allen 18? Ech hat net déi Zäit, muss ech Iech éierlech soen, dat an esou kuerzer Zäit ze liesen. An ech kann net

enger Saach zoustëmmen, wou ech net all d'Detailer weess. Duerfir wäert ech mech och enthale beim Vott. Och awer, well mir Problemer mam Konzept vum Weltatelier gesinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech hat eppes vergiess. Ech wollt dat just nofroen. Respektiv et ass eng kleng Suggestioun. A verschidde Dokumenter ass ëmmer déi Opzielung vum Personal: « À ce jour, les SEA », a sou virun. Déi Opzielunge fënnt ee copy-paste an e puer Dokumenter erëm. Wier et net interessant, an Zukunft en Historique ze maache pro Site?

Well hei ass ëmmer d'Entwécklung vun de ganze Structures d'accueil zu Déiferdeng, déi einfach a verschidde Dokumenter ëmmer erëm optaucht. Mech géif heiansdo och interesséieren, an esou engem Dokument zum Beispill, wéi sech op deene jeeweilege Sitten d'Personal entwéckelt huet.

Just eng kleng Suggestioun fir d'Zukunft.

Vläicht steet et och iergendwou, mee ech sinn ëmmer erëm op deen Abschnitt gestouss: « À ce jour les SEA ». An da kënn déi ganz Opzielung vum ganze Personal. Ech hunn an deenen Dokumenter hei keng Opschlësselung no Site fonnt. Vläicht hunn ech et, well et, wéi den Här Ruckert gesot huet, jo e relativ voluminösen Dossier ass, och einfach iwwersinn. Et ass, wéi gesot, just eng Suggestioun fir d'Zukunft. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 1 abstention d'approuver le concept d'action général 2021-2024.

9. École de musique

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 9. Do geet et em d'Organisation scolaire définitive vun der Museks-schoul. An dofir géif ech d'Wuert dem Här Mangen ginn.

(Ennerbriechung)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Entschëllegt, mir hunn e klengen technesche Problem. Ech bieden em e puer Minute Gedold.

(Diskussionen)

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Elo geet de Mikro. Just ganz kuerz. Mir hu jo schonn iwwert d'Museksschoul geschwat. Dat hei ass déi definitiv Version, wat fir eng Coursen ugebuede ginn. Mat den Nimm och vun dem Léierpersonal, wat déi Coursen hält. Et ass einfach eng Formalitéit, déi mer musse maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Mangen. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. D'Offer vun der Museksschoul gëtt regelméisseg adaptéiert. D'Demande ass explodéiert zënter adequat Raimlechkeeten am Januar 2014 opgemaach hunn. Duerch dee staarken Zouwuess si mer, wat d'Plaz ugeet – mir wëssen et –, schonn nees un der absolutter Limit. A mer mussen deemnächst Alternativen dozou proposéieren.

Den Niveau vun de Klassen an eenzelne Schüler ass ganz positiv ze gesinn. Lues a lues fannen déi ausgebildete Museker méi staark de Wee an eis lokal Veräiner. Wat mer begrëssen. Do ass awer sécherlech nach Loft no uewen.

Zum Schluss wollt ech allen Enseignant Merci soen an hinnen eng glécklech

Hand wënsche bei den Aufgaben, déi op se zoukommen.

D'DP stëmmt déi definitiv Schoulorganisatioun vun der Museksschoul fir 2021 mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt mech dem Här Meisch senge Wieder um Schluss uschléissen an alle Leit Merci soen, déi am Moment an der Museksschoul d'Staang riicht halen a weider Coursen halen an dësen Zäiten. An déi dofir suergen, dass mer eis jonk a manner jonk Musikanten do kënnen ausbilden. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ech schléisse mech och un. Ech fannen, dass mer eng extreem grouss Panoplie vu Méiglechkeeten an der Musekschoul hunn. An ech soen och nach eng Kéier all dem Personal Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Ech denken da kënnen mer zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire définitive 2020-2021.

Ech soen Iech villmools Merci. Et ass elo zéng vir zéng. Ech denken um 10 Auer pénktlech gesi mer eis erëm fir

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à l'organisation définitive de l'école de musique. Elle cède la parole à monsieur Mangen.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch constate qu'il y a un problème technique.

(Discussions)

ROBERT MANGEN (CSV)

explique qu'il est question de la version définitive des cours proposés à l'école de musique. Le document contient aussi le nom des enseignants. Il s'agit d'une formalité.

FRANÇOIS MEISCH (DP)

constate que le succès de l'école de musique a explosé depuis la mise à disposition de locaux adéquats en 2014. L'école manque à nouveau de place. Il faut chercher des solutions.

Le niveau des classes est positif. Les musiciens entrent dans les associations locales. Mais il reste de la marge.

François Meisch remercie les enseignants et leur souhaite bonne chance.

Le DP approuvera l'organisation de l'école de musique.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)

s'associe à ce que vient de dire monsieur Meisch. Il remercie tous ceux qui continuent de travailler dans l'école de musique en ces temps difficiles et de former des musiciens jeunes et moins jeunes.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)

salut le fait que l'école de musique offre une vaste panoplie de possibilités. Elle remercie le personnel.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

décrète une pause.

(Pause)

10. Actes et conventions

Christiane Brassel-Rausch passe à un acte notarié concernant les 80 logements de Gravity. Les conseillers communaux disposent de la version provisoire. Celle définitive se trouve sur le Diffcloud. Le dossier est volumineux.

Christiane Brassel-Rausch rappelle que 76 appartements sont subventionnés. Quatre seront vendus aux enchères sur le marché courant, mais le collège échevinal n'a pas encore défini toutes les modalités. Le collège échevinal a contacté plusieurs associations pour voir si ces duplex et triplex ne pourraient pas servir dans le cadre de cohabitations. Mais il est apparu qu'ils ne sont pas adaptés.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate qu'avec ces actes la commune devient officiellement propriétaire des appartements. Le premier acte porte sur les appartements d'utilité publique soumis à des conditions particulières.

Ces appartements resteront publics grâce à l'emphytéose ou la location. Le deuxième acte concerne les duplex et les triplex. Une discussion à leur sujet a eu lieu la dernière fois. Gary Diderich sait qu'il aurait été possible de faire autrement. La dernière séance a laissé un arrière-goût amer au conseiller communal, car il avait reçu plusieurs détails concernant la vente aux enchères la veille à 17 h. Il avait notamment appris que les personnes acquérant ces appartements ont le droit de posséder d'autres biens alors que ce n'est pas le cas des autres propriétaires. Il trouve que le collège échevinal ne devrait pas permettre à des propriétaires d'acheter en plus un penthouse appartenant à la commune. C'est pourquoi il n'approuvera pas cet acte contraire à la politique du logement de la commune.

Gary Diderich rappelle que ces logements seront vendus aux plus offrants. Les propriétaires devront y habiter. Le conseiller communal se demande comment seront effectués les contrôles. Qu'en est-il s'il décide de vendre? Sera-t-il libre de fixer le prix? Aura-t-il le droit de générer une plus-value?

Gary Diderich comprend qu'il a fallu agir rapidement, mais il ne trouve pas que la décision soit

weiderzefueren. Ech soen Iech villmools Merci.

(Paus)

Da komme mer elo zum Punkt 10a vun eisem Ordre du jour. De Punkt 10 huet vill Punkten. Hei am gedréckten Dossier hutt Der nach dee provisoireschen Akt. Op der Cloud fannt Der méttlerweil den definitiven Acte de vente, Acte notarié vun deenen 80 Logementer vum Gravity, vun deene scho vill hei geschwat ginn ass. Et ass och erëm e ganz voluminéisen Dossier.

Wichtig ervirzehiewen ass, dass et ëm déi 76 Wunnenge geet, déi subventionéiert sinn. An ëm véier Wunnengen, déi op de fräie Maart solle kommen, mat enger Stee. Mir halen eis awer nach op fir ze kucken, wéi d'Entwécklung elo ass. Op wat fir ee Wee mer gi mat deenen Triplexen an Duplexen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass mer als Gemeng Kontakt mat e puer Organisatiounen haten, fir ze kucken, ob mer déi Triplexen an Duplexen net kéinten un Organisatiounen, sief et Wunnengemeinschaften oder Kooperative ginn. A funktionell huet sech erausgestallt, dass déi Projeten – also ech schwätzen elo vun deene véier Wunnengen – dofir net gebaut sinn. Wollt ech just hei erwänen.

Ech weess net, wat ech nach alles zu deem Akt hei soll soen. Ech denken, ech waarden op Är Remarken. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Zu dësem Projet ass scho vill gesot ginn. Hei hu mer elo spezifesch déi Akten, wou mer dann definitiv Besëtzer ginn, als Déifferdenger Gemeng, vun deene Wunnengen. Bei deenen Akte fält op, dass mer zwee verschidden Akten hunn. Dir hutt et och gesot, dass et op där enger Säit déi Wunnenge sinn, déi an d'Utilité publique ginn. An do duerch, dass et Utilité publique gëtt, bestinn aner Konditiounen. Et sinn och déi Wunnengen, wéi ech et op jidde Fall verstinn, wou mer wierklech sécherstellen, dass déi dote Wunnengen an der ëffentlecher Hand bleiwen. Sief et duerch Emphytéose iwwert den Terrain oder iwwer Locatioun.

Op där anerer Säit hu mer dann deem aneren Akt fir déi Duplexen an déi Triplexen, wou mer eis évidemment net eens sinn, dass do näischt anescht méiglech gewiescht wär. Mir haten déi Diskussioun d'leschte Kéier. Ech wëll déi elo net nach eng Kéier féieren. Mee ech weess op d'mannst vun enger Méiglechkeet, wéi een dat hätt anescht kéinte maachen.

Jiddefalls wat mer d'leschte Kéier, dat war mengen ech déi virlescht Gemengrotssëtzung, am Réckbléck wierklech nach eng Kéier ganz staark e schlechten Nogeschmaach hannerlooss huet, dat ass, dass mir verschidden Detailer iwwert déi Vente aux enchères eréischt den Dag virum Gemengerot um 17 Auer geschéckt kritt hunn.

Ënner anerem, zum Beispill, dass dee-jéinegen, deen dat iwwer eng Stee keeft, awer, am Géigesaz zu all deenen aneren an deem ganze Gebai, gären nach ka Proprietär si vun anere Wunnengen. Also ech gesinn net de Rôle vun der Déifferdenger Gemeng, fir am Wunnengsbau aktiv ze ginn a Logementer, déi mer an eis Hand kréien, engem, dee souwisou scho Wunnengen huet, nach zousätzlech en Duplex oder en Triplex als Penthouse enzousch ze erméiglechen. Also do ass mäi Verständnis wierklech – dat fannen ech net gutt.

Dofir wäert ech deem Akt hei och net stëmmen. Well ech mengen, et geet géint ganz viles, wou mer am Fong eis u sech eens sinn, wann et ëm de Logement geet.

Eng Fro, déi ech awer och wollt stellen, wat mer wierklech net kloer ass bei där Saach, dat ass: Wéi geet et weider, wann een Duplex oder een Triplex iwwer eng Stee verkaf gëtt un dee Meistbietenden, dee Moment? Op d'mannst ass déi Konditioun dran, dass e se selwer muss bewunnen. Dat heescht, e kann niewebäi aner Logementer besëtzen a verlounen, mee e muss awer op jidde Fall do wunnen. À voir, wéi een dat da kontrolléiert oder wéi vill en dann och notzt dovun, wann en och aner Wunnengen huet.

Mee, wat ass elo, wann dee verkeeft? Zu wéi engem Präis verkeeft deen et? Ass dat him total fräigestallt? Gëtt dat carrement en Objet, deen da wierklech um Marché kann u Wäert bäigewan-

10. Actes et conventions

nen? Wat mer jo u sech mat deem ganze Projet wollte verhënneren. Oder gëllt dann deen nammlechte Facteur vun der Emphytéose, dass do am Fong keng Plus-value ka geschafe ginn an där Zäit? Dat ass eng wichteg Fro, déi ech awer wollt stellen.

Well ech fannen, dass dat wierklech net gutt gelaf ass. An ee gären och dat doten hätt kéinte méi spéit alles maachen an déi aner Wunnenge kafen. Vu dass dat jo en aneren Akt ass, well et eebe keng Utilité publique ass, verstinn ech, firwat ee béid Saachen esou schnell gemaach huet. Mee ech fannen et wierklech ongëschteg. An et weist, dass et net wierklech ausgeräift ass a war. Well verschidden Detailer net déi fënnef Deeg am Viraus am Dossier louchen, mee den Dag virdrun am Nomëtteg eréischt.

Dat gesot, ass et virun allem op deenen Duplexen an Triplexen, wou den Desaccord besteet. An un der Proportioun vu Locatioun a Vente bei deem heite Projet. Prinzipiell begrëssen ech awer, dass d'Gemeng hei staark aktiv gëtt mat deem dote Projet. Dass mir op jiddede Fall all déi Wunnengen do kafen, wou mer op déi eng oder aner Aart a Weis awer eis Hand sécher drop halen.

Ech wäert den Akt, fir de Gros vun de Wunnengen ze kafen, mat mengem Vott ënnerstëtzen. Awer fir d'Duplexen an d'Triplexe wäert ech den Akt net stëmmen. Dofir bieten ech, fir déi separat ze stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir sidd mer elo zevirkomm, Här Diderich, mat Ärer Propos. Ech wollt elo just proposéieren, fir zwee Votten ze maachen an deem Sënn.

Wunne musse se dran. An ech denken, dass een am Schäfferot nach eng Kéier driwwer nodenke kann, mat där Vente aux enchères. Dat ass esou beschloss ginn, mee mir hu jo awer nach Zäit, fir eis eng Kéier a Rou de Kapp driwwer ze zerbréchen. Also, si gi verkaf. Am Sënn vun der Mixitéit awer och. Et dierf een och net vergiessen, dass et drëm geet, fir vill Leit – a vill Leit eebe mat deene Kategorien, wou opgezielt gi sinn – an dat Gebai eranzekréien.

Awer wéi gesot, mir kënnen eis gär nach eng Kéier zesummesetzen. Ech denken, d'Vente ass elo primordial. An dass een einfach sech nach eng Kéier zesummesetzt, ewéi een déi Stee dann do handhaabt.

Déi aner Fro géif ech Iech och eng Kéier beäntweren. Awer ech géif elo mol dann Är Propos unhuelen an zwee Votte maachen, fir déi privat a fir déi aner 76 Wunnengen.

Den Här Liesch. Duerno den Här Meisch. Duerno den Här Ruckert.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Mir wëlle fir d'éischt emol ënnersträichen, dass mer immens frou sinn driwwer, dass d'Déifferdenger Gemeng, wéi den Här Diderich och scho gesot huet, Acteur gëtt, an engem Beräich, wou vill Gemengen hei zu Lëtzebuerg nach net ënnerwee sinn.

Elo kann een natierlech där enger oder anerer Meenung sinn. Mir fokusséieren eis hei elo e bëssen op déi Duplexen an op déi Triplexen. Mee mir wëllen awer och soen, dass et hei ëm ganz vill Wunnenge geet, wou mer eis awer zumindest emol eens sinn iwwert d'Funktionalitéit vun deene Wunnengen. An och, dass d'Gemeng emol aktiv gëtt, fir dat elo mol ëmzesetzen.

Zum Akt. En ass relativ grouss, wéi Dir gesot hutt. Et sinn 105 Säiten. Eng ganz Partie detailléiert Beschreiwungen. An deem Akt geet et ëm d'Chargen, d'Servituten, d'Kopropriétéiten. Sou wéi en Acte notarié eeben ausgesäit. Et ass villes dobäi, wéi een et aus aneren Akte kennt.

Mir begrëssen, dass mer zwee Votte maachen. An och, dass Der gesot hutt, dass Der nach eng Kéier am Schäfferot doriwwer kuckt, ob do nach Lacunne si bei deenen Duplexen, Triplexen. Effektiv ass et jo esou, dass déi Leit, déi hei kafen, müssen doranner wunne goen. Dat ass eng Obligatioun. Et stellt sech effektiv d'Fro: Firwat soll dat elo bei deenen Triplexen aneschtens sinn? Dat kann ee sech roueg nach eng Kéier duerch de Kapp goe loossen. Do hu mer, wéi Der jo gesot hutt, effektiv nach Zäit, fir dat ze maachen.

bonne. Certains détails n'étaient pas disponibles cinq jours avant la séance, mais la veille.

Gary Diderich n'est pas d'accord non plus avec la proportion de logements mis en location, mais il salue le fait que la commune se montre active dans ce domaine, qu'elle achète des appartements et qu'elle s'assure qu'elle en restera propriétaire. Il approuvera l'acte concernant le gros des appartements, mais pas celui concernant les duplex et les triplex. Il demande que les deux actes soient votés séparément.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

voulait justement proposer de voter deux fois.

Elle rappelle que les futurs propriétaires devront habiter les appartements. Pour ce qui est de la vente aux enchères, le collège échevinal pourra réfléchir une nouvelle fois à la question. Mais l'objectif est d'obtenir une bonne mixité. De toute façon, la mise en vente est primordiale. On pourra réfléchir à la question des enchères.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *se réjouit du fait que la Ville de Differdange soit une des premières communes à devenir un acteur dans ce domaine. Les discussions se concentrent actuellement sur les duplex et les triplex. Mais le conseil communal est unanime pour ce qui est de la majorité des appartements. C'est ce qu'il faut souligner. L'acte se compose de 105 pages détaillées. Il contient des informations sur les charges, les servitudes et les copropriétés. En cela, il ressemble à d'autres actes.*

Georges Liesch est content que le collège échevinal analyse les lacunes éventuelles de la vente des duplex et triplex. Pour les autres appartements, les futurs propriétaires devront vivre dans leur nouvelle habitation. Il n'y a pas de raison de faire une exception pour les duplex et triplex.

Les écologistes espèrent que ce projet ne sera pas le dernier de ce type. La commune doit rester active dans le domaine du logement. Ce qu'il faut retenir de la politique du logement de ces dernières décennies, c'est que l'État ou le marché public

ne peuvent pas résoudre seuls les problèmes. Les communes sont proches de la population. Elles doivent réaliser des projets comme celui-ci avec le soutien des ministères.

Les ministères se sont d'ailleurs montrés intéressés dès le départ. Ce projet constitue un modèle du genre. D'autres communes viendront s'informer à Differdange. Il est possible qu'elles adaptent la procédure à leurs besoins ou qu'elles trouvent une faille. Mais en tout cas, la Ville de Differdange a été pionnière.

Georges Liesch trouve l'idée intéressante de collaborer avec des associations promouvant la cohabitation en ce qui concerne les triplex. Le collège échevinal a discuté avec des experts et apparemment, la configuration des logements n'est pas adaptée. Cela n'exclut cependant pas que l'on aille dans cette direction dans d'autres projets à l'avenir. Désormais, le contact avec ces organisations est établi. Georges Liesch pense qu'il faut envisager des formes d'habitations non traditionnelles à Differdange. Il ne suffit pas de lire des articles au sujet de formes d'habitation alternatives. Il faut voir comment elles marchent dans la pratique. Comment fonctionne une cohabitation entre adultes? Même si cela n'est pas réalisable pour ce projet-ci, le collège échevinal ne doit pas abandonner l'idée.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que le conseil communal a approuvé la réservation de 80 appartements en septembre 2019. Le premier acte a été signé le 26 février. L'acte d'aujourd'hui constitue une étape ultérieure.

Ce projet va provoquer un énorme chantier. Les acteurs concernés devront se montrer patients. La commune devra veiller à réduire les nuisances au minimum — notamment en ce qui concerne l'accès et le bruit.

Mir sinn als Gréng jiddefalls ganz frou, dass mer op deem heite Wee ginn. Mir hoffen, dass et och net bei deem leschte Projet bleift. Mir si sécher, dass et net bei deem leschte Projet bleift, well d'Gemeng Déifferdeng aktiv am Logement gëtt. Well schlussendlech ass et mengen ech dat, wat een awer muss aus deene leschte Joerzénge Logementspolitik hei am Land erauszéien. Et ass net de Staat eleng an och net de Marché public — scho guer net —, déi de Logementsproblem hei am Land kënne léisen.

Et kann nëmme funktionéieren, wann och d'Gemengen, déi no um Terrain sinn, no bei de Leit sinn, aktiv ginn. Mat Ënnerstëtzung natierlech vun de Ministèren, fir esou e Projet ze maachen.

Dëse Projet weist, dass d'Ënnerstëtzung vun de Ministère grouss war. Si ware ganz interesséiert eis nozelauschten, wéi mer deemools de Projet presentéiert haten, wat mer hei wëlles hätten. An a wéi enger Form si dat kéinte begleeten. Ech mengen, dass dëse Projet wierklech e Virzeigeprojet gëtt fir aner Gemengen. Déi op Déifferdeng kucke kommen: Wéi ass dat hei gelaf? Wéi ass et ofgelaf? Jo, vläicht fanne se och déi eng oder aner Saach, wou se soen: Do ass nach e Feeler dran. Dat maache mir bei eis an der Gemeng e bëssen anescht. Dat maach sinn.

Mir sinn hei e bëssen an deem ganze Projet den Icebreaker. An do bleift et net aus, dass op där enger oder anerer Plaz nach eng Faille iergendwou dran ass. Mee op jidde Fall, wa mer eng gesinn, elo schonn, da sollte mer alles probéieren, fir se natierlech ze evitéieren. Dat schéngt mer och evident ze sinn.

Wat Dir gesot hat, wat d'Occupatioun ugeet vun den Triplexen, och fir dat weiderzeginn un eng Organisatioun, déi aner Wunnengemeinschaften fërdert, dat fanne mer ganz interessant. Dir hutt eis d'Explikatioun ginn. Dir hutt Pourparlere gemaach mat de verschiddenen Organisatiounen. Dir hutt vun deene Leit, déi jo awer Expert an hirem Beräich sinn, gesot kritt, dass et fir dëse Projet funktionell eeben net passt.

Mee dat schléisst jo net aus — an ech mengen, dat gouf och am leschten oder

am virleschte Gemengerot, wou mer dat heiten diskutéiert hunn, gesot —, dass mer jo och aner Projeten hei zu Déifferdeng envisagéieren, wou mer als Gemeng aktiv um Logement ginn. Wou mer, elo wou de Kontakt jo hiergestallt ass zu esou Organisatiounen, probéieren, mat aner Bienen, déi mer da vläicht kréien oder bauen, e Projet mat deenen Organisatiounen ëmsetzen. Well et schéngt eis nach ëmmer interessant ze sinn, och hei zu Déifferdeng, aner Wunnformen, wéi mer se klassesch kennen, unzbidden, ze probéieren.

An och dat erëm eng Kéier, fir de Leit dobausse kënnen ze weisen, wéi esou eng aner Wunnform an der Praxis ka funktionéieren. Well et geet net duer, wann een nëmme doriwwer liest. Ech mengen, et muss een effektiv esou eng Wunnform hunn, wou dann och Erfahrungsberichte kommen, wou d'Leit ënnertene sech austauschen: Wéi funktionéiert dat dann an enger WG mat Erwuessener? Dat kenne mer alles zum Beispill nëmme aus dem Studenteliewen. Mee ech mengen, dass dat awer e ganz interessante Wee ass.

Och wann dat elo fir dëse Projet sech net realiséiert huet, fanne mer de Projet nach ëmmer super gutt a wäerten deen Akt, oder déi zwee Akten, jiddefalls matstëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, am September 2019 hate mer hei am Gemengerot schonn der Reservatioun vun 80 Appartemen am Kader vum Projet Gravity zougestëmmt. An de 26. Februar dëst Joer hu mer den éischten Akt an dësem Kontext gestëmmt. Hei dann elo déi nächst Etapp.

Mir all wëssen, dass dat fir eis Stad e risegrouse Chantier gëtt, wou all concernéiert Acteure mussen eng länger Zäit op d'Zänn bässen. Et muss derfir gesuergt ginn, dass de Chantier esou gestalt gëtt, dass d'Nuisancë fir all

10. Actes et conventions

ugrenzend Acteuren op e Minimum re-
duzéiert ginn. Virun allem, wat d'Ac-
cessibilitéit an de Kaméidi ugeet. Och
fir den direkten Noper, de Luxembourg
Science Center. Coronabedéngt gouf
d'Zuel vun de Visiteuren zwar e bëssi
gebremst, mee beispillsweis koumen
2019 30 % méi Visiteurë wéi dat Joer
virun. De Luxembourg Science Cen-
ter kann, wéi schonn e puermol gesot,
iwwer Joren zu engem Zuchpäerd fir
eis Stad ginn.

Wat de Logement ugeet: Jorelaang hu
mer gefuerdert, dass d'Gemeng méi ak-
tiv misst ginn, wat bezuelbar Wunn-
gen ugeet. Dat hei ass e wichtege Pilier
an deem Kontext, mat enger pro-
poséierter Acquisitioun vu bal 39 an
eng hallef Millioun Euro.

Mir hoffen, dass déi ganz Entrée en
ville ee Ganztt gëtt: den Akafszentrum,
den Tuerm, dee scho steet, d'Schoul-
komplexer, de grouse Projet Gravity
an esou weider. Op där anerer Säit
brauche mer awer Léisungen, wat den
historesche Stadkär ugeet. Do si mer
gäre bereet, eis mat un den Dësch ze
setzen.

D'Problematik vun den Duplexen an
den Triplexen gesi mer änlech. Dat sollt
net de Sënn vun der Saach sinn. Bei en-
gem separate Vott géife mer dergéint
stëmmen an der Hoffnung, dass eng
besser Léisung ka fonnt ginn. De
Rescht kënne mer awer ganz gären ën-
nerstëtzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Dann ass et um
Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir
Dammen an Dir Hären, d'Gemeng
Déifferdeng huet eng laang Traditioun
wat d'Schafe vu Wunnengsbau ugeet,
dee bis an d'1950er-Joren zrëckgeet. An
dat hei ass e Projet, deem dora passt. A
wou d'Gemeng weist, dass se nach ëm-
mer doru gleeft, dass jiddwereen eng
Wunneng muss kréien, déi en och be-
zuele kann. Dat ass ganz wichteg. Och
fir dat ëffentlech am Land ze soen.

Dee kleng Bemoll derbäi ass, dass
véier Privilegéierter hei e Penthouse
oder en Duplex geschafe kréien. Wat
vollstänneg iwwerflësseg ass, hei bei
deem Projet. Vollstänneg iwwerflësseg.
A wann Der et net selwer gesot hätt,
dann hätt ech och e separate Vott ge-
frot. Well ech kann, als Vertrieeder vun
der Kommunistescher Partei, net do
derfir stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Muller,
wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir
d'Wuert. Et ass haut scho vill gesot
ginn iwwer dee Projet. An et ass och an
deene leschte Sitzungen, wou mer driw-
er geschwat hunn, scho munches ge-
sot ginn.

Ech wollt awer nach eng Kéier drop hi-
weisen, dass de Grondsteen, iwwer
dat, wat mer haut schwätzen, geluecht
ginn ass, wéi den Architektoconcours
ofgeschloss war. A wéi mer mat dem
Gewënner vun deem Concours déi
Konditiounen ausgehandelt hunn. Déi
eis am Fong de Wee opgemaach hunn,
fir dass mer elo selwer Besëtzer ginn an
och kënne zu deene Konditiounen,
abordable Präisser an esou weider, déi
Wunnenge verkafen oder verlounen.
Dat wollt ech nach eng Kéier ervirsträi-
chen.

Da wollt ech awer soen zu deenen, déi
elo gedeelter Meenung sinn, wat deen
ieweschten Deel vun deene Wunnengen
ubelaangt, wéi dat zustane komm ass.
An dass, wann dat d'office esou festge-
luecht gi wär, mer géifen déi Wunnenge
selwer kafen, dat warscheinlech net
entstane wär, déi Triplexen oder Duple-
xen. Mee et ass doduerch entstanen,
well do sollt eng Plus-value, also e
Mehrwäert geschafe gi vun der Archi-
tektur hier.

A well déi Wunnengen iwwer 60 Meter
erausginn. Do si mer bei enger Form vu
Bâtiment à très haut niveau. Dat
heescht, do dierf de Lift net méi esou
héich fueren. An duerfir sinn déi Duple-
xen entstanen. Well de Lift bei 60 Me-

*François Meisch pense par exemple
au Science Center, dont la fréquen-
tation à augmenter de 30 % en
2019.*

*Les démocrates exigent depuis des
années que la commune se montre
plus active dans le logement. Cette
acquisition de 39 millions d'euros
est un pilier important. François
Meisch espère que l'entrée en ville
deviendra un tout avec le centre
commercial, la tour, le campus sco-
laire et Gravity.*

*De l'autre côté, il faut trouver des
solutions pour le centre historique.
Les démocrates sont prêts à partici-
per aux discussions.*

*En ce qui concerne les duplex et les
triplex, une vente aux enchères
n'est pas pertinente. Les démo-
crates voteront contre.*

ALI RUCKERT (KPL) rappelle qu'à
Differdange, la création de loge-
ments par la commune est une tra-
dition remonte aux années 1950.

*Ce projet démontre que la com-
mune croit que chacun a droit à un
logement. Il est important de le
dire.*

*Le seul bémol est que quatre privi-
légiés vont recevoir un penthouse,
ce qui est totalement superflu dans
un projet comme celui-ci. Les com-
munistes voteront contre.*

ERNY MULLER (LSAP) constate que
beaucoup a déjà été dit aujourd'hui
et les autres fois. Il souhaite souli-
gner le fait que ce projet trouve son
origine dans le concours d'archi-
tectes. Les conditions ont été fixées
avec le vainqueur et la commune
est devenue propriétaire avec
comme objectif de vendre et de
louer des appartements à des prix
abordables.

*Erny Muller souhaite aussi revenir
sur l'origine de l'idée concernant
les duplex et triplex. D'un point de
vue architecturale, il s'agissait de
générer une plus-value. Le bâti-
ment était très haut, les ascenseurs
ne peuvent pas accéder aux der-
niers étages pour des raisons de sé-
curité.*

10. Actes et conventions

C'est pourquoi on a décidé de construire des duplex. La même remarque vaut d'ailleurs pour l'autre tour, Aurea.

Les socialistes soutiennent l'initiative d'investir dans des appartements. Comme d'autres l'ont dit, il faut continuer sur cette voie. La commune a notamment acheté des terrains dans les Woierwisen, où elle pourra décider quoi construire. Erny Muller propose de continuer à veiller à une bonne mixité et de construire davantage de logements. (Votes)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé à un acte notarié portant sur le numéro 21 de la rue Adolphe-Krieps. Il en a déjà été question récemment. Le collègue échevinal a voulu se montrer rapide parce qu'il s'agit d'un beau bâtiment historique situé dans le centre à proximité du parc.
La commune pourra décider quoi en faire.

JERRY HARTUNG (CSV) *est content de l'acquisition de cette grande maison située à un endroit stratégique pour le commerce. Il est important d'y planter un magasin qui soit complémentaire à ce qui existe déjà. La commune pourra le soutenir avec des prix et des conditions corrects. Des locataires vivent déjà dans le bâtiment. Ils doivent pouvoir y rester.*

ter ophält an dann eng ganz Partie Mesurë punkto Sécherheet vun de Gebaier net brauchen ausgefuert ze ginn. Wat iwwregens och de Fall ass bei deem besteënden Tower Aurora, deem elo sou lues amgaang ass fäerdegzeginn. Do hutt Der gesinn, dass do och esou en ieweschten Opbau do ass, esou eng Kapp-Funktioun.

Op jidde Fall ënnerstëtze mir déi Initiativ, dass d'Gemeng elo selwer an de Wunnengsbau investéiert. An och de spéidere Benotzer dovu profitéiere léisst. Dat ass eng top Initiativ, déi mir selbstverständlech als LSAP ënnerstëtzen.

Et war scho gesot ginn, dass mer sollten op deem Wee virufueren. Jo, mir sollen. Mir hu virdrun iwwert d'Terraine geschwat. Och d'Gemeng Déifferdeng huet schonn eng ganz Partie Terraine kaaft – an de Woierwisen, fir se net ze nennen. Do si mer Proprietär vum Terrain. An do kënne mer dann och selbstverständlech bestëmmen, wat mer do bauen. An do wär meng Proposition, fir och ëmmer ze probéieren, an der néideger Mixitéit mat den Infrastrukture virunzufueren. An och do als Gemeng selwer aktiv ze ginn, wat d'Baue vun zousätzlechem Wunnraum ubelaangt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer zum Vott. Am éischte Vott geet et ëm déi Duplexen an Triplexen. Dass dat kloer ass. Net ëm déi 76 subventionéiert Wunnengen.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver l'acte notarié pour l'acquisition de 80 logements au projet Gravity de la société BPI Luxembourg situés à l'Entrée en ville à Differdange (revente libre de quatre appartements).

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

An dann huele mer déi 76, déi an d'Utilité publique falen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié pour l'acquisition de 80 logements au projet Gravity de la société BPI Luxembourg situés à l'Entrée en ville à Differdange (utilité publique: 76 appartements).

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da si mer beim Punkt 10b, do geet et och erëm ëm en Acte notarié, 21, rue Adolphe Krieps. Dat ass elo relativ séier gaangen. Deen hate mer Iech eréischt viru kuerzem hei am Gemengrot virgestallt. Dat Haus ass kaf ginn, well et en historiescht Gebai ass, well et en zentraalt Gebai ass, well et en architektonesch schéint Gebai ass. An dass mer an der Hand hunn, wat mer op där Plaz, déi awer wichteg ass, esou no beim Park, kënne selwer matgestalten.

Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Damm, Dir Hären, am Numm vun der Déifferdenger CSV wëlle mer ënnersträichen, datt mer frou sinn, datt d'Gemeng dëst Gebai mat grousssem Volume ka kafen. Et läit op enger strateegesch wichteger Plaz an eiser Stad, wat de Commerce ugeet. Dee wëlle mer jo mat interessante Butteker oprecht-erhalen.

Dofir ass et wichteg, datt mer garantéieren, wéi och op anere Plazen, déi mer an de leschte Joren opkaf hunn, datt mer Commerce heihi kréien, deem eis Geschäftswelt complementaire ergänzt. Also eng Plus-value fir eis Stad bréngt. An deem och bleift respektiv iwwerliewe kann, doduerch, datt mer korrekt Präisser a Konditiounen garantéieren. Hei bei dësem Objet si scho Locatairen dran, déi natierlech d'Recht sollen hunn dranzubleiwen.

10. Actes et conventions

Wat de Patrimoine ugeet, ginn ech der Madamm Buergermeeschtesch komplett Recht: Et ass ee ganz wichtige Bestanddeel vun eiser Gemeng. An et gëtt héich Zäit, deen ze renovéieren, insbesonnesch wann een d'Fassad mam Balcon kuckt.

Zum Präis: eng Millioun Euro. Dat ass heifir, denke mer, ganz okay. Do muss uschléissend finanziell nach eppes dragestach ginn, wéi gesot, fir eng grondleeënd Renovatioun. Ma wann een d'Ausgaben all zesummenhëlt an den Objet kuckt, wann e fäerdeg ass, ass dëst op laang Siicht eng gutt Rechnung fir d'Gemeng. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Dann ass et um Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'LSAP Déifferdeng ass fir de Prinzip vum Kaf vun Haiser, mam Zil, fir d'Geschäftswelt am Zentrum vun Déifferdeng méi attraktiv ze gestalten. Mir kréien haut en Acte d'achat virgeluecht vun engem Geschäftslokal am Zentrum vun Déifferdeng, 30, Avenue de la Liberté, fir de Präis vun enger Millioun Euro.

Vu dass ee kee Plang virleien huet, dränge sech follgend Froen op: Wéi vill Meterkaree huet d'Geschäftslokal? Si Wunnengen dobäi? Wat ass de Käschtepunkt vun der Renovéierung? Wëssend, dass keng Isolatioun besteet, weeder um Daach nach op der Fassad nach am Keller. Och si keng isoléiert Fënsteren dran. Wéi gëtt de Bau gehëtzt? Lauter Informatiounen, déi eis net virleien. An déi ech och net op der Diffcloud fonnt hunn. Wéi vill Interessente waren um Objet interesséiert a wat rechtfäerdeg de Präis vun enger Millioun Euro?

An der Gemengerotssitzung vum 17. Juli hat d'LSAP Follgendes fir d'Zukunft proposéiert: Eng Evaluatioun vun engem vereedegten Expert virun esou engem Kaf. Dëse Fachmann informéiert iwwert de Wäert vum Haus an de Präis vun enger Renovatioun. Eleng duerch dës Moossnam kann een e reelle

Maartpräis kennen. Dës Expertis soll dem Gemengerot virgestallt ginn. An da sollte mir déi weider Schrëtt ënnerehuelen.

Leider vermësse mir dës Bewäertung. An och ass eis onbekannt – Dir hutt elo e puer Detailler ginn, Madamm Buergermeeschter –, wat d'Zukunft vun deem Haus sollt sinn.

Ech hätt awer nach eng allgemeng Bemierkung zu deene Kaf-Akten, déi eis an der Lescht ëmmer virgeluecht ginn am Gemengerot. Do geet ëmmer rieds vun enger Utilité publique. Sou gëtt dat klasséiert. Mir musse wëssen, wat d'Folleg fir de Vendeur ass, wann Utilité publique am Akt steet. D'Folleg ass, dass de Vendeur keng Steieren op der Plus-value vu sengem Objet bezilt, an d'Gemeng als Keefer dee gefuerderte Präis bezilt. Wann een en Objet keeft, wat säit längerem keen Interessent fënnt, sollt d'Utilité publique net am Akt erwäant ginn an de Verkeefer déi selwecht Steiere bezuele wéi beim Verkauf un eng Privatpersoun. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Mir sinn do e bëssen anerer Meenung. Mir sinn der Meenung, dass d'Gemeng hei absolutt richtig handelt, fir esou Gebaier, déi am Zentrum sinn, opzekafen. Ëmsou méi bei esou engem immens flotte Commerce, op enger Plaz direkt nieft dem Park, mengen ech, muss ee mat zwou Hänn zougräifen.

Den historiesche Wäert vun dësem Haus, mengen ech, muss ech heibanne kengem beschreiwen. Dir kennt dat Haus allegueren. Op alle Postkaarten aus de leschten honnert Joren fënnt een iergendwou aus all Epoch Fotoe vun dësem Gebai erëm. Wou d'Fassad natierlech an engem besseren Zoustand war, wéi se haut ass. Mee et gesäit een awer trotzdeem haut nach ëmmer, wat fir een imposanten Immeuble dat déi Zäit war, wou dat gebaut ginn ass.

Comme l'a dit la bourgmestre, cette bâtisse est un élément important du patrimoine de Differdange. Il était temps de la rénover — notamment le balcon et la façade.

Le prix d'un-million d'euros semble correct. Ensuite, il faudra investir dans la rénovation. Mais sur le long terme, ce sera de l'argent bien dépensé.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *est d'accord avec le principe d'acquérir des maisons dans le but d'ouvrir des commerces attractifs dans le centre-ville. Ici, il est question d'un commerce situé au 30, avenue de la Liberté pour un-million d'euros.*

Comme il ne dispose pas de plans, Guy Altmeisch se demande combien de mètres carrés le magasin fait et combien la rénovation va coûter, le toit, la façade, les fenêtres et la cave n'étant pas isolés. Comment la bâtisse est-elle chauffée? Combien d'acquéreurs souhaitent-ils acheter le bâtiment?

Le 17 juillet, le LSAP a exigé l'évaluation d'un expert avant d'acquérir une bâtisse. C'est la seule façon d'estimer le prix courant. Malheureusement, une telle évaluation n'est pas disponible. Et même si la bourgmestre a fourni quelques détails, le conseil communal ne connaît pas la future affectation de la bâtisse.

Dernièrement, les acquisitions sont souvent considérées d'utilité publique. Les conséquences sont que le vendeur ne paye pas d'impôts sur le bénéfice alors que la commune paye le prix demandé. Dans le cas d'objet ne suscitant pas d'intérêt, il faut arrêter de mentionner l'utilité publique dans les actes.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *est d'avis que la commune a parfaitement raison d'acquérir des bâtiments dans le centre-ville. Cela est d'autant plus vrai qu'il s'agit d'un commerce jouxtant le parc.*

Cette maison a une valeur historique. Elle figure sur de nombreuses cartes postales du siècle dernier. Bien sûr, la façade était en meilleur état. Mais on peut voir encore aujourd'hui qu'il s'agit d'une bâtisse imposante.

Georges Liesch rappelle par ailleurs que la commune n'achète

pas seulement le commerce, mais tout l'immeuble. Quand on rentre dans le magasin, on se rend compte qu'un investissement est nécessaire. C'est d'ailleurs ce qu'une ancienne locataire a dit à Georges Liesch. Il n'en demeure pas moins que l'objet est intéressant et que le prix est justifié.

Que compte faire le collège échevinal des appartements? Vont-ils être mis en location? Une forme d'habitation alternative est-elle possible? Pour répondre à ces questions, il faut attendre de connaître la capacité de chaque étage. De toute façon, le conseil communal devra aprouver le devis.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *salue l'acquisition de cette maison au 21, rue Adolphe-Krieps. L'entrée du magasin se situe au 30, avenue de la Liberté. Les démocrates soutiennent l'achat de logements loués ensuite à un prix correct.*

L'endroit à proximité du parc est stratégique. La maison est historique et belle. Elle date de 1928 et doit logiquement être rénoverée. Il s'agit d'une maison de tradition avec une histoire.

Émile Lazard, un Differdangeois né en 1888 a été le premier propriétaire. En avril 1927, il a acheté le terrain appartenant à madame Wagener et monsieur Hilgert en avril 1927, y a construit la maison et y a ouvert un magasin d'étoffes. En novembre 1937, il a vendu le magasin Maison moderne à monsieur et madame Gustav et Émilie Wolf. Ceux-ci possédaient déjà un magasin en Allemagne, mais ils ont dû le fermer à cause des lois contre les juifs. Comme ils possédaient la nationalité luxembourgeoise, ils se sont installés dans le pays.

Le 10 mai, la famille Wolf a fui en France. Les occupants allemands ont repris le magasin, qu'ils ont appelé «Stoffhaus zum Park». Monsieur Wolf est mort en novembre 1943 à Auschwitz. Sa femme, sa fille et son fils se sont enfuis en Suisse. En 1945, ils sont rentrés à Differdange, où ils ont rouvert leur magasin.

En 1962, Erny, le fils, a racheté le bâtiment à Émile Lazard et l'a transformé. Erny Wolf était engagé et dynamique. Il a longtemps fait

Am Akt steet jo dran, dass et en Immeuble construit ass. Dat heescht, wann ee virum Haus steet, gesäit een, dass et d'ganz Gebai ass. Also net nëmmen de Commerce kafe mer hei fir eng Millioun, mee mir hunn et schon esou verstanen, dass mer dee ganzen Immeuble kafen. Dat heescht de Commerce mat deene Stäck uewendriwwer.

Natierlech, wann ee vu bausse kuckt, ech war net an d'Geschäft eran – bon, ech war schon eng Kéier an d'Geschäft eran, mee an d'Wunnengen net –, gesäit een, dass do awer en Invest muss gemaach ginn. Och mat den Aussoen, déi ech schon emol héieren hu vun enger fréierer Locatairein vun deem Gebai, dass do awer mussen e puer Euro an de Grapp geholl ginn, fir an deem Haus nach ze schaffen. Dat schéngt eis och evident ze sinn. Mee trotzdeem ass dat en immens interessanten Objet, dee mer kafen. A fir dee Präis op jidde Fall gerechtfäerdigt ass.

An och hei muss ee sech dann iwwerleeën, mat de Wunnengen, déi een dramécht: Wat fir eng Méiglechkeeten huet een do? Gi mer an d'Locatioun? Fanne mer, dass dat vläicht eng gëeegent Plaz wär fir eng aner Wunnform zum Beispill, vu d'Proximitéit vum Zentrum? Dat muss een da kucken. Ech mengen, dat ergëtt sech, wann een d'Haus emol gesinn huet an och weess, wat fir eng Capacitéit op all Stack ass, wat een dann doraus maache kann. Mir sinn zouversichtlech, dass dat och de Wee dann hei an de Gemengerot fënnt. Well dat gëtt jo dann och en Devis, dee mer dann zur gegebener Zäit stëmme wäerten. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Demokratesch Partei begréisst de Kaf vum Haus op 21, Rue Adolphe Krieps respektiv mat der Entrée vum Geschäft op 30, Avenue de la Liberté. Wuelwëssend ënnerstëtze mer de Kaf vun Haiser, fir se zu engem korrekten Loyer ze verlounen. Mam Zil, de sozia-

le Logement ze ënnerstëtzen. Wéi hei op der Plaz beim Park a Pavillon am ieweschten Zentrum vun Déifferdeng. Eng strateegesch gutt Plaz. E ganz historesch a schéint Haus aus dem Joer 1928, wou awer elo Renovatiounen musse gemaach ginn. Wat jo logesch ass. Dat si ganz vill Joren hier. Mir hunn 2020. En Traditiounshaus, mat Traditioun a Geschicht.

Erlaabt mer, dorobber e weénege anzugeen. Den éischte Proprietär war den Emile Lazard, e bekannten Numm. E gebiertegen Déifferdenger, gebuer 1888. Hien huet den Terrain ofkaaft am Abrëll 1927 vum der Madamm Wagener a Fra vum Här Michel Hilgert. Den Numm Hilgert ass och bekannt, als fréier Geschäftsleit vum Déifferdeng. An huet do drop dat Haus gebaut, wat mer haut kennen. Och e Stoff-Geschäft.

Dat Geschäft mam Numm Maison Moderne huet hien am November 1937 un d'Koppel Gustav an Emilie Wolf verkaaft. D'Gebai war awer weiderhi seng Propriétéit. Déi nei Geschäftsleit haten e Geschäft bei Duisburg am Ruhrpott. Dat se awer net méi konnte weiderféieren, wéi d'Antijudengesetz an Däitschland koumen. Si koumen op Lëtzebuerg, well si d'Lëtzebuerger Identitéit haten.

Den 10. Mee bei der Krichserklärung ass d'Famill Wolf a Frankräich geflücht. Hiert Geschäft gouf vum den däitsche Besatzer iwwerholl an huet „Stoffhaus zum Park“ geheescht. De Gustav Wolf ass verrode ginn an deportéiert op Auschwitz, wou hien am November 1943 gestuerwen ass. Seng Fra, déi al Madamm Wolf – hire Spëtzennumm hei zu Déifferdeng –, hir Duechter an hire Fils Erny – kenne mer och nach alleguer – konnte bal alleguer an d'Schwäiz flüchten. Si koumen am Mee 1945 erëm op Déifferdeng zrëck an dierften do hiert Geschäft erëm opmaachen. Den Erny Wolf huet du senger Mamm gehollef, d'Geschäft erëm opbauen.

1962 huet hien dem Emile Lazard d'Gebai ofkaaft an ëmgebaut a senger haiteger Form. Vun 1945 u war den Erny Wolf en engagéierten Déifferdenger, en dynamesche Geschäftsman a laangjäreg Member vum Geschäftsverband. Dat e puer Elementer iwwert d'Maison Moderne.

10. Actes et conventions

Erlaabt mer hei nach eng Ausso, déi mer gefall huet, déi mer nogaangen ass, mat enger klenger Tréin am Knapplach: „Och wa mer wëssen, datt et a gudden Hänn ass, si mer gespaant, wéi et elo weidergeet“. Vun den Damme Claude a Joëlle Wolf. Ech soe Merci fir d'No-lauschteren. An d'DP stëmmt dësen Akt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié pour l'acquisition d'un immeuble sis au n° 21 rue Adolphe-Kriepps.

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 10c. Do geet et ëm eng Parzell vu 4,67 Ar an der Rue de Waterloo. Dat ass en Dossier, dee scho vill méi laang zrëckläit. Et geet ëm e Stéck, wat fir 50.000 Euro den Ar verkaf gëtt. Dat heescht, dat Ganzt kascht 233.500 Euro. Am Kader vun engem PAP, deem 2009 gestëmmt ginn ass, gutt befonnt ginn ass an 2018 vum Ministère de l'Intérieur geneemegt ginn ass, fir dass dee PAP do ka gebaut ginn, brauch déi Societéit deem Terrain, fir et kënnen ëmsetzen.

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer direkt zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié pour la vente d'une parcelle sise au lieudit « rue de Waterloo » à Oberkorn avec une contenance de 4,67 a.

Merci. Punkt 10d. Dat ass och erëm en Acte de vente. Dat ass déi lescht Parzell, Cité Galerie Honsbësch vun 2,0 Ar, déi verkaf ginn ass fir 72.100 Euro.

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wäert dat elo natierlech stëmmen. Mee ech ka mer awer net verknäifen, drop henzeweisen, dass ech zënter Joren a vun Ufank u vun deem Projet gesot hunn: Firwat verkafe mir déi Terrainen, och wann et fir méi e bëllege Präis ass? Firwat maache mer net en Deel dovunner Locatioun?

Mir schwätzen elo beim Gravity-Tower vu Mixitéit. An hei hu mer ee Projet iwwert de Kamm d'nämmlecht kommerzialiséiert, soen ech elo. A mir mierke jo awer och elo, wéi laang mer gebraucht hunn, fir dee leschten Terrain dann ze verkafen. Hätte mer dat direkt selwer realiséiert, hätte mer do dräi Wunnengeen op d'mannst, wann net méi, als Locatioun direkt realiséiert, dann hätte während deene Joren do Leit kéinte lounen. Dat hu mer hei leider domadder verpasst. An ech hoffen, mir léieren dat fir d'Zukunft. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Et ass keng aner Wuertmeldung do, da gi mer zum Vott iwwer.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié pour la vente d'un terrain sis au lieudit Cité Galerie Honsbësch à Niederkorn avec une contenance de 2,06 a.

Merci. Am Punkt 10e geet et ëm eng Session gratuite an der Woiwerstrooss. Ech ginn dem Här Ulveling d'Wuert, dee laang gekämpft huet, fir deem ze kréien, mam But dass mer kënne vläicht do e Wee maachen. Här Ulveling, ech ginn Iech einfach dofir d'Wuert. Et geet ëm 2,04 Ar.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, richtig. Mir si scho Joren do han-nendrun, fir dat Stéck ze kréie respektiv mam Proprietär vun deem Haus ze tau-schen. Dat ass dee Wee, deem erageet bei der Villa Liliane, do riicht erof. An deem huet awer där Residence gehéiert,

partie de l'Association des commerçants.

Christiane Saeul tient à citer mesdames Claude et Joëlle Wolf à propos de la maison: «Même si nous savons qu'elle est en de bonnes mains, nous sommes curieuses de voir ce qui va se passer».

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une parcelle de 4,67 a dans la rue de Waterloo vendue à 50 000 € l'are pour un total de 233 500 €.

Le PAP a été approuvé en 2009 par le conseil communal et en 2018 par le ministère. L'entrepreneur a besoin du terrain pour commencer les travaux.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à la dernière parcelle de la cité Honsbësch. Elle fait 2 a et est vendue pour 72 100 €.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) approu-

vera l'acte, mais se demande pourquoi la commune vend ces terrains et pourquoi elle ne réalise pas elle-même des logements à louer.

Le conseil communal a parlé de Gravity tout à l'heure. Dans ce cas-ci, il a fallu des années pour vendre le dernier terrain. Si la commune avait construit trois appartements au moins, ils auraient pu être mis en location il y a des années.

Gary Diderich espère qu'à l'avenir, le collège échevinal ne commettra plus cette erreur.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une cession gratuite dans la rue Woiwer. Il s'agit de 2,04 a pour construire un chemin.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il

essaye depuis des années d'échanger cette parcelle. Il s'agit du chemin menant à la Villa Liliane. La parcelle appartenait à plusieurs propriétaires.

10. Actes et conventions

On n'arrivait pas à les retrouver tous, ce qui explique le temps écoulé.

Désormais, le propriétaire de la maison à gauche accepte de céder une partie de son jardin. En échange, il obtient un petit triangle à côté de la rue.

La commune veut aménager un chemin menant à l'aire de jeux et à la rue Xavier-Brasseur. Cela évitera aux gens de faire un grand détour.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) ajoute que ce chemin mènera aussi à l'École Fousbann.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une autre cession gratuite: un bout de route de 0,33 a. La convention a été approuvée le 1er juillet.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au contrat de location des toits du Hall O et du 1535° pour la mise en place d'une installation photovoltaïque de Sudgaz.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) trouve logique de traiter ces deux points en même temps pour éviter les répétitions.

Le premier contrat avec Sudgaz concerne le toit du Hall O. L'installation photovoltaïque aura une surface de 1200 m² et une puissance de 99 kW. Le contrat porte sur 15 ans. Ensuite, soit il sera reconduit soit la commune acquerra l'installation. Le loyer se monte à 7,50 €/kW.

La deuxième installation sera aménagée sur le bâtiment B du 1535°. L'installation est deux fois plus grande que l'autre et est donc adaptée à la mise en place d'une coopérative citoyenne.

Les travaux seront réalisés au cours des 18 prochains mois.

déi do hannendru gebaut ginn ass. Déi hunn eis müssen d'Strooss erëm retrocedéieren. Dat ass laang net geschitt, well do verschidde Proprietäre waren. Un deen ee si se net komm, deen aneren hu se net fonnt. Mee elo ass d'Saach an der Rei.

Dat heescht, mir wëllen dat esou maachen, dass dee Mann, deen d'Haus huet, wann Der erafuert lénkser Hand, dat do un d'Strooss ugrenzt, eis e klenkt Stéck vu sengem Gaart hannenaus gëtt. An dofir kritt hien esou e klengen Dräieck säitlech vun der Strooss a Kompensatioun. Do kéinte mer dann e Wee maachen, wou mer géifen direkt vun do aus op d'Spillplaz komme respektiv an d'Rue Xavier Brasseur. Dat heescht, et ass eppes, wou mer de Leit deelweis e risegen Ëmwee erspieren, fir op déi Spillplaz ze kommen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

An an d'Fousbanner Schoul.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An och natierlech duerno an d'Fousbanner Schoul.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wa keng Wuertmeldung méi do ass, bieten ech ëm de Vott, wannechgelift.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la cession gratuite d'une parcelle sise au lieudit rue Woïwer à Differdange avec une contenance de 2,04 a.

Ech soe villmools Merci. De Punkt 10f, dat ass och eng Sessioun gratuite, déi mer kréie fir e Stéck Strooss vun 0,33 Ar. U sech ass et d'Exekutioun vun der Konventioun vum Terrain, déi, mengen ech, den 1. Juli hei am Gemen-gerot gestëmmt ginn ass.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la cession gratuite d'une parcelle sise au lieudit rue Belair à Oberkorn avec une contenance de 0,33 a.

De Punkt 10g an 10h géif ech wëllen zesumme vir- an zum Vott stellen. Et geet ëm e Contrat de location um Daach vum Hall O zu Uewerkuer an ëm eng Mise en place vun enger Installation photovoltaïque vu Sudgaz am 1535°. Ech géif dofir d'Wuert un d'Madam PREGNO ginn, wann Der averstane sidd, dass mer déi zesummen traitéieren. Merci.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Et ass logesch, déi zwee Punkten zesummen ze presentéieren, well soss riskéieren ech, mech ze vill ze widderhuelen. An dat mécht jo wéineg Sënn.

Et geet zweemol ëm Photovoltaikanlagen op Diech vu Gemengegebaier. Deen éischten, dat ass e Kontrakt fir dat Gebai, an deem mer elo selwer sëtzen. Wou den Daach der Sudgaz zur Verfügung gestallt gëtt, fir eng Photovoltaikanlag opzerichten. Dës Photovoltaikanlag wäert eng 1.200 m² hunn, mat engem Maximalwäert vun 99 kW. Dat Ganzt ass fir 15 Joer virgesinn. No deene 15 Joer kann entweder de Kontrakt verlängert gi mat der Sudgaz, respektiv kann d'Gemeng d'Installatioun ofkafen oder si gëtt vun der Sudgaz ouni Fraise fir d'Gemeng erofgeholl. De Loyer ass op 7,50 Euro pro Kilowatt fixéiert ginn. Dat ass déi eng Anlag.

Déi aner Anlag ass fir den Hall B am 1535°. Déi Anlag ass duebel sou grouss wéi déi vum Hall O. Wat sech besser eegent fir eng Kooperativ mat Biergerbedelegung. Domadder, mengen ech, wär d'Fro beäntwert, firwat bei där enger Biergerbedelegung ass a bei där anerer net.

Dëst soll an deenen nächsten 18 Méint realiséiert ginn. Et ass wierklech e flotte Projet, fir Biergerbedelegung ze maachen. Mir hunn dat och scho mat der Sudgaz ausgeschafft, wéi dat soll ausgesinn, wéi vill Loten ee soll kafen, fir

dass och herno net ze vill – also genuch Bierger an awer net ze vill – Bierger bedeelegt sinn, fir dass et nach gestionabel bleift.

Mer wäerten och an deenen nächste Méint eng Versammlung maachen. Do musse mer nach kucken, wéi mer dat ëmsetzen, fir dass d'Leit kënnen informéiert ginn. Ech denken, dass mer zwee Datumer offrëiere wäerten. Een, wou d'Leit sech kënnen informéieren. An deen aneren, wou de Projet virgestallt wäert gi vun der Sudgaz.

Do wäerten d'Leit sech da mussen am Virfeld umellen, dass mer wéinst Corona evitéieren, dass herno ze vill Leit op engem Koup sinn. Déi Datume loossen ech Iech zoukommen, soubal se fixéiert sinn. Mir hunn et nach net gemaach, well mer elo vill mam Budget beschäftegt sinn a mer dat wollten e bëssen aus deem Rush eraushuelen, fir dass deem awer genuch Wichtigkeet accordéiert gëtt.

Ceci dit, denken ech, dass déi zwou Saache flott Projete sinn. A virun allem d'Biergerbedeelegung weiderhi ganz wichteg ass an eiser Gemeng. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Erlaabt mer, ech muss jo bal eppes dozou soen. Mir hu schonn eng Anlag hei an der Gemeng, déi iwwer eng Kooperativ funktionéiert. Net wäit vun hei ewech, um Daach vum Stadion. Deemools, wéi mer se realiséiert hunn, hate mer relativ vill Demandë kritt, fir nach eng Kéier esou eng Anlag ze maachen. Well d'Leit gemierkt haten, dass dat awer interessant ass, fir éischtens emol Sue kënnen ze investéieren an och nach fir eng gutt Saach, nämlech fir gréng Stroum hierzestellen.

Leider Gottes haben dunn d'Gesetzer geännert gehat. Soudass dat net méi direkt an där doter Form méiglech war. Nëmme gréisser Anlage sinn dunn nach finanziell ënnerstëtzt ginn. Wat där

ganzer Dynamik e bëssen en Dämpfer ginn huet, hei zu Lëtzebuerg. Zumindest wat déi méi kleng Anlagen ugeet. Doriwwer eraus hate mer awer och, muss ech op där anerer Säit soen, gekuckt, wat fir eng Surfacen nach a Fro kéimen. An do waren der net méi esou ganz vill zur Verfügung.

Ëmsou méi frou sinn ech, dass mer haut direkt zwee Kontrakter hunn. Eng vu knapp 100 Kilowatt an eng vun 200 Kilowatt, déi also scho wierklech däitlech méi grouss ass. An dann och erëm eng Kéier a Form vun enger Kooperativ. Dës Kéier mat der Sudgaz. Wou mer jo och Member sinn. Wat jo natierlech och net schlecht ass, fir mat hinne mol eng Kéier esou e Projet ze maachen. Well si jo och ganz interesséiert sinn, op nei Weeër ze goen.

Wat ech och ausdrécklech, nach eng Kéier, begrëssen, dass d'Sudgaz sech an deene leschte Jore wierklech an eng Richtung beweegt, déi mir, an ech mengen, deene Gréngen allgemeng, ganz gutt gefält. Nämlech sech besser opstellen an nieft dem Verkaf vu Gas och an aneren Energiesektoren tätig gëtt. Dat ass eng Dynamik, déi ech wierklech ganz interessant fannen.

Mir si frou, dass mer dës Projete kënne matstëmmen. Déi Versammlungen, wou d'Leit sech kënnen informéieren, wäerte bestëmmt gutt besicht ginn. Well déi Leit, déi sech interesséiert hunn, hu mech nach ëmmer regelméisseg drop ugeschwat: Gëtt et nach ëmmer keng nei Méiglechkeet fir sech do mat ze investéieren? An dat heite bitt natierlech eng flott Geleeënheet, dat ze maachen. Dofir si mer frou, déi zwee Akten hei kënnen haut matzestëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Och mir als LSAP begrëssen, dass d'Sudgaz op een neie Wee geet. Doduerch kann d'Gemeng duebel profitéieren, net nëmmen duerch dee gréng Stroum, mee och nach finanziell. Mir si jo eng vun deene Gemengen, déi Mem-

Le nombre de lots mis en vente a été défini pour éviter un nombre trop élevé de copropriétaires.

Le collège échevinal organisera des réunions d'information prochainement. La commune devrait proposer deux dates: une, où Sudgaz présentera le projet, et une, où les citoyens pourront s'informer. Les gens devront s'inscrire à cause de la pandémie. Laura Pregno communiquera les dates au conseil communal dès que la décision aura été prise.

Elle trouve ces deux projets chouettes et estime qu'il faut promouvoir la participation citoyenne.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rap-pelle que l'installation photovoltaïque sur le toit du stade fonctionne déjà en coopérative. À l'époque, les demandes avaient été nombreuses. Il s'agit d'un investissement pour une bonne cause: produire de l'électricité verte.*

Entretemps, la loi a changé et seules les installations d'une certaine taille sont encore subventionnées. Le collège échevinal a dressé un état des lieux des surfaces disponibles, mais il n'en restait pas beaucoup.

C'est pourquoi Georges Liesch se réjouit particulièrement de ces deux contrats. Une des installations a une puissance de 100 kW et l'autre de 200 kW. Elles seront gérées par Sudgaz, dont la Ville de Differdange fait partie. Ces dernières années, Sudgaz va dans une direction qui plaît aux écologistes en ne se limitant plus à la vente de gaz, mais en se montrant actif dans d'autres secteurs énergétiques.

Déi gréng approuveront ce projet. Georges Liesch se dit convaincu que la réunion d'information sera bien fréquentée, car de nombreux citoyens lui ont posé des questions au sujet de coopératives de ce type.

ERNY MULLER (LSAP) *salut à son tour la décision de Sudgaz. En effet, la Ville de Differdange profite à la fois de la production d'énergie verte et des bénéfices réalisés. En effet, la commune est membre de Sudgaz.*

10. Actes et conventions

Les bénéfices pourront être réinvestis dans d'autres projets dans le sud du pays. D'ailleurs, Sudgaz se montre aussi actif dans le domaine des éoliennes. Avec les installations photovoltaïques, Sudgaz se lance dans un nouveau créneau. Si les autres communes se montrent aussi actives que Differdange, le sud fera un grand pas en avant.

ALI RUCKERT (KPL) *salue l'approbation de ces deux contrats.*

Il tient à rappeler que Sudgaz est synonyme de participation citoyenne. En effet, la société appartient à 100 % aux communes. Et les conseils communaux sont les représentants de la population. Le manque de transparence est le problème. Les gens ne savent pas toujours que Sudgaz leur appartient. C'est une société publique.

Il y a vingt ans déjà, les communistes exigeaient que des sociétés publiques comme Sudgaz se diversifient. Dans ce cas-ci, Sudgaz ne doit pas se limiter au gaz, mais investir dans d'autres formes d'énergie.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *constate que le conseil communal va louer 1200 m² du toit du Hall O à Sudgaz pendant au moins 15 ans. Sudgaz est à la recherche de surfaces adaptées dans les communes membres pour diversifier ses activités.*

Les démocrates soutiennent aussi la création d'une coopérative pour le projet d'installation photovoltaïque sur toit du bâtiment B du 1535°.

Le seul bémol, c'est que seules des personnes mieux loties ont acheté des parts de l'installation du stade. En plus, elles ont profité d'un taux préférentiel à la banque. Mais ce qui importe, c'est le volet écologique. Le DP approuvera les deux projets.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *ne peut que soutenir ce projet, qui réunit instances publiques et participation citoyenne. On pourrait même dire — comme monsieur Ruckert — qu'il s'agit entièrement de participation citoyenne.*

ber ass vun där SA – ech wëll net soen Aktionär, mee ganz einfach zu der Gesellschaft Sudgaz gehéieren. Op déi Manéier kënnt jo, wann do e Benefice ofgeworf gëtt, deen erëm de Südgemengen zegutt.

Domadder hu mer e Wee opgemaach, oder huet Sudgaz de Wee opgemaach, fir hei am Süden nach op villen anere Plazen aktiv ze ginn. Mir wëssen, dass se och um Niveau vun de Wandmille ganz aktiv sinn. An ech mengen, mat Photovoltaik géif dat awer elo en neie Creneau ginn. Dat heescht, wa si weiderhin esou aktiv dora virufueren an d'Gemengen do matmaachen, wéi eis Gemeng, da mengen ech, dass mer op jidde Fall am Asaz vun der Photovoltaik hei am Süde kéinten e grouse Schratt no vir kommen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei begrëssen, dass mer haut déi zwee Kontrakter ofstëmmen. Dat si wichteg Initiativen an eisen Aen.

Ech wëll awer och drun erënneren, dass wa mer vun der Sudgaz schwätzen, da schwätze mer och – dat gëtt dacks vergiess – vun enger Biergerbedeelegung. Dat dierf een net vergiessen. D'Sudgaz ass eng Aktiegesellschaft, déi awer de Gemengen zu 100 % gehéiert. An dat sinn d'Vertrieeder vun de Bierger, dat sinn d'Gemengeréit.

De Problem ass just derbäi, dass dat net ëmmer transparent genuch geschitt. Dass d'Leit net ëmmer drop higewise ginn, dass hinnen d'Sudgaz am Fong gehéiert. An dass vergiess gëtt, dass dat keng Gesellschaft wéi eng aner ass. Mee et ass eng ëffentlech Gesellschaft, och wann et eng Aktiegesellschaft ass, well se de Gemenge gehéiert.

An ech wëll drun erënneren, dass d'Kommunistescher Partei scho virun 20 Joren ugereegt huet, dass d'Sudgaz,

wéi aner Aktiegesellschaften oder ëffentlech Gesellschaften, déi an der Hand vun de Gemenge sinn, sech vill méi diversifizéieren an hirer Ausrichtung. An, hei an deem Fall, net beim Gas stoebleiwen, mee och an aner Energieberäicher ginn an doran investéieren. An dat net einfach der Privatinitiative iwwerloossen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, 1.200 m² vum Daach vum Hall O verloune mer fir mindestens 15 Joren u Sudgaz. D'Sudgaz SA sicht an all hire Partnergemengen no gëeegente Flächen, fir Photovoltaik ze installéieren, fir hir Aktivitéiten ze diversifizéieren an auszubauen. Dat ass richtig a gutt an zäitgeméiss. Mir ënnerstëtzen dat. Genau wéi d'Schafe vun enger Kooperativ fir e Photovoltaikprojet um Bâtiment B vun der Kreativfabrik 1535°.

Kleng Bemoll oder eng Remark: Bei der Anlag um Stadion huet ee gesinn, dass haaptsächlech bessergestallte Leit investéieren an och nach vun engem Taux préférentiel op der Bank profitéieren. Dat wäert hei warscheinlech net anescht sinn. Mee de klimarelevanten Aspekt iwwerweit fir eis. Mir stëmmen déi zwee Projekte mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Diderich an dann den Här Tempels.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci. Och als Vertrieeder vun déi Lénk kann ech deen heite Projet nëmmen ënnerstëtzen. Hei kënnt ëffentlech Hand zesumme mat Biergerbedeelegung. Respektiv, et kann een et och direkt als komplett Biergerbedeelegung betruechten, wéi den Här Ruckert dat duergestallt huet.

10. Actes et conventions

Mee ech mengen, dass et e gutt Beispill ass, wéi eng Entreprise, déi an ëffentlecher Hand ass, sech kann ekonomesch entwéckelen, sech kann adaptéieren an och diversifizéieren. An d'Energie, wat e Bien commun ass, wat wichteg ass, wat vital ass fir eis Bierger, dass dat och an der Hand vun de Bierger bleift. An dass mer hei awer och virbauen an op erneierbar Energie setzen. Zousätzlech mat deem Träger och d'Méiglechkeet hunn, fir d'Bierger largement dorunner bedeelegen ze loossen. Dat kann ech nëmme begreifen.

In der Tat géif ech och déi Ureegung opgräfen, déi den Här Meisch elo gemaach huet. Dass ee muss kucken: Wéi stellt ee sécher, dass d'Informatioun wierklech bei jidderengem ukënnt? D'leschte Kéier, wéi mer dat gemaach hunn, do hat ech d'Informatioun matkritt. Deemools war ech nach net am Gemengerot. Ech weess awer, dass aner Leit, zum Beispill bei eis an der Sektoun, d'Informatioun net matkritt hatten. Leit, déi awer de Gemeindebuet souguer reegelméisseg kucken an esou weider.

Iergendeppes muss een do, mengen ech, nach verbessern an der Informatioun. Mee dofir hu mer jo och dës Kéier mat der Sudgaz vläicht en Träger, e Partner, deen deementspriedend ka kucken, dass een d'Leit nach anescht erreecht, fir sech ze bedeelegen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Hei schloe mer elo dee richtege Wee an, fir zesumme mat Sudgaz e Projet unzegoen. Sudgaz wäert sech domadder frësch opstellen, nei diversifizéieren.

Wou een zwar misst oppassen, dat war mer eng Kéier zu Ouere komm, dass Problemer waren um Fousbann am Jugendhaus, mat Oflagerunge vu Stëbs op de Paneauen, dee vun ArcelorMittal komm ass. Mee ech mengen, hei si jo vläicht elo déi richteg Partner um

Wierk, déi déi Saach da wäerten am A behalen, dass mer do keng Problemer kréien. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Ech denken, da gi mer zum Vott iwwer.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mir stëmmen déi zwou Konventiounen mateneen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de la toiture du Hall O à Oberkorn signé avec Sudgaz SA pour la mise en place d'une installation photovoltaïque.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention signée avec Sudgaz SA en vue de la réalisation d'un projet photovoltaïque en coopérative sur les toitures du bâtiment B du 1535°.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Da si mer um Punkt 10i. Do geet et ëm e Bail commercial am Markenhaus. Den Här Pregno kritt e Sall vun 19,2 m² zur Verfügung gestallt, fir de Präis vun 288 Euro hors tva, tout inclus. Dat ass vis-à-vis vum Geschäft Rêves d'enfants, wat kierzlech opgemaach ginn ass, déi e Loyer échelonné bezuelen. Hei bei dëser Locatioun hu mer mam héchste Präis ugefaangen. Dat heescht, hie bezilt schonn direkt dräi Euro méi wéi d'Haus vis-à-vis.

Et ass e Raum ouni Toilette, ouni Kitchenette, ouni Telefonsus Schloss. Et geet ëm en einfache blanke pure Raum. Mir fannen et wichteg, esou e Lieu hei an der Stad ze hunn, well et eisen Awunner eppes déngt. Et geet ëm Consultatiounen. Si se dran, expressis verbis? Op

Ce projet montre comment une société publique peut se développer économiquement et se diversifier. L'énergie, un bien commun vital, doit rester dans les mains des citoyens. Le gestionnaire public donne l'opportunité aux citoyens de participer au projet.

Comme l'a souligné monsieur Meisch, il faut s'assurer que tout le monde soit informé. Lors du dernier projet, Gary Diderich ne faisait pas encore partie du conseil communal, mais il avait été informé. D'autres membres de sa section en revanche n'étaient pas au courant. Il faut donc changer quelque chose. Sudgaz saura peut-être atteindre les gens d'une autre façon.

GUY TEMPELS (CSV) estime que ce projet va dans la bonne direction. Sudgaz est en train de se diversifier. Guy Tempels a entendu dire qu'il y avait des problèmes avec les panneaux solaires de la maison des jeunes du Fousbann à cause de dépôts de poussières provenant d'ArcelorMittal. Mais il suppose que le partenaire de la commune veillera à ce que cela n'arrive pas dans ce cas-ci.

(Votes)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à un bail commercial dans le « Markenhaus ». Monsieur Pregno y louera une salle de 19,2 m² pour 288 € HTVA. Le local se trouve en face du magasin Rêves d'enfants, dont le loyer a été échelonné. Dans ce cas-ci, le locataire payera le prix normal dès le départ.

La salle ne comprend ni toilettes, ni kitchenette, ni raccordement téléphonique. Les habitants de Differdange pourront profiter des consultations proposées par monsieur Pregno. Celui-ci ne sera pas présent à plein temps. En tout cas, le collègue échevinal n'est pas en train de faire un cadeau contrairement à ce qui a été dit.

10. Actes et conventions

Le Comité d'accompagnement économique n'a pas discuté de ce bail parce qu'il ne s'agit pas d'une surface commerciale.

Le loyer demandé a été vérifié au mois de juillet par le service du logement. Il correspond au prix courant moyen tel qu'on peut le trouver sur athome.lu.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) signale que le local est petit, ce qui pourrait justifier le prix. Cependant, celui-ci inclut tous les frais: l'électricité, l'eau, le chauffage, le nettoyage, les charges sociales... Cela pose problème.

C'est Nicole Wohl qui avait parlé de cadeau. Car la commune permet à un psychologue d'exercer en lui mettant à disposition tout ce dont il a besoin. Le collègue échevinal a beau dire que ce n'est que pour vingt heures par semaine; personne d'autre ne va payer le reste du loyer.

Nicole Wohl ne pourra pas approuver ce contrat.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se dit lui aussi inquiet. Que la commune loue un local pour ce type d'activités est nouveau même si cela correspond certainement à un besoin. La Ville de Differdange loue des locaux au 1535° à de bonnes conditions. Mais dans d'autres cas — par exemple le projet d'une maison de la santé —, Gary Diderich n'a pas d'informations. Il n'a pas l'impression que cela avance.

En tout cas, les besoins dans le domaine de la psychothérapie et du « coaching » sont importants au Luxembourg. Gary Diderich connaît beaucoup de gens voulant se lancer dans ce domaine, mais ne trouvant pas de locaux. C'est pourquoi le fait de lancer un tel projet avec un individu sans avoir fait d'appel à candidatures et sans concept préalable n'est pas idéal. Et comme l'a dit madame Wohl, ne pas devoir payer de charges constitue une bonne offre pour un indépendant. Gary Diderich se montre critique face à ce contrat.

jidde Fall bréngt et eisen Awunner eppen, déi dem Här Pregno seng Servicer kënnen gebrauchen.

Et ass och eng Deelzäitnotzung. Dat heescht, et ass net dee ganzen Dag een do. An et sëtzt och net all Dag een do. Ech denken, dass et kee Geschenk ass, wat mer do maachen, wéi ech et schonn héieren hunn hei zirkuléieren.

Am CAE ass nach net driwwer geschwat ginn, well keen Datum virgesinn ass, bis elo. A well et och net ëm eng Surface commerciale geet. Just als Erklärung.

Da bleift mer nach ze soen, dass de Präis, deen eis Leit am Service Logement nogekuckt hunn am Juli, wéi d'Demande ukomm ass, am Fong dem mëttlere Marchépräis entsprécht, deen den Informatiounen op athome.lu entspriechen. Dat sinn déi Informatiounen, déi ech zu deem Punkt ka ginn.

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Et geet hei ëm e kleng Raum, wat fir mech de Präis kéint justifiéieren. Gëschter hunn ech gelies, dass do awer sämtlech Fraise mat dra sinn. Dat heescht d'Elektresch, d'Waasser, de Chauffage, d'Botzfra. Do gehéiere jo praktesch och nach d'Charge-socialen derzou. An dofir hunn ech awer meng Bedenken. Well ech war dat, wat ënner anerem och fonnt huet, dat wär e Kaddo, wann ee kéint Psychothérapie an engem Raum maachen, wou een alles vun der Gemeng zur Verfügung gestallt kritt. Mat sämtleche Fraisen. Wou ee sech ëm näischt muss këmmen.

Wann een elo seet, dat ass nëmme fir 20 Stonnen, ass dat méiglech. Mee ech gesinn elo net direkt, wien déi aner 20 Stonnen hätt an dee Loyer da weider géif bezuelen. Ech sinn dat och eréischt de Moie gewuer ginn, dass dat elo esou wär, dass dat u sech geduecht ass, dass dat opgedeelt gëtt. An ech kann dat elo net einfach esou guttheeschen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech denken, déi Bedenke si berechtegt. Et ass nei, dass eng Gemeng fir esou Aktivitéite Lokaler verlount. Et ass bestëmmt e Besoin, allgemeng ënner Indépendanten zu Déifferdeng, fir ënner esou Konditiounen, Lokaler zur Verfügung gestallt ze kréien. Mir hunn d'Kreativfabrik, wou virdeelhaft Konditiounen si fir Leit aus der Kreativindustrie.

Et gëtt och an anere Beräicher, déi mat Gesondheet ze dinn hunn, mat vill Besoin fir Lokaler. Do sinn och scho Projeten zu Déifferdeng virgeschloe ginn, zum Beispill eng Maison de la Santé. Wouriwwer ech bis elo vum Schäfferot näischt méi héieren hunn. Ech mengen, déi Leit sinn net domadder weiderkomm. Ech weess et awer net. Ech sinn net um leschte Stand. Mee ech sinn och vu Bierger drop ugeschwat ginn.

An eeben och Psychothérapie, Coaching. Ech wëll elo net alles an een Dëppe geheien. Mee wou et ëm d'mental Gesondheet en long et en large geet, gëtt et relativ vill Besoin zu Lëtzebuerg allgemeng. Ech weess och, dass an der Transitioun-Bewegung, bei Reconomy, et e ganze Grupp vu Leit gëtt, déi an deem Beräich wëlle Saachen ubidden an och ëmmer de Problem hu vu Lokaler.

Dohier ass et, mengen ech, net ideal, wann een ouni eng Demarche, déi iergendwou beschwat ginn ass, mat enger Einzelpersoun dat lancéiert. Ouni vläicht en Opruff gemaach ze hunn, ouni eng Kéier iwwer e Konzept an deem Sënn geschwat ze hunn. Dass dat eppes ass, wat elo net op eemol vum Himmel gefall kënn, wéi dat hei de Fall ze si schéngt.

An ech mengen, d'Madamm Wohl huet scho Recht domadder, dass mat all de Käschten abegraff, dat schonn net schlecht ass als Méiglechkeet fir een, deen eng Aktivitéit indépendante huet. An deem Sënn géif ech och deem Kontrakt ganz kritesch géintiwierstoen. Ech soen Iech Merci.

10. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, problematesch ass net dat klengt Zëmmer, dat zur Verfügung gestallt gëtt. Problematesch ass och net déi Persoun, déi dat Zëmmer zur Verfügung gestallt kritt. Problematesch ass, wann een dat mécht, wat jo eng éischte Kéier ass, wou dat elo passéiert, ouni dass do e Konzept derhannert ass. Ech soen Iech, wat ech mengen.

Et ass natierlech gutt, wann esou ee Beruff ausgeübt gëtt hei zu Déifferdeng. De Besoin ass do. Mee dat muss ee méi breet gesinn. Mir hunn e Mangel un Dokteren. E Mangel u Generalisten. An do kéint een natierlech och als éffentlech Hand op d'Iddi kommen a soen: Mir hätte gär, dass dee Mangel behuewe gëtt. Et ass net nëmmen eng Saach vum Staat. A mir stellen deenen an deene Beruffer, am Gesondheitswiesen, zum Beispill, en Haus zur Verfügung zu bessere Bedéngungen. Fir och sécher ze sinn, dass dee Mangel an eiser Gemeng behuewe gëtt. Dat ass, wat ech géif gesinn. Wat ee Konzept derhannert ass.

An nach eng Kéier: Problematesch ass et, wann, wéi dat hei an deem Fall geschitt, a wat elo kee gesot huet, mee wat och vläicht e bësse matspillt, dat dann de Papp ass vun engem Schäfte vun der Gemeng Déifferdeng.

Ech soen nach eng Kéier: Fir mech ass et net d'Persoun, déi problematesch ass. Och net dat Zëmmer. Mee dat wat alles do hannendrun hänkt. An do kéint een dann natierlech, wann et kee Konzept gëtt, op d'Iddi kommen, do gëtt eng Faveur gemaach. Souguer, wann dat net esou ass. Dofir fannen ech dat problematesch.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Da gi mer zum Vott iwwer.

Le conseil communal décide avec 8 voix oui et 8 abstentions d'approuver un contrat de bail commercial pour un bureau situé au « Markenhaus » à Differdange.

(Diskussiounen)

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Enthalung u sech ass jo keng Meenungsverriedung. Wann et elo aacht Jo an aacht Nee wär, wär d'Saach kloer. Dann ass et eng Patz. Da geet et an den nächste Gemengerot. Ech proposéieren, mir huele Kenntnis vun deem Votum mat aacht Jo an aacht Enthalungen. A mir loossen eis juristeschem ofklären, ob mer an déi nächst Sitzung dermat kommen. Wat bei aacht Nee kloer wär. Mee aacht Enthalungen, dat ass net Nee. Ech loossen dat ofklären. Aus dem Bauch géif ech souguer soen, dass et valabel wär. Mee ech loossen dat do juristeschem ofklären. An da soe mer Iech Bescheid.

Entweeder gëtt de Punkt dann am nächste Gemengerot nach eng Kéier an de Votum geholl oder net. Dat ass dann nach ze gesinn. Oder en ass esou validéiert.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Da komme mer zum nächste Punkt, dem 10j. Do geet et ëm e Bail mat Orange, deen op eisem Terrain „Les Carrières“ zu Zounen steet. 2011 ass mat Orange e Kontrakt ofgeschloss ginn, an deen iwwehuele mir. Dee mussen mir weiderféieren. Et geet ëm eng Antenn. Méi kann ech dozou net soen. A wéi mir den 11. Dezember 2019 den Terrain kaf hunn, hu mir d'Antenn mam Kontrakt matkaf.

Okay? Da komme mer zum Vott.

ALI RUCKERT (KPL) trouve que le problème n'est ni la petite salle mise à disposition ni la personne à qui on la loue. Mais c'est la première fois que le collège échevinal agit de la sorte et il ne dispose pas d'un concept.

Ali Ruckert est content que l'on exerce une telle profession à Differdange, car le besoin existe. Mais la ville est aussi confrontée à un manque de médecins et de généralistes. Le collège échevinal pourrait leur proposer une maison à ces professions à de bonnes conditions. À ce moment-là, on pourrait parler de concept.

Personne ne l'a dit jusqu'ici, mais parmi les problèmes figure aussi le fait que le locataire est le père d'une échevine de la Ville de Differdange. Ali Ruckert répète que le problème ne vient ni du local ni du locataire. Mais comme il n'y a pas de concept, on a vite fait de penser que le collège échevinal veut faire une faveur à quelqu'un même si ce n'est pas le cas.

(Vote)

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

constate que huit conseillers communaux ont voté oui et huit se sont abstenus. Il devra se renseigner pour savoir si ce point devra être voté à nouveau la prochaine fois. Si huit conseillers avaient voté non, ce serait clair. Mais une abstention signifie ne pas prendre position. Henri Krecké pense que le vote est valable, mais il préfère en parler à un juriste.

(Interruption)

Henri Krecké explique que le point sera soit validé soit remis à l'ordre du jour de la prochaine séance.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un bail avec Orange concernant un terrain à Saulnes appartenant à la commune. Il est question d'une antenne. Lorsque la Ville de Differdange a acquis le terrain le 11 décembre 2019, elle a aussi acquis l'antenne et le contrat.

(Vote)

11. Règlements communaux

Christiane Brassel-Rausch passe aux Diffprimes pour soutenir les énergies alternatives.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) précise que le document dont disposent les conseillers communaux circule depuis un moment au sein des services communaux. Elle rappelle que la dernière fois, monsieur Thierry Schaack a présenté le pacte climat 2.0.

C'est dans ce contexte que le collège échevinal a décidé de revoir les Diffprimes. Pour Laura Pregno, celles-ci ne sont pas statiques. Des modifications seront effectuées au cours des prochains mois et années. Parmi les nouveautés figure une prime pour la construction d'un logement durable. Les personnes touchant l'écoprime de l'État auront droit à 25 % supplémentaires de la part de la commune. De cette façon, les services communaux n'auront pas à effectuer des contrôles. Le système est transparent parce que l'État dispose des mécanismes de contrôle nécessaires. Les demandeurs de la prime doivent présenter le certificat de l'État.

Le volet de la mobilité est également nouveau. La subvention pour les vélos électriques augmente tandis qu'une subvention pour les vélos traditionnels est créée. En effet, le collège échevinal est d'avis qu'il faut en faire la promotion même si tout le monde n'est pas d'accord.

Les véhicules électriques légers, les voitures 100 % électriques et les bornes de chargement sont aussi subventionnés.

Les délais pour le versement de la prime passent de deux mois à six mois pour éviter toute confusion. En effet, l'État ne verse sa prime pour les voitures électriques que six mois après l'acquisition pour s'assurer que le véhicule n'est pas revendu immédiatement. De son côté, la commune adopte les mêmes délais et accordera sa prime après l'État.

Si le conseil communal approuve ses modifications, Laura Pregno annonce que les primes seront versées rétroactivement.

(Interruption)

Laura Pregno constate que pendant le confinement, il y a eu une

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec Orange SA pour l'exploitation de systèmes de communication électroniques au lieudit Les Carrières à Saulnes (F).

Am nächste Punkt 11a geet et ëm d'Diff-Primmen an dorëm, wéi d'Gemeng Energie an Énergie alternative wëll probéieren ze ënnerstëtzen. An deem Sënn géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno weiderginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Dir hutt virun Iech reaktiv op der Diffcloud en Dokument, wat schonn e bësse méi laang an eise Servicer ënnerwee war. An et huet och e bësse méi eng laang Geschicht. Am leschte Gemengerot hate mer d'Präsentatioun vum Klimapakt 2.0 a senger neier Editioun vum eisem Conseiller Thierry Schaack, wou och eise Gemengebeamten, de Luc Arend dobäi war, deen op deem Projet geschafft huet.

Am Kader vum Klimapakt 2.0 souwéi der Verstärkung an der Erneuerung vum eisem Klimateam, wou mer wëllen an och mussen deem ganzen e bësse méi Poids ginn, hu mer eis Diff-Primmen op de Leescht geholl an en éischten Entworf Ännerunge virgeholl. Ech wëll awer direkt viraussoen, dass ech déi Diff-Primmen als eppes gesinn, wat net statesch ass. An deenen nächste Méint a Joren hu mer nach Iddien, déi mer wëllen abréngen an och doranner festhalen. Dat heiten ass fir mech eng Ännerung vum hoffentlech nach aneren, déi wäerten an deenen nächste Méint a Jore kommen.

Fir drop anzegoen, wat déi Ännerunge sinn, ass mol als Éischt de Bau Logement durable dra festgehalten. Wat mer bis elo net hatten. Dat ass gebonnen un d'Ökoprimm vum Staat, wou de Staat maximal 24.000 Euro ausbezilt. A mir als Gemeng géifen eis doru staffelen, fir do nach eng Kéier 25 % bäizeleeën.

Dat, fir sech un déi staatlech Instanzen ze hänken, esou ausgedréckt, ass och eppes, wat der an deem ganze Règlement erëmfant. Et ass immens schwéier fir eis Gemengeservicer, eng

eegestänneg Kontrollinstanz op d'Been ze stellen. Soudass mir eis et méi einfach maachen. Mee och méi transparent maachen.

Well de Staat huet déi Kontrollinstanzen an déi Kontrollméiglechkeeten. Soudass de Gros vun eise Primme sech un de Staat uleent. D'Zertifizéierung vum Staat gëllt da bei eis op der Gemeng fir d'Ausbezuule vun deene Primmen als Garantie. Wéi och bei villen anere Primmen, déi mer ausbezuelen.

Nei ass dee ganze Volet Mobilité douce als eegene Punkt. An Upassunge sinn och do geschitt. De Vëlo gëtt méi subventionéiert. Den elektresche Vëlo gëtt gehéicht an der Subventioun. A wat bis elo net dra war, de ganz banale Vëlo. Wou d'Meenunge ganz wäit ausernee ginn, ob een dee soll subventionéieren oder net. Mir hunn eis drop geeenegt, dass mer nëmme sou kënne fuerderen, dass d'Leit Vëlo fueren. Dat ass, summa summarum, de Credo, firwat mer subventionéieren. Och wa mer innerhalb vum Grupp der Subventionéierung vum normale Vëlo deels och kritesch vis-à-vis trieden. Mee dat Argument huet dann einfach priméiert.

Weider gëtt de Véhicule électrique léger 50 ccm – quitte dass dat och komesch ass als Ausdrock – subventionéiert, den 100 % elektreschen Auto an d'Bornë fir d'elektresch Chargeuren. Mee déi waren awer virdrun och schonn dran.

D'Delaien, an deenen ee muss seng Primmen eraginn, sinn ugepasst ginn. Bis elo waren et zwee Méint no der Acquisitioun. Dat hu mer däitlech eropgesat. Do ass et oft zu Konfusiounen komm. Well mir gesot hunn, zwee Méint no der Acquisitioun vum engem Objet kritt Der d'Primm ausbezult.

De Staat seet awer, zum Beispill, beim Elektroauto sechs Méint. Fir eeben ze verhënneren, dass d'Leit d'Autos kafen, d'Primm ausbezult kréien an dann erëm direkt verkafen, bezilt de Staat eréischt no sechs Méint aus. Soudass mir eis och do drugehaangen hunn a gesot hunn, mir bezuelen och eréischt aus, nodeem déi sechs Méint vum Staat, op jidde Fall mol fir den Elektroauto, accordéiert ginn. Fir dass dat bei eise Bierger net zur Konfusioun féiert.

11. Règlements communaux

Wann et elo esou ass, dass Dir dat heite matstëmmt, da géife mer och retroaktiv ausbezuelen, well mer gesinn hunn, dass et während Corona e Boom an de Vëlo ginn huet. Dat ass jo och flott. A mir wëllen do e Punkt setzen an dat ënnerstëtzen.

Den Entwurf vum Reglement ass duerch vill Kommissiounen gaangen. E war an der Ëmweltkommissioun, an der Mobilitéitskommissioun, an der Finanzkommissioun an zu gudder Lescht och am Klimateam. Déi Avisen, mengen ech, hutt Der all kritt. Ech froe mech grad, ob Der den Avis vum Klimateam kritt hutt. Well e Méindeg den Owend hunn déi sech nach iwwer Videokonferenz reunéiert. Do ass och den Avis komm.

Grosso modo kann ee soen, dass all Kommissioun deenen Ännerunge favorabel géintiwuersteet. Et sinn eng ganz Rei Suggestiounen komm a positiv Feedbacken, wat een nach zousätzlech kéint maachen. An ech denken, virun allem d'Klimateam wäert déi eenzel Punkten opgräifen, fir dat Reglement e bësse méi flexibel ze halen an der Zäit unzepassen a fir matzegoen, wann nach Ännerunge kéimen.

Vun zwou Kommissiounen ass d'Remark komm, d'nämmlecht wéi bei de Photovoltaikanlagen, dass dat eppes ass fir Leit, déi e gewëssent finanziellt Potenzial hunn. Fir dat emol esou auszedrénken. Och dat gräife mer op. No der Allerhellegevakanz hu mer eng éischt Reunion fir e Projet, wou et drëms geet, wat ee ka maachen, fir d'Energieeffizienz bei Leit ze fërderen, déi mannerbemëttelt sinn an déi am normale Raster vun de Primme géifen duerchfalen. Dee Projet steet awer ganz am Ufank. Soudass et doriwwer nach net méi ze soe gëtt. Mee soubal ech eppes méi weess, informéieren ech Iech natierlech driwwer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Sait quasi fënnef Jore gëtt et déi sougenannten Diff-Primmen. Si ginn elo adaptéiert. Dat ass eng ganz gutt Saach, och am Hibleck op Theeme wéi Nohaltegkeet a Klimaschutz. Fir dat Ganzt richteg sozialgerecht ze gestalten, bleift allerdéngs an Zukunft nach e ganz schwéieren Exercice fir eis all. Leit, déi um Enn vum Mount Problem hunn, d'finanziell Enner beieneenzebréngen, kënnen sech keen Invest leeschten, och wa se eppes bäigeluecht kréien. Deementspriedend geet déi berüümt Schéier och hei nach e bëssi auserneen.

Nichtsdestotrotz ass dat hei ëmweltpolitesch relevant. An och am Hibleck op Punkten am Kader vum Klimapakt, wat dat eis abréngt. Mir stëmmen d'Adaptatioun vun den Diff-Primmen, déi Beräicher wéi Conseil énergétique, Renovatioun, erneierbar Energien, Effizienz énergétique oder Mobilité douce ofdecken, mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Et ass elo ganz vill vun der Madamm Pregno a vum Här Meisch gesot ginn, wat ech deelen. Et ass effektiv déi éischt Upassung no fënnef Joren. Ech perséinlech begreissen, dass de Vëlo, deen normalen, och drakënnt. Well wa mer gären hätten, dass d'Leit Vëlo fueren, dann ass et och wichteg, dass dee subventionéiert gëtt. Well deen ass nach méi ekologesch wéi dee mat Elektresch drun.

Ech wëll drop hiweisen, bei deenen elektresche Gefierer, dat ass jo och eng Ännerung, dass déi 50 ccm dozou gehéieren. An der Tëschenzäit falen och zwee Autoen dorënner. Hunn ech mer soe gelooss. Ech maachen elo keng Reklam he fir verschidde Marken.

Doduerch, dass dat elo un de Staat ugepasst ass, ass et bedeitend méi einfach. Dat heescht, d'Kontrolle mussen net méi vun der Gemeng gemaach ginn.

explosion de vente de vélos. C'est chouette.

Le nouveau règlement est passé par la commission de l'environnement, la commission de la mobilité, la commission des finances et le Klimateam. Laura Pregno n'est pas sûre que le conseil communal dispose de l'avis du Klimateam; qui s'est réuni lundi soir par vidéoconférence. Les commissions ont fait des suggestions, mais d'une manière générale, elles se sont montrées favorables aux modifications. Le Klimateam va certainement continuer à adapter les Diffprimes à l'avenir.

Deux commissions ont souligné le fait que ces primes s'adressent surtout à des gens au potentiel financier certain. Après les vacances de la Toussaint, le Klimateam réfléchira à la manière de promouvoir l'efficacité énergétique auprès des gens plus démunis. Mais ce projet en est encore tout au début.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que les Diffprimes existent depuis cinq ans. Elles vont être adaptées, ce qui est une bonne chose. La question sociale est importante. Ceux ayant du mal à joindre les deux bouts ne font pas ce type d'investissements même s'ils ont droit à une subvention. La fourchette ne fait que s'élargir.

Cependant, ces primes restent pertinentes — notamment dans le cadre du pacte climat. Les démocrates approuveront les Diffprimes, qui couvrent le conseil énergétique, les rénovations, les énergies renouvelables, l'efficacité énergétique ou la mobilité douce.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) constate qu'il s'agit de la première adaptation en cinq ans.

Elle seule le fait que le vélo traditionnel soit subventionné. En effet, il est plus écologique encore que le vélo électrique.

Parmi les véhicules électriques subventionnés figurent désormais les 50 cm³. Deux voitures en font partie.

Les primes sont associées à celles de l'État. La commune ne doit donc pas effectuer les contrôles elle-même. Pendant le confinement, la commune a reçu une centaine de

11. Règlements communaux

demandes. Celles-ci peuvent être traitées en deux minutes au lieu de vingt. Ce n'est pas négligeable.

La prime pour les voitures ne concerne que les voitures 100 % électriques. Elle augmente de 1000 €. Nicole Wohl signale qu'il faut prévoir des bornes électriques à chaque projet de construction pour éviter que les gens ne doivent acheter leurs propres bornes.

La conseillère mentionne ensuite les primes à la rénovation de logements et les primes pour le conseil en énergie. Il faut informer les gens qu'ils ont droit à des subventions pour l'isolation, mais aussi pour des frigos ou des machines à laver AAA.

Le problème dont a parlé monsieur Meisch doit bien entendu être abordé.

ERNY MULLER (LSAP) *salue la cohérence du document. Le fait que les primes soient associées à celles de l'État facilite le contrôle.*

Erny Muller regrette que les véhicules plug-in ne soient plus subventionnés, car sur de courtes distances, ils fonctionnent 100 % à l'électricité. En ville, ils sont donc très écologiques. Erny Muller ne sait pas si l'État a pris la même décision. Mais personnellement, il aurait continué à subventionner les véhicules plug-in.

Madame Wohl a mentionné les 50 cm³. En France, il y en a beaucoup plus qu'au Luxembourg. Ils consomment peu et ont les mêmes qualités qu'une vraie voiture. En revanche, il faut s'habituer à la vitesse limitée.

Erny Muller suppose que la décision concernant les plug-ins a été prise. Les socialistes approuveront malgré tout le règlement.

TOM ULVELING (CSV) *a une question concernant la prime pour l'acquisition d'une borne de chargement pour voiture électrique. Est-ce qu'elle ne concerne que les voitures 100 % électriques ou aussi les plug-ins?*

(Interruption)

Tom Ulveling répond qu'il peut charger sa voiture sur la borne.

(Discussions)

Während dem Confinement sinn eng honnert Ufroer gemaach ginn. Virdrun huet een, fir en Dossier ze traitéieren, anscheinend 20 Minutte gebraucht. Während et elo an zwou Minutten ofgefäerdeg ass. Soudass dat jo awer en Avantage ass, wat d'Zäit an d'Aarbecht vun den Employéen op der Gemeng ubelaangt.

Wat den Auto ubelaangt, do ass et kloer, dass et nëmmen den 100 % elektreschen ass, wou déi 1.000 Euro bäigesat ginn. Dat ass jo eng Fro, déi oft opkënnt: Wéi ass et mam Hybrid?

Wat wichteg ass, ass, dass ee bei sämtleche Bauprojeten oder esou virgesäit, esou Bornen opzeriichten. Net, dass herno jiddereen eenzel seng Borne da muss kafen.

Wat ech nach wollt soen, dat gehéiert och derzou: Bei de Primme vun de Renovatiounen fir d'Wunnengen, déi méi wéi zéng Joer al sinn, sinn och Subventionen virgesi fir d'energetesch Berodung.

Fir de Rescht, d'Isolatioun, d'Fënsteren, alles wat mécht, dass ee Sue kann aspueren, do denken ech, zum Beispill, wann een elo en neie Frigo oder eng Wäschmaschinn am AAA keeft, ass et wichteg, dass d'Leit dat gewuer ginn. An dass mer dat esou maachen, dass d'Leit den Accès hunn. An déi, déi sech dann dat Neit leeschte kënnen, et och wëssen.

Mee ech mengen och, dass muss dru geschafft ginn, dass mer dee Problem, deen den Här Meisch elo virdrun ugeschwat huet, dass mer kucken, wéi mer dee kënnen ugoen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Muller, wannechgeeft.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir begrëssen als LSAP, dass dat Reglement elo koherent ass. Mir leenen eis un d'Primm vum Staat un. Wat eng gutt Saach ass. Domat ass eis Kontrollméiglechkeet besser. Wat de

Rescht ubelaangt, ass dat meescht gesot ginn.

Wat ech perséinlech bedauern, dat ass, dass de Plug-in net méi dobäi ass. Et ass just de 100 % électrique. E Plug-in fiert jo awer op kuerzen Distanzen 100 % elektresch. Wat op jidde Fall am Stadverkéier der Ëmwelt ganz vill bréngt. An duerfir ass et schued. Ech weess elo net, wéi et beim Staat ass. Ob do och de Plug-in komplett fale gelooss ginn ass oder fale gelooss gëtt an Zukunft. Op jidde Fall hätt ech et gutt fonnt, wa mer de Plug-in bestoe gelooss hätten. Net den Hybrid, mee de Plug-in. Well dat jo eng 100 % elektresch Fuerweis ass, awer nëmme partiell.

Wat d'Madamm Wohl gesot huet zu de 50-Kubik-Autoen. Et ass mer opgefall a Frankräich, dass do vill méi där Gefierer ënnerwee si wéi hei zu Lëtzebuerg. Dat schéngt elo e Moyer ze ginn. Net nëmme weinst der Primm, mee och well se ganz spuersam sinn am Verbrauch a well se d'Qualitéit vum engem richtege Gefier matbréngen. Et muss ee sech natierlech un déi méi lues Vitess gewinnen. Mee dat ass jo och e Virdeel a punkto Sécherheet am Verkéier.

Mir stëmmen op jidde Fall dat heite mat. Ech ginn dervun aus, dass déi Diskussioun vum Plug-in scho fäerdeg ass. Dass mer do net kënnen soen, mer huelen dat trotzdeem mat bäi. Dat géife mir mol proposéieren. Mee wann dat net méiglech ass, da géife mer dat heiten awer stëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Ulveling an dann den Här Diderich.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech hunn eng Fro. Do steet: « Acquisition d'une borne de chargement pour voiture électrique ». Ass dat elo nëmme fir e puren elektreschen Auto oder ass dat och fir e Plug-in oder en Hybrid? Dat misst dann nach gekläert ginn.

(Diskussioun)

11. Règlements communaux

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ee Moment. D'Madamm Pregno huet d'Wuert gefrot. Den Här Diderich an dann d'Madamm Pregno.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleginnen aus dem Gemengrot, ech wollt op eppes hiweise mat de Primmen. Primme si prinzipiell gutt a wichteg. An ech wäert se och esou stëmmen. Mir hu just ee Problem mat deem ganze Primmesystem. An d'Madamm Pregno huet jo och gesot, dass dorunner geschafft gëtt. Ech sinn da ganz erwaardungsvoll, wat do vu Modeller en place gesat ginn. Mir hunn national, wéi och hei zu Déifferdeng de Problem, dass Primme just dee ka kréien, deen och d'Suen huet, fir sech eppes ze leeschten. Virun allem, wann et ëm d'Hausrenovatioun an d'Albausanéierung geet, awer och bei den Autoen, sinn eng Rei Leit awer finanziell limitéiert.

Dat heescht, am Moment, wa mer näischt dorun änneren, funktionéiert et nom Prinzip: Deen, dee scho Suen huet, dee kann nach méi Sue kréien. An dee ka sech nach méi drop virbereeden, nach manner Sue mussen ze bezuelen, wann elo eng CO₂-Steier oder -Bepräisung kënnt. An dat kann net de Wee sinn. Domadder maache mer d'Onge-rechtegkeete méi grouss amplaz méi kleng.

A mir ginn och net cibléiert vir. Well en Haus, wat virun 20 Jore scho renovéiert ginn ass, dat ass gutt, wann dat haut och erëm renovéiert gëtt oder nei Fënsteren dragesat ginn. Awer Haiser, déi vläicht zënter 30, 40 Joren net renovéiert gi sinn, well einfach déi finanziell Mëttele bei där jeeweileger Famill net do sinn, déi hätten et méi néideg fir renovéiert ze ginn. Do kréie mer mam nämmelechen Invest méi CO₂-Aspue-rungen. An dee Ciblage erreeche mer net, wa mer einfach esou Primmen ubidden.

Ech kann awer elo pragmatesch verstoen, dass mer dat elo mol esou maachen an eis och un de Staat uleenen. Mee ech mengen, et ass wichteg, dass mer éisch-tens dem Ministère ze verstoe ginn,

dass dee Primmesystem sozial onge-recht ass. An zweetens selwer iwwer-leeën: Wat kënne mir vu Modeller hei um lokale Plang en place setzen?

Zum Beispill, en Office social huet d'Méiglechkeet, Avancen ze maachen. Firwat net och am Energieberäich, fir d'Energiearmut ze bekämpfen. Oder, oder. Do gëtt et eng Rei Iddien. Et gëtt och Modeller am Ausland. A Frank-räich gëtt et d'Regioun Picardie, wou e ganze System en place gesat ginn ass, fir eng Albausanéierung fir jidderee méiglechzemaachen. An dat misst d'Zil sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Dann ass et un der Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. D'Fro vum Här Tom Ulveling: D'Borné ginn esou oder esou subventi-onéiert. Se si jo ëmmer, fir d'Elektresch opzelueden. Dat ass jo och net méi kon-trolléierbar, ob Dir elo e Plug-in oder een honnertprozenteg elektreschen Auto hutt. Mir haten och d'Diskus-sioun, ob mer dann déi Hybrid-Autoe géife subventionéieren. A mir hu ge-duecht, dass mer éischter wëilten en Zeeche setzen an op den 100 % elektre-sche setzen. Bei eise Gemeengefierer – do, wou et méiglech ass – setze mer jo och op 100 % elektresch. An dat ass dann och en Zeeche vun eiser Sait.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass elo scho vun e puer Riedner duergeluecht ginn, dass eenzelne vun deene Subventiounen net ganz zilféierend sinn. An dat ass den eigentleche Problem derbäi. Beson-nesch, well hei d'Elektromobilitéit bei den Autoe subventionéiert gëtt. An ei-sen Aen huet déi keng Zukunft, wéinst

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) annonce qu'il approuvera les primes.

Cependant, il signale un problème. Madame Pregno a déjà dit qu'elle allait y travailler et il se dit curieux de voir quels modèles en sortiront. Mais actuellement, seuls ceux qui ont assez d'argent pour s'acheter quelque chose touchent des primes. Gary Diderich pense aux rénova-tions ou à l'assainissement de mai-sons et aux voitures. En d'autres termes, le système actuel fonc-tionne selon le principe que celui qui a déjà de l'argent peut en rece-voir encore plus. Et il payera encore moins qu'avant une fois qu'une taxe sur le CO₂ aura été introduite. Ce n'est pas tolérable.

En plus, la commune ne procède pas de manière ciblée. Qu'une mai-son rénoverée il y a vingt ans le soit à nouveau est une bonne chose. Mais une maison n'ayant pas été rénoverée depuis quarante ans parce que le propriétaire n'a pas d'argent aurait davantage besoin de travaux. Pour le même investissement, la com-mune ferait plus d'économies de CO₂. Mais ce type de ciblage n'est pas possible avec les primes.

Gary Diderich comprend pourquoi les primes communales sont asso-ciées à celles de l'État. Mais il fau-drait faire comprendre au ministère que son système n'est pas équi-table. Deuxièmement, l'office so-cial peut déjà payer des avances. Pourquoi ne pas élargir ce système pour combattre la pauvreté dans le domaine de l'énergie? En Picardie, un système a été mis en place pour permettre à tout le monde d'essai-nir les maisons.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) ex-
plique que les bornes de charge-
ment seront toujours subvention-
nées parce que la commune ne peut
pas vérifier si quelqu'un a une voi-
ture 100 % électrique ou une voi-
ture plug-in.

*Pour ce qui est des primes pour les
véhicules, le collège échevinal pré-
fère miser sur le 100 % électrique.
La commune achète aussi des véhi-
cules 100 % électriques.*

ALI RUCKERT (KPL) constate que
plusieurs conseillers communaux
ont souligné que les primes
n'étaient pas toutes pertinentes. Il

11. Règlements communaux

pense notamment au subventionnement des véhicules électriques. Pour lui, elles n'ont pas d'avenir, car elles entraînent trop de problèmes — par exemple en ce qui concerne les batteries.

Par ailleurs, le Luxembourg ne parle pas du tout des voitures à hydrogène et risque de prendre beaucoup de retard. À l'avenir, il faudra réfléchir aux façons de rendre les primes plus équitables et plus ciblées.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
vient de contacter le ministère de l'Intérieur. Le vote précédent est validé, car les huit abstentions ne constituent pas un véritable vote. Seuls huit conseillers ont voté. La majorité qualifiée se situe à cinq oui. Le contrat de bail est donc approuvé.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé aux règlements temporaires de circulation.

LAURA PREGNO (LSAP) *signale que les règlements d'urgence se trouvent sur le Diffcloud ou dans le dossier des conseillers communaux. Hier ou avant-hier, le secrétariat a par ailleurs envoyé une version mise à jour.*

Comme d'habitude, les règlements concernent des travaux de façade, mais cette fois-ci s'y ajoutent la kermesse d'Oberkorn et les chantiers de Creos au Fousbann.

Laura Pregno espère que le dossier est mieux préparé. Le secrétaire communal y a veillé.

L'échevine souhaite aborder la question de la situation sur les routes. L'influence de la commune sur les chantiers est limitée. Plusieurs chantiers ont pris du retard à cause du coronavirus. Celui-ci ne doit pas servir d'excuse pour tout, mais le confinement a eu lieu alors qu'il faisait beau et qu'on aurait pu réaliser certains travaux. Cela n'a pas été possible ce qui explique qu'il faut rattraper le retard cet automne pendant les weekends où il ne pleut pas.

all deene Problemer, déi domat verbonne sinn. Zum Beispill de Batterien an esou weider an esou fort.

Et gëtt net vu Waasserstoff geschwat. Waasserstoff geet ronderëm Lëtzebuerg erëm, mee et ass nach ëmmer net hei ukomm. Do gesi mer och e Problem dran, dass mer do erëm an e risegt Hannerentreffe kommen. Elo stëmme mer iwwert déi Saachen of. Mee doriwwer misst sech awer nach an Zukunft driwwer ënnerhale ginn. Wéi een dat éischstens emol méi sozialgerecht kéint maachen. An zweetens insgesamt, am Zusammenhang mam Elektreschen, esou Subventionne méi zilféierend maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Da komme mer elo zur Ofstëmmung.

GEMENGESSEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ier mer dat hei ofstëmmen, nach kuerz zum Punkt virdrun. Ech hat elo e kuerze Schreifverkéier mam Inneministère. Dee Vott ass validéiert. Wéi ech et scho selwer gemengt hunn. Aacht Abstentionne si keng valabel Vota. An et ginn nëmmen déi valabel geholl. Bei aacht vun aacht, do wär déi qualifizéiert Majoritéit fënnef Jo gewiescht. A bei aacht Jo ass et ganz kloer. Dat huet de Laurent Knauf als éischte Conseiller vum Regierungsrat mer elo just confirméiert. Dat heescht, dee Vott vun deem Bail ass validéiert.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement communal ayant comme objet le subventionnement d'investissement dans le but d'une utilisation rationnelle de l'énergie et la promotion des énergies alternatives.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da komme mer elo zu de Règlements temporaires de circulation. An ech ginn

d'Wuert erëm weider un d'Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci. Wéi üblech fannt Der eng ganz Rei Drénglechkeetsreglementer op der Diffcloud respektiv am Dossier. An Dir hutt, mengen ech, gëschter oder virgëschter nach en Update aus eisem Gemengesekretariat geschéckt kritt.

Et sinn déi üblech Saachen, déi mer ëmmer erëm hunn. Dës Kéier mat enger Kiermes zu Uewerkuer, enger ganzer Rei Bannen an Aarbechten u Fassaden. Awer och Saachen, déi méi nerveg sinn, wéi Creos-Chantieren um Fousbann zum Beispill, oder och nach zu Nidderkuer.

Ech denken, oder hoffen, dass den Dossier dës Kéier besser virbereet war. Mir hunn eis drëm bekëmmert, dass dat besser sollt gemaach ginn. Och Dir, Här Gemengesekretär, hutt dozou bäigedroen. Ech weess et. Ech hoffen, dass dat da sou klappt.

Ech wéilt och nach e puer Wuert soen zu der Verkéierssituatioun. Virdrun, bei de Kommunikatiounen, hat ech näischt gesot. Et ass awer vun anere Leit zur Sprooch bruecht ginn. Ech denken, dass verschidde Saachen einfach musen eng Kéier kloer gesot ginn.

Gemengentechnesch hu mir just bis op ee Punkt Afloss op all déi Chantieren. Virun allem, wa se eis vun uewen erof diktéiert ginn. Mir mussen och wëssen, dass duerch Corona – et ass vläicht d'Entschëlllegung fir alles – och hei awer eng ganz Rei Saache verzögert ginn. Virun allem, well Corona och an eng Period gefall ass, wou normalerweis bessert Wieder ass. An ech denken, mir hunn e bëssen all dovunner profitéiert. Well ech hu mol deen een oder deen anere gesinn dobausse trëppelen, deen ech soss normalerweis net begéinen.

Dat mécht awer natierlech, dass och eng ganz Rei Chantiere bei schéinem Wieder net konnten ausgefouert ginn. A mir dann elo am Hierscht hei hänken an drop ugewise sinn, déi dréche Weekender ze notzen – wa se dann dréche sinn –, fir Aarbechten ausféieren ze kënnen.

11. Règlements communaux

nen. Ënner anerem schwätzen ech domadder och d'Kräizung Péitenger Wee/Käerjenger Wee un. Wou natierlech, mir sinn eis deem bewusst, d'Situatioun am Moment net agreabel ass.

Mir hu verschidde Méiglechkeete probéiert, fir d'Luuchten anescht ze schalten. Wann et elo net klappt, gëtt muer nach eng nei Schaltung virgesinn. Mee verschidde Programmer waren einfach vum System hier net virgesinn an hu mussen entwéckelt an nei geschriwwen ginn. An déi wäerten da muer op d'Luuchten ëmgespillt ginn.

Wat elo nach gemaach gëtt: Et gëtt ënner anerem gekuckt, den Tapis ze maachen, fir dass mer d'Schläife kënne maachen, fir dass d'Luuchten automatisch en Funktioun vum Verkéier kënne schalten. Dat konnt dee Weekend net gemaach ginn, wou et hätte solle gemaach ginn, well et schrecklech vill gereent hat.

Dat sinn nu mol Saachen, op déi mir bis op e Punkt och keen Afloss méi hunn. An da kënne mir och nach hott an har telefonéieren an hott an har ëmsetzen, et geet einfach net. Dat deet mer och leed. Et deet mer och leed fir déi Leit, déi all Dag op de Stroosse sinn. Et deet mer och leed fir déi Leit, déi um Fousbann wunnen, well do ass de Creos-Chantier, deen d'ganz Rode zousetzt. An ech denken, dass dat wierklech e Problem ass.

Mee sidd Iech einfach bewusst: Et gëtt net besser. Ob Chantier oder net. Et kommen einfach ëmmer méi Autoen op d'Strooss. A jidderee wëll mam Auto bis virun, wann net bis a säi Büro kommen. Am beschte wierklech bis bei d'Dier vu sengem Büro kommen. An dat ass ouni Stau net méiglech.

Mir kommen iergendwann, och zu Lëtzebuerg an hei am Süde vum Land, a Situatiounen, wéi Der se vläicht – ech schwätzen aus Erfahrung – a Geosbicher am Lycée gesinn hutt, vun iergendwelleche Stied an Asien, wou Autoen a Motoe stinn an alles duercherneewuselt. Iergendwann ass de Moment, fir op eng aner Mobilitéit ëmzeglamm.

Dofir: Wann Der kuerz Weeër hutt, probéiert ëmzeglamm, well et si Systemer do. Mir hunn all zwee Féiss. Mir hunn e Vëlo. Oder d'Méiglechkeet,

mam Vëlo ze fueren. Mir baue Vëlosweeër aus. Mir offrëiere Méiglechkeeten. Mëttlerweil sinn och Projete wéi Covoiturage eng Méiglechkeet. Mir hunn Opfarparking, den Diffbus, fir eeler Leit den Dinola – lauter Saachen, wou mer wierklech probéieren. Och wann et net honnertprozenteg klappt – ech weess jo wat kënnt –, mir ginn eis Méi.

Dofir, probéiert och selwer, no Alternativen ze sichen an Ärem Privatlewen. Well am Endeffekt stitt Der awer herno am Stau. An Dir reegt Iech schrecklech op iwwer eng Situatioun, déi bis e Punkt och net méi ännerbar ass.

Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Also ech kann déi Erklärung nëmme begrëssen. Ech fannen dat och ganz flott. Well dat hëlt mer awer eng gewësse Schäerft aus menger Interventioun ewech. Ech wëll awer net alles op de Covid-19 schieben.

Ech mengen, mir mussen och bei de Covidzäiten dovunner profitéieren, fir net esou vill ze fueren. Ganz richtig, wéi Der gesot hutt. Mee déi Zäit mussen mer awer och investéieren fir ze iwwerleeën, wéi mer déi Problemer am Verkéier besser geléist kréien.

Ech erkläre mech: Wann ech samschdes mëttes um RTL eng Verkéiersinfo héieren, déi d'Bierger drop opmierksam mécht, Uewerkuer, Déifferdeng an Nidderkuer ze vermeide wéinst Verkéierschaos, ass dat fir mech e weidere Bewäis, dass mer d'Situatioun net am Grëff hunn. Samschdes mëttes! Wou kee Beruffsverkéier ass, mer keen Transitverkéier hunn, vill manner Leit op der Strooss wéi an der Woch. An awer blockéiert d'Situatioun. Also kloer eng Folleg vun de Chantieren an de Kräizungen, déi schlecht gereegelt respektiv falsch geplangt sinn.

Laura Pregno pense notamment au carrefour de la route de Pétange et de la route de Käerjeng où la situation n'a rien d'agréable. La commune a reprogrammé les feux tricolores. Si cela ne fonctionne pas, ils seront reprogrammés demain. Ces programmes ont dû être développés parce qu'ils n'étaient pas prévus au départ.

Par ailleurs, pour que les feux s'adaptent automatiquement à la circulation, il faut réaliser des travaux préalables. Mais ils n'ont pas pu être faits ce weekend à cause de la pluie. Le collège échevinal n'y peut rien.

Laura Pregno est désolée pour les automobilistes et pour les habitants du Fousbann. Mais le moment est venu de comprendre que la situation ne va pas s'améliorer qu'il y ait des chantiers ou pas. Les gens veulent aller en voiture jusqu'à leur porte d'entrée. Or ce n'est plus possible sans embouteillages. Tôt ou tard, le Luxembourg se retrouvera dans la même situation que certaines villes d'Asie, où les voitures et les motos remplissent les routes dans tous les sens. Il faut une autre mobilité.

Laura Pregno rappelle que tout le monde a deux pieds. La commune construit des pistes cyclables. Il y a le covoiturage, les «park & ride», le Diffbus, Dinola... L'échevine exhorte les gens à chercher des alternatives pour éviter de se retrouver dans les embouteillages. Certaines situations ne peuvent pas s'améliorer.

GUY ALTMEISCH (LSAP) salue ces explications, qui sont chouettes. Mais il ne veut pas rendre la COVID-19 responsable de tout ce qui arrive.

Comme l'a dit madame Pregno, il faut profiter de cette crise sanitaire pour utiliser la voiture moins souvent. Mais il faut aussi réfléchir aux façons d'améliorer la situation. Samedi après-midi, RTL a annoncé qu'il fallait éviter Oberkorn, Differdange et Niederkorn à cause du chaos sur les routes. C'est la preuve que la situation n'est pas réglée. Le samedi après-midi, il n'y a pas de trafic de transit ou de trafic professionnel. Donc, les problèmes viennent des chantiers.

11. Règlements communaux

À titre d'exemple, il a fallu qu'un accident avec des blessés survienne pour que la commune intervienne au croisement de la route de Pé-tange et de la route de Bascharage. Avec les bureaux d'études et l'Administration des ponts et chaussées s'occupant de ces chantiers, cela ne devrait pas arriver.

Guy Altmeisch comprend les explications de madame Pregno concernant les embouteillages. Mais s'il y a aujourd'hui déjà des embouteillages au Mathendahl, il ne veut même pas penser à ce qui va se passer quand les premiers habitants vont emménager et que les premiers enfants vont aller à l'école. Le Mathendahl ne compte qu'un seul accès. Il est certain que la situation va exploser. Guy Altmeisch espère que le collège échevinal trouvera une solution avant.

Le croisement de la rue Woiwer et de la rue de Soleuvre est plus réfléchi. Guy Altmeisch est capable de féliciter la commune quand elle travaille bien. La priorité a été changée. C'est bien.

Malheureusement, le stop placé au croisement ne fait que 1,20 m, car il est provisoire. Mais provisoire signifie peut-être trois mois. Pourquoi le collège échevinal n'opte-t-il pas pour un panneau de 2,50 m? Guy Altmeisch n'arrive pas à voir ce qui est inscrit sur le panneau depuis sa voiture. Il faudrait réfléchir à l'avance à ces questions.

En plus, les gens sont habitués à avoir la priorité quand ils tournent à droite. Or ce n'est plus le cas. Du coup, les automobilistes s'arrêtent et se regardent ne sachant plus quoi faire. À 7 h 50, les parents emmènent leurs enfants à l'école. Le bus bloque tout. C'est un film d'horreur — d'autant plus que les enfants traversent la rue que les feux soient rouges ou verts.

Guy Altmeisch demande au collège échevinal de prendre dix minutes et d'aller voir ce qui se passe. Il lui conseille d'amener des tranquillisants.

Le croisement à hauteur du Happy House est régi par des feux tricolores intelligents. Mais Guy Altmeisch n'a pas encore compris où se trouve l'intelligence. Les embouteillages commencent dans la rue de Soleuvre. Lorsque les feux sont

Ech hat mer deen Text hei opgeschriewe fir d'Kräizung Péitenger Wee a Route de Bascharage. Wou mer jo, leider, hu müssen Accidenter ofwaarden. Mer hate souguer Accidenter mat Blesséierter, ier mer d'Erhéijung am Péitenger Wee entschäerft hunn. Dat ass eng Situatioun, déi dierft, dès le début, wa mer esou vill Bureau-d'étuden hunn a wa mer esou eng grouss Firma hannendru stoen hu wéi Ponts & Chaussées – dat si Feeler, déi dierften einfach net geschéien. Musse mir op Accidenter mat Blesséierter waarden, ier mir gesinn, dass déi Kopp ze héich ass, dass do all Mënsch opschléit, dass do d'Camionen opschloen an déi Autoen, déi e bësse méi déif leien?

De Stau, dee mer momentan hunn. Ech verstinn Är Erklärungen, ech war mer dat op d'Plaz ukucken. Ech hoffen och, dass et mat deene Rektifikatiounen besser gëtt. Mee ech stelle mer eng Fro: Wa mer haut e Stau hunn a mer zielen d'Haisercher am Mathendahl, wou mer virdrun déi Upassunge vum PAG gemaach hunn, d'Schoulen déi do sinn, d'Schoulkanner, déi do eriwwer ginn, a mir gesinn, dass dat mat deen eenzegen Accès ass, fir an de Mathendahl erangan erauszefueren, da grault et mir, wann déi éischt Haiser bis bewunnt sinn an déi éischt Schoulkanner do müssen an d'Schoul goen.

Well och duerch déi Schläifen, déi mer abauen an esou virun, gëtt de Verkéier awer net manner. Dat do ass scho condemné d'avance, dass dat do explodéiert. Ech wënsche mer awer, dass et net zu där Explosioun kënnt. An dass mer virdrun eng nei Iwwerleeung an Iwwerdenkung vun där Kräizung maachen.

D'Kräizung Woiwerstrooss / Zolwerstrooss ass besser iwwerluecht ginn. Et ass och besser geschafft ginn. Ech muss dat och soen. Et ass méi spontan op Situatiounen reagéiert ginn. Ech si jo net nëmmen hei, fir de Schwaarze Péiter ze molen, ech sinn och hei, fir Leit ze luewen, déi gutt schaffen. Et ass och besser geschafft ginn. Et ass eng Ännerung gemaach gi vun der Prioritéitstrooss. Dat ass wonnerbar. Dat klappt och besser.

Mee da gesinn ech déi Ausféierungen. Da gëtt d'Prioritéit gewiesselt. Déi Leit, déi vun der Gulf-Station eropkom-

men, kréien e Stoppschëld dohinner. Dat Stoppschëld ass 1,20 m héich, well et nëmme provisoersch ass. Dee Provisorium, deen dauert dräi Méint. Ma setzt dach e Schëld dohinner vun 2,50 m. 1,20 m, dat ass duerch seng Gréisst schlecht siichtbar. Da maache mer fir e Changement de priorité e Schëld dohinner, wat ech mat Brëll, bei Stillstand vu mengem Auto, mol net ka liesen, esou grouss sinn déi Buschtawen do drop.

Ma dat sinn awer Saachen, wa mer dat awer e bësse virun iwwerleeën, do hu mer awer vill, vill besser Méiglechkeeten. Da kréie mer do eng Informatioun fir d'Leit, déi ëmmer do Virfaart haten: Hei ännert meng Prioritéit, ech hunn e Stoppschëld.

An elo hu mer d'Situatioun: Ee bekuckt deen aneren. Jiddwereen hesitéiert. A wa mer dann nach d'Chance hunn – also ech hunn dat zweemol erlieft, do kéint een en Horrorfilm dréien. Wann et moies nach net richtig hell ass, et ass aacht Auer, zéng vir aacht, d'Leit gi mat hire Kanner an d'Schoul, de Bus steet do, da blockéiert alles. Da schläichen déi Kanner iwwer deen Zebrastreifen, ob et gréng oder rout ass, dat hänkt da vun der Situatioun of, ob se gestresst sinn oder net, bei de Kanner a bei den Elteren. Also do ginn engem d'Dronkenellen aus.

D'autant plus gëtt et der, déi aus der Chantiersstrooss kommen, déi lafe vis-à-vis, wou den Entrepreneur amgaangen ass ze schaffen, an en Opfaanggitter. Gott si Dank. Soss géife se an de Gruet falen. Also gitt Iech dat eng Kéier ukucken. Huel Iech zéng Minutten an huel Iech Nervepëlle mat, well dat ass bal net auszehalen.

Ech muss nach eng Kräizung erwäen beim CID Contournement. Do beim Happy House soll déi soi-disant intelligent Ampelanlag stoen. Ech hunn d'Intelligenz nach net fonnt. D'Ampelanlag funktionéiert net, wéi se soll. Soss hätte mer net dee Réckstau an der Zolwerstrooss vun 200 m.

Déi Phas, déi geet op gréng. Do komme maximal siwen Autoen duerch. Maximal, wa se op der Héicht sinn. Déi müssen zügeg fueren, da kommen der siwen duerch. An da fueren déi an d'Kräizung eran, mir selwer scho passéiert, da ku-

12. Plan de gestion des forêts

cken ech no riets an no lénks, do steet dann op der rietser Säit een Auto an op där anerer Säit stinn zwee Autoen. Ma loosst déi Luuchten dach méi laang op gréng, dann hu mer kee Réckstau vun 200 m. An dat mécht de Verkéier vill méi fléissend.

Ech weess, dass et d’Ponts et Chaussées ass. Ech weess, dass mer do bei Ponts et Chaussées intervenéiere mussen. Mee ech bieden awer all déi zoustänneg Leit, do ze intervenéieren. Dass mer do awer e Konsens fannen, mat deem all Mënsch ka liewen. Well de Steierzueler, deem seng Suen investéiert ginn an de Stroossebau an an d’Luuchten, deem ass et egal, wie responsabel ass. Dee gesäit just: Ech stinn all Dag am Stau. Ech verléiere meng Nerven.

Mat deenen dote puer Remarken, déi ech elo nach gemaach hunn, deelweis entschärft hunn duerch d’Erklärungen – wat jo och gutt ass –, hoffen ech op Besserung vun der ganzer Verkéierslag. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver les règlements temporaires de circulation.

Merci. De Punkt 12 vum Ordre du jour ass eise Bëschplang fir 2021. Ech géif d’Wuert nach eng Kéier un d’Madamm Pregno weiderginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Virun Iech hutt Der de Bëschplang fir d’Joer 2021 leien. D’Opstellung vun den Ausgaben. Respektiv kann een erausliesen, a wéi eng Richtung d’Aarbechte vum Fierschter a senger Ekip d’nächst Joer wäerte goen.

Fir all déi, déi dës Ëfteren op de Bierg oder an d’Bëscher spadséiere ginn, hutt Der warscheinlech gemierkt, dass eis Bëscher ganz staark duerch de Borken-

käfer befall sinn. Wat zu net schéine Biller féiert. An dat virun allem fir eng gréng Gemeng. Et ass awer esou, dass dat ganz geféierlech ass. An et ass e Phenomeen, dat mer iwwerall a Mëtteleuropa beobachten, dass déi Bëscher immens krank sinn.

Dat si Fiichten. Soudass déi sanitär Aarbechten, spréich d’Ofholungen, einfach musse gemaach ginn. Dir gesitt, dass mer immens vill ofholzen. Einfach, fir deem Borkenkäfer Halt ze ginn. Dat ass och eng Ofholung, déi ekonomesch ganz wéineg Wäert dréit. Mir kréien do just dräi Euro d’Ster, wat wierklech ganz wéineg ass. Et muss awer gemaach ginn. An ech denken, dass et och sënnvoll ass. Dëst Joer ass scho vill gemaach ginn. An d’nächst Joer wäert och nach vill gemaach ginn.

Des Weidere si vill Aarbechte virgesinn, wat d’Réckelgaassen ugeet. Réckelgaassen, dat sinn déi Weeër, wou d’Päerd, déi am Bësch schaffen, d’Bamstämm erauszéien a se op den Hauptwee bréngen, wou se da mat der Maschinn ofgeholl ginn. Et ass immens flott, dass eis Ekip um Bierg op Schaffpäerd zrëckgräift. D’Schaffpäerd hunn d’Eegenschaften, dass se de Bëschbuedem vill manner beusprochen a vill manner festdrécken. A soumat einfach vill manner futti maachen. An awer och immens effektiv schaffen. Anescht wéi d’Maschinen. Ech si ganz frou, dass wierklech dorop vill Wäert geluecht gëtt.

D’nächst Joer kënn e ganz flotte Projet. Op zwou Parzelle ginn nei Beem ugeplant. Dat ass e Projet d’étude fir ze kucken, wéi d’Beem mam Klimawandel eens ginn. Do gi Beem ugeplant, déi länger Dréchente packen. Well dat ass jo dat, wat mer aktuell mierken. Dass mer ganz laang Perioden hunn, wou et ganz dréchen ass. A Perioden hunn, wou et ganz vill reent. Dat ass natierlech Stress fir d’Planzen. Och d’Planzen hu Stress. Dëse Projet, fir Beem unzeplanzen, gëtt opgesat zesumme mat der Naturschoul a mat de Kaner.

„Zesummen“ ass d’Schlagwuert fir en anert Thema, wat ech och immens begreissen. Dass wierklech eng flott Zesummenaarbecht tëscht dem Fierschter a senger Ekip an de verschiddene Schoule vun Déifferdeng besteet. Ëm-

verts, seules sept voitures arrivent à passer. Il suffirait de les laisser verts plus longtemps pour éviter un embouteillage de 200 m. Guy Altmeisch sait qu’il s’agit d’un chantier de l’Administration des ponts et chaussées. Mais la commune doit pouvoir intervenir. Car le contribuable ne veut pas savoir qui est le responsable. Il en a juste assez de se retrouver dans un embouteillage.

Guy Altmeisch espère que ses quelques remarques permettront d’améliorer la situation sur les routes.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au plan de gestion de la forêt 2021.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

signale aux conseillers communaux qu’ils disposent du plan pour 2021. Les dépenses indiquent quels travaux le garde forestier entend réaliser.

Ceux qui se promènent dans les forêts ont sans doute remarqué que celles-ci sont victimes du bostryche. Ce phénomène est dangereux. Les sapins d’Europe centrale sont particulièrement touchés. C’est la raison pour laquelle il est nécessaire de couper les arbres malades. Il faut arrêter la progression du bostryche.

Malheureusement, ce bois n’a que peu de valeur et ne peut être vendu qu’à trois euros le stère.

Beaucoup d’arbres ont été coupés cette année et cela continuera l’année prochaine.

Des travaux sont également prévus sur les sentiers utilisés par les chevaux pour tirer les troncs d’arbres jusqu’aux sentiers principaux. Contrairement aux machines, les chevaux n’abiment pas le sol des forêts.

L’année prochaine, de nouveaux arbres seront plantés sur deux parcelles. Il s’agit de voir lesquels résistent au changement climatique. Les périodes de sécheresse suivies de pluies intenses stressent les plantes. Le projet sera réalisé en partenariat avec l’École nature.

Laura Pregno tient à souligner la bonne coopération entre le garde forestier, son équipe et les écoles. Les enseignants et les éducateurs

12. Plan de gestion des forêts

peuvent recourir à leurs connaissances à tout moment.

Le « Märerschwee » du Metz-kimmert sera agrandi par un sentier pédagogique permettant aux enfants d'apprendre à connaître les arbres autrement que dans les livres. D'un côté, il y aura donc le sentier à fables pour les plus petits et de l'autre le sentier pédagogique.

Des travaux sont prévus le long des sentiers de randonnées — par exemple pour enlever le bois mort et sécuriser les lieux. Laura Pregno constate que beaucoup de gens se promènent actuellement dans la forêt, qui est un véritable lieu de relaxation.

Le garde forestier réalisera aussi des travaux dans les réserves naturelles — notamment le « Giele Botter ». Il s'agit de préserver ces paysages.

Le plan de gestion de la forêt se trouve sur le Diffcloud. Monsieur Scacchi a envoyé l'avis de la commission de l'environnement hier. Il est favorable.

Le 12 novembre aura lieu une journée de l'arbre. Les enfants planteront des arbres sur les deux parcelles dont Laura Pregno a parlé tout à l'heure. Le garde forestier enverra une invitation officielle.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que le plan de gestion de la forêt 2021 repose sur quatre points principaux: la gestion durable, la sensibilisation, la logistique et le personnel.

Les investissements s'élèvent à 98 200 € pour les salaires et 91 800 € pour les factures. Les recettes se chiffrent quant à elles à 31 600 € et 2 000 € de subsides. Christiane Saeul remercie monsieur Berg et son équipe.

En 2021, 1460 m³ de sapins vont être coupés à cause du bostryche. Le bois sera utilisé pour chauffer les écoles. Cinq-mille mètres cubes de bois seront vendus à l'industrie. Christiane Saeul mentionne le projet de l'École nature dans le cadre duquel des moutons débroussaillent des surfaces dans les Terres rouges.

D'autres travaux concernent le contrôle et la sécurisation des forêts.

mer erëm können Enseignanten an Educateuren op déi Ekippen zréckgräifen, wa se Material brauchen, wéi zum Beispill Bamscheiwen oder kleng Bamstämme, fir Sëtzgruppen ze amenagéieren. Dat ass ëmmer eng immens flott Erfahrung. E grouss Merci un déi zwou Parteien, dass dat wierklech esou gutt klappt.

Dir kennt allegueren um Metz-kimmert de Märerschwee. Dee wäert e bëssen ausgeweit ginn. Awer net mat Märersch. Do kënn e pedagogesche Sentier bäi, wou d'Kanner déi verschidde Bamaarten kenneléieren. Well näischt ass jo méi flott, wéi d'Bamaarten net just an engem Bestimmungsbuch ze kucken, mee se dann och dobaussen ze kucken. Wéi den Här De Sousa sot, am 3D an net just mam Fanger op enger App.

Dee Wee wäert ausgebaut ginn. An dat mécht dann och eng flott Kooperatioun, wou een da vun deenen zwee Weeër profitéiere kann. Deen ee fir méi kleng Kanner, deen anere fir méi grouss Kanner. Soudass do flott Aktivitéiten kënne stattfannen.

Weiderhi wäerte vill Aarbechte laanscht d'Spadséierweeër stattfannen. Ënner anerem fir d'doudegt Holz, wat sech an de Kroune vun de Beem usammelt, erauszehuelen. Fir dass sou mann wéi méiglech Accidenter geschéien a jidderee sech sécher am Bësch beweegen kann. Well ech gesinn awer, dass wierklech vill Leit vun eise Bësch profitéieren. Et ass en Noerhuelungsgebit. An ech mengen, dass et och immens wichteg ass, dass et dat ass.

Des Weidere wäerte vill Aarbechten am Naturschutz gemaach ginn. Och um Giele Botter. Do geet et drëms, déi Landschaft ze ënnerhalen, déi aktuell schonn do ass. Et ass jo eng oppe Landschaft, eng Graslandschaft, déi eng ganz bestëmmten Hierkonft huet. Dass een déi och weider erhält.

Gëschter ass et op d'Diffcloud gesat ginn. An Dir hutt vum Här Scacchi den Avis vun der Ëmweltkommissioun geschéckt kritt. Ech hoffen, Dir hat nach Zäit dofir a konnt deen allegueren liesen. Deen ass ganz favorabel.

Zum Schluss nach en Datum, fir ze mierken. Den 12. November ass eng Journée de l'arbre virgesinn. Do gëtt ugefaange mat deenen zwou Parzellen,

déi sollen ugeplanz gi mat de Kanner. Spéiderhi wäert vum Fierschter nach eng offiziell Invitatioun erausgoen. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Zum Bëschplang fir d'Joer 2021. Deen ass op véier Haaptpunkten opgebaut: d'Gestion durable vun de Bësch, d'Protection de la nature, d'Sensibilisation, d'Logistik an d'Personal. Duerno Ressourcen cynégétiques, Surveillance a Police. E budgetären Invest vun 98.200 Euro fir Salären an 91.800 Euro fir Facturen. En Total vun 190.000 Euro. Recetten: 31.600 Euro, plus 2.000 Euro Subsid. Hei wëlt ech fir d'eischt eise Fierschter, dem Christian Berg, a sengen Aarbechter Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi si am Laf vum Joer maachen.

Fir 2021 si gréisser Couppen, eng 1.460 Meterkibb vu Fiichten an Nolebeem wéinst Befall vum Borkenkäfer virgesinn. Dee mécht eis wierklech Problemer. Dës bleiwen an der Gemeng, fir d'Chaudière vun de Schoulen ze alimentéieren. Dat fannen ech ganz gutt. Plus 5.000 Meterkibb Lafholz, dat un d'Industrie verkaaft gëtt.

Zum Punkt Naturschoul. Do sti mer a Kontinuitéit mat de leschte Joren, fir Flächen ze entbuschen, zweemol d'Joer, duerch eng Wanderhærd mat Schof. Dësen Naturprojet geet duerch eis Dagebauebidder vum Minett, vun Diddeleng bis op de Giele Botter.

Contrôle a Securisatioun vun eise Bësch. E Beispill: Duerch d'Dréchent vun dësem Joer hunn d'Bichen Trockenbruch. Hei muss opgepasst ginn. Well beim Trockenbruch brieche ganz onerwaart Äscht vun der Kroun erof. Fir dës ze securiséieren, si méi Stonnen am Budget virgesinn.

Kultur, dat sinn Aarbechten, déi an deene méi jonke Bësch stattfannen. Hei zou zielen zwee Punkten, déi mir an ei-

12. Plan de gestion des forêts

sem Bëschplang erëmfannen. Um Thilleberg ginn déi gefälltte Fiichten, déi weinst dem Borkenkäfer ofgestuerwe sinn, duerch Mëschbëscher ersat. Déi am Kontext vum Klimawandel besser Iwwerlieweschancen hunn. Dofir fënnt am Kader vun der Journée de l'arbre eng Planzaktioun vun de Schoulkanner statt. Aus der Naturschoul huelen ech un. Hei gi méi klimaresistent Lannen an Drauweneche geplazt. Eng nammlecht Aktioun fënnt och am grouse Bësch statt.

Sensibilisatioun an Informatioun fir de Public ass nach en interessante Punkt ze erwänen, deen um Rollesbiërg, Metz-kimmert realiséiert gëtt. Nieft dem besteende Märchepark entsteet nach en Naturentdeckungspad, wou mer eis einheimesch Beem a verschidde Planzen erkläre fir Grouss a Kleng.

Wichtig an interessant wär fir d'Gemeng, wa sech bei Privatbëscher, déi net ënnerhale sinn, eng Geleeënheet zum Opkaf ubitt, dës ze kafen. Fir dës dann och erëm an d'Rei ze setzen.

D'Demokratesch Partei stëmmt dës Bëschplang. Ech soe Merci fir d'No-lauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Och vun eiser Säit e grouse Merci un de Fierschter a seng Leit fir d'Opstellung vun eisem neie Bëschplang. Och merci, Madamm Pregnò, fir déi Explikatiounen zu den eenzelne Projeten, déi hei dra sinn. Ech wollt der just vläicht zwee, dräi nach eng Kéier eraushiewen, fir mech net ze vill ze widderhuelen.

Et ass scho frappant, wéi Der gesot hutt, dass eis Fiichte lues a lues zrëckgedrängt ginn a komplett wäerte verschwannen an deenen nächste Joren. Méi schnell, wéi mer et eigentlech geduecht haten.

Am Budget ass ze liesen, dass mer eng Partie méi Suen ausginn, fir eis Weeër ze

securiséieren, wou haaptsächlech Bichen an Ahorn wuessen. Bei deenen aneren ass et nach net dramatesch. Mee bei de Bichen ass et esou, dass de Fierschter an och den Här Leytem mer scho confirméiert hunn, dass duerch déi Dréchent, d'Bichen am Fong och ufänken ze leiden. An dohier déi Securisatiounsmoosnamen néideg sinn. Fir déi ënnescht Äscht, déi relativ séier ofstierwen, erfroze huelen, fir dass keng Gefor opkënn.

Et ass en éischt Alarmzechen, wat mer gesinn, dass et net bei de Fiichte bleiwe wäert. Mee dass de Klimawissel och sou lues un aner Essenze geet, déi hei zu Lëtzebuerg heimesch sinn. Also et gesäit ganz esou aus.

Och wann een am noen Ausland kuckt, gesäit et esou aus, dass d'Bichen déi nächst sinn, déi a Gefor geroden, wa sech déi dréche Summeren, déi mer elo an deene leschten dräi Joren haten, confirméieren. Da kréie mer do e ganz eeschte Problem. An ech mengen, ech muss kengem ausmolen, wéi schlëmm et dann do uewen um Bierg ausgesäit, wann nieft de Fiichten och op eemol d'Biche géife verschwannen.

Hoffe mer all, dass et net sou wäit kënnt. Mee fir dat ze maachen, brauche mer e Paradigmewissel. E Wuert, wat virdru bei der Maison relais benotzt ginn ass. An e Paradigmewissel, dee brauche mer alleguerten. Sief dat am Naturschutz, sief dat an der Mobilitéit oder an anere Beräicher.

E weidere ganz interessante Projet, deen ech nach wollt eraushiewen, dat ass um Giele Botter. Jorelaang ass den Ist-Zoustand gehale ginn, fir einfach déi Villfalt, déi een do huet, ze erhalen. Mat ganz vill Opwand. Elo gëtt en neie Projet dropgeluecht, wou ee probéiert, aus deem Ist-Zoustand méi eng héichwäerteg Fläch ze maachen. Am Sënn vun engem Trockenrasen. Änlech wéi mer dat erëmfannen zu Diddeleng op der Haard. Mam Zil natierlech, déi verschidden Espëcen, ënner anerem d'Heidelcher, erëm bei eis unzesidelen.

Zu Diddeleng ass dat gelongen. Zu Diddeleng si se awer elo schonn e Schratt méi wäit. An dat ass e Message, dee mer an enger Ëmweltkommissioun eng Kéier mussen diskutéieren. Vläch och am Schäfferot. Zu Diddeleng hu se

Au Thillenber, les sapins coupés seront remplacés par des essences mixtes résistant au changement climatique. Une action aura lieu dans le cadre de la journée de l'arbre.

Des activités de sensibilisation du public auront lieu au Metz-kimmert. À côté du parc à fable, un sentier pédagogique verra le jour. Grands et petits pourront y découvrir des arbres et des plantes.

Christiane Saeul suggère au collègue échevin d'essayer d'acquérir les forêts appartenant à des particuliers pour les remettre en état.

Les démocrates approuveront le plan de gestion des forêts.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) remercie à son tour le garde forestier et son équipe. Un merci également à madame Pregnò pour ses explications.

Georges Liesch regrette que les sapins soient destinés à disparaître petit à petit.

Une partie du budget est destinée à sécuriser les chemins où poussent des hêtres et des érables. Le garde forestier et monsieur Leytem ont confirmé à Georges Liesch que les hêtres commencent à souffrir de la sécheresse et des branches risquent de tomber. Il s'agit d'un signal d'alarme que les problèmes ne concernent pas que les sapins. Le changement climatique va s'attaquer à d'autres essences que l'on trouve au Luxembourg. À l'étranger, on remarque aussi que les hêtres seront les prochains arbres à souffrir. Depuis trois ans, les étés sont très secs. Georges Liesch n'a pas besoin d'expliquer à quoi ressemblera la forêt differdangeoise sans sapins et sans hêtres. Il est vraiment temps de changer de mentalité dans l'écologie, dans la mobilité...

Pendant des années, on a essayé de conserver le statu quo au « Giele Botter ». Désormais, il est question de le valoriser — notamment avec des pelouses sèches attirant des espèces comme l'alouette lulu. C'est ce que Dudelange a fait « Op der Haard ». L'alouette lulu y a fait son retour, mais elle est malheureusement en train de disparaître à nouveau à cause des nombreux sentiers traversant les pelouses sèches. Georges Liesch propose de dresser

12. Plan de gestion des forêts

un inventaire des sentiers du « Giele Botter » et de voir si on peut en réduire le nombre. Cela permettrait d'éviter l'erreur commise par Dudelange.

Le plan de gestion de la forêt est exemplaire. Georges Liesch remercie à nouveau tous ceux qui l'ont préparé.

GUY TEMPELS (CSV) explique que le garde forestier a présenté le plan de gestion de la forêt à la commission de l'environnement jeudi dernier. Il remercie le garde forestier, son équipe et son préposé pour leurs travaux dans la forêt.

Differdange compte des forêts jeunes. C'est pourquoi elles content plus que ce qu'elles ne rapportent. Les dépenses se chiffrent à 190 000 € et les recettes à 33 000 €. Guy Tempels n'a pas trouvé le prix du bois utilisé directement par la commune.

Il faudra couper 1460 m3 de sapins et 500 m3 de feuillus. Les sapins terminent dans les chaufferies communales, car ce bois n'a pas une grande valeur sur le marché.

Cinquante-deux-mille euros sont destinés à la protection de la nature. Guy Tempels s'étonne que les subsides ne se montent qu'à 2000 €. Les travaux du SICONA sont subventionnés à hauteur de 50 %. En plus, Differdange compte des réserves naturelles.

Guy Tempels mentionne l'aménagement de sentiers pour chevaux, le contrôle d'îlots de bois mort, la recherche de nouvelles essences...

En ce moment, la commune ne peut pas faire de bénéfices grâce à ses forêts. Guy Tempels espère que les chiffres s'amélioreront si la commune reporte le prix du bois pour les chaudières dans le budget et si les subsides augmentent.

Le CSV approuvera le plan.

Guy Tempels demande si un projet est prévu dans la centrale électrique de Lasauvage.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) demande à madame Pregno de se renseigner.

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit de la surface des forêts à Differdange. Celles-ci sont entre de bonnes

elo gemierkt, dass d'Heidelerche zwar do ass, mee dass se, duerch déi vill Wanderweeër, déi duerch déi Trockenrasenlandschaft féieren, erëm verschwénnt. Oder riskéiert zrëckzegoen.

Do misst ee sech iwwerleeën, ob mer an eisem Giele Botter, wou mer alleguer natierlech gär higinn, net misst en Inventaire maache vun de Weeër, déi et gëtt. An ob een der net kéint reduzéieren. Dat heescht net, kee méi an de Giele Botter loossen. Op kee Fall. Mee et sollt een deen Exercice vläicht zesumme mat der ANF kucken, ob een d'Zuel vun de Weeër – well et gëtt der ganz vill – net kéint reduzéieren. Fir dat, wat een zu Diddeleng gesäit, zu Déifferdeng ze verbessern.

De Plang ass erëm exemplaresch opgestallt. Dofir nach eng Kéier e grouse Merci un déi ganz Ekippen, déi dorunner geschafft hunn. A mir wäerten deen natierlech stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, de leschten Donneschdeg war eise Fierschter an der Ëmweltkommissioun, fir eis de Bëschplang virzustellen. Fir unzeefänken, wollt mer eisem Fierschter, senge Leit a sengem Preposé Merci soe fir déi geleeschten Aarbecht an de gemengeneegene Bëscher.

Mir wëssen all, dass mir e ganz jonke Bësch hunn. Dofir kascht en eis och méi wéi en abréngt. 190.000 Euro Ausgabe géint 33.000 Euro Recetten. Et steet kee Präis dra fir dat Holz, wat mir benotzen. Do kéinte mer e Präis asetzen, fir dat Holz, wat an eis Heizung kënn a Form vun Hackschnitzel.

1.460 Meterkibb Fiichten a 500 Meterkibb Lafholz soll gehae ginn. Fiichte fallen de Moment extreem vill un. Déi ginn an eis Heizungen, well dëst Holz eigentlech guer kee grouse Wäert um Maart huet.

Een décke Posten och den Naturschutz. Ëm déi 52.000 Euro. Hei wonneren ech mech, dass nëmmen 2.000 Euro Subsid ufalen. Wann ech mer d'Devis vu SICONA esou ukucken, wou bis zu 50 % vun den Aarbechte subsidéiert gëtt, schéngt dat mer net genuch. Zemoools well dës Aarbechten oft an nationalen Naturschutzzone sinn. Dës Punkt misst vläicht op de Leescht geholl ginn.

Ansonsten gëtt allerhand geschafft. Ech zielen e puer Saachen op. All 40 m gi Réckelgaasse geschaf am Bësch. Alholz-insele gi sécherheetshallwer kontrolléiert. Et gëtt no neien Alternativbeem gesicht fir an eise Bësch, wéi etwa Traubeneichen a Lannen, fir de Bësch fir de wiesselende Klima fit ze maachen.

Mir sinn eis bewosst, dass mir am Moment mat eisem Bësch kee Benefice wäerte maachen. Wat och net muss sinn. Vlächte kënn mer jo fir d'nächst Joer d'Zuelen e bësse besser hikréien, andeem een emol e Präis fir d'Holz asetzt, wat an d'Heizunge geet. A mer och vlächte méi en héije Subsid kéinte kréie fir Ëmweltmoossnamen, déi mer huelen.

An dësem Sënn stëmmt d'CSV dës Bëschplang mat Jo.

Ech hätt awer nach eng Fro: Ass e Projet virgesi fir déi Elektrozentral ënnen op der Zowaasch? Dës Plaz läit eigentlech ganz am Fierschter sengem Révier. Ass do eppes virgesinn? Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. D'Madamm Pregno freet dat no, an Dir kritt dann eng Äntwert.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Mir kënnen eis als Gemeng Déifferdeng wierklech glécklech schätzen, als Südgemeng esou e grouse Bësch ze hunn, wéi mir een hunn. An eise Bësch ass a gudden Hänn. Dofir wëlle mir och dem Fierschter Merci soe fir déi Initiativen, déi hien ëmmer hält

13. Syndicats / 14. Commissions

an déi deelweis innovativ sinn. An och Merci u seng Leit.

Ech hoffe just – wann een elo Richtung Lasauvage iwwert de Bierg fiert, do gesäit et wierklech net gutt aus. Wann een dat gesäit, dann erfëiert een. Hie wëll jo elo d’Natur hir Aarbecht maache loos-sen. Aus Erfahrung weess een, dass dat ka ganz séier goen, wann een emol e-pes schneit, eng Heck oder esou, wéi séier et erëm nowiisst. Dann hoffen ech awer, dass dat och do geschitt. Well momentan ass et e ganz friemt Bild.

Wat de Rescht ubelaangt, stëmmen mer dës Bëschplang. A mir ënnerstëtzen natierlech all déi Initiativen, déi virgesi sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Müller. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le plan de gestion des forêts pour l’exercice 2021.

Villmoos merci. Da si mer um 13. Punkt. Deen hänkt zesumme mat de Changementer, déi elo hei am Gemengerot virgeholl gi sinn. Den Här Paulo De Sousa ersetzt d’Madamm Yvonne Richartz net nëmmen hei am Gemengerot, mee ënner anerem och am Syndikat SES. Den Här Paulo Aguiar wäert den Här Georges Liesch am T.I.C.E. ersetzen. An d’Madamm Laura Pregno ersetzt d’Madamm Yvonne Richartz am Minett-Kompost.

Da kann ech nach drunhänken: d’Re-partitioun vun de Stonne fir Congé politique. Do sinn der jo néng virgesinn. Déi Gréng hunn der fënnef. D’CSV huet der véier. Vun deene Gréngen huet den Här Aguiar der zwou. Den Här De Sousa huet och zwou. An d’Madamm Wohl huet eng.

Bei der CSV...?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Hartung huet der dräi.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

... huet den Här Hartung der dräi. An den Här Tempels huet eng Stonn.

Kënne mer dat en bloc ofstëmmen?

Merci.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver les changements au sein des syndicats intercommunaux

Merci. Vun de Kommissiounen ass haut näischt erakomm.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Dach, dach. Ech hu se elo net bei Hand.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

O pardon.

(Diskussiounen)

Ech hunn dat net kritt.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Den Här Liesch hat dat nach gemailt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dann entschëllegt. Da si mer beim Punkt 14 vum Ordre du jour. Do ass et d’LSAP, wou an der Finanzkommissioun d’Madamm Carmen Kayser duerch den Här Pierre Hobscheit ersat gëtt. Kënne mer dat esou unhuelen?

mains. Il remercie le garde forestier et son équipe.

Quand on se rend à Lasauvage par la colline, le paysage est désolant. Le garde forestier veut laisser faire la nature. Erny Muller espère que cela ira vite.

Les socialistes approuveront le plan de gestion et soutiennent toutes les initiatives prévues.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé au point suivant. Monsieur De Sousa remplace madame Richartz au sein du SES, monsieur Aguiar remplace monsieur Liesch auprès du TICE et madame Pregno remplace madame Richartz auprès du Minett-Kompost.

(Interruption de monsieur Krecké)

Christiane Brassel-Rausch passe à la répartition des heures pour congé politique. Monsieur Aguiar et monsieur De Sousa en comptent deux, madame Wohl une, monsieur Hartung trois et monsieur Tempels une.

(Votes)

Christiane Brassel-Rausch passe aux commissions et constate qu’il n’y a pas de changements.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
répond que oui, mais qu’il n’a pas les documents sous la main.

(Discussions)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
n’est pas au courant.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
se souvient que Georges a envoyé un e-mail.

(Discussions)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
s’excuse.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch annonce que madame Carmen Kayser est remplacée par monsieur Pierre Hobscheit au sein de la commission des finances pour le LSAP.

(Vote)

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

Christiane Brassel-Rausch passe à une motion du LSAP concernant le CHEM de Niederkorn.

ERNY MULLER (LSAP) explique que la motion porte sur la future utilisation du bâtiment du CHEM à Niederkorn une fois que l'Hôpital du sud sera opérationnel.

Le 16 septembre 2020, monsieur Ulveling a mentionné une lettre du collège échevinal au conseil d'administration du CHEM. Les conseillers communaux n'ont pas vu cette lettre. Selon monsieur Ulveling, la Ville de Differdange s'est plainte des fortes turbulences dans le cadre de la direction du personnel et d'une responsabilité événementielle de la direction.

Monsieur Ulveling a aussi parlé des soins médicaux à Differdange une fois que le HPMA fermera ses portes. Il a été question d'une maison médicale +. Erny Muller croit comprendre que les activités de l'hôpital seront délocalisées dans une maison médicale. Les socialistes ne sont pas d'accord.

Le 25 septembre 2020, monsieur Mischo, le bourgmestre d'Esch-sur-Alzette, a dit attendre un feedback de la Ville de Differdange concernant la future affectation des locaux du HPMA.

Ces trois informations ont poussé le LSAP à introduire une motion. Il y a urgence. Erny Muller estime que les responsables politiques, mais aussi la population, doivent débattre de cette question. Il est essentiel que les soins médicaux — en particulier les premiers soins — soient assurés à Niederkorn. Les socialistes proposent une polyclinique avec un service d'urgences.

Le site internet du CHEM explique que Niederkorn compte 202 lits d'hospitalisation et un plateau technique performant avec une IRM à la pointe de la technologie. C'est un argument pour conserver une polyclinique dans la commune. Il ne faut pas oublier non plus les 400 emplois du secteur médical.

Les socialistes exhortent la Ville de Differdange à reprendre les bâtiments du HPMA et à leur donner des attributions médicales. Le collège échevinal doit aussi mener des discussions avec le conseil d'admi-

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da soen ech Iech Merci.

Punkt 15. D'LSAP huet eng Motioun eraginn iwwert de CHEM Nidderkuer. Dir hutt d'Motioun alleguer ënner Ären Aen. Dir hat se mam Ordre du jour kritt. Ech géif dem Här Muller dann d'Wuert ginn.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Verrieder a Verriederinne vum Schäfferot, léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, d'LSAP huet dës Motioun betreffend déi zukünfteg Notzung an Ausrichtung vum aktuelle Gebai vum CHEM Nidderkuer, dem fréieren HPMA, eraginn, aus follgenden Iwwerleeungen. Mir schwätzen hei iwwert den Zäitraum no der Abtribnam vum neie Südspidol.

Éischtens: An der Gemengerotssitzung vum 16. September 2020, déi lescht also, ass de Schäffen Tom Ulveling op e Bréif agaangen, deen de Schäfferot un de Verwaltungsrout vum CHEM geschéckt huet. D'Conseillere vun der Gemeng Déifferdeng hunn dës Bréif net gesinn. Mir kënnen eis nëmme beruffen op d'Aussoen, déi den Här Ulveling hei am Gemengerot gemaach huet. An zwar hätt d'Gemeng Déifferdeng sech beschwéiert iwwert déi lescht staark Turbulenzen, wéi hien dat genannt huet, am Kader vun der Personaldirektioun an eng eventuell Verantwortung um Niveau vun der Direktioun.

Zweetens: An engem zweete Sujet ass den Här Ulveling op d'Iwwerleeungen agaange betreffend der medezinescher Versuergung zu Déifferdeng, nodeems déi aktuell medezinesch Aktivitéiten am HPMA an d'Südspidol iwwergaange sinn. Den Här Ulveling schwätzt hei vun enger Maison médicale plus.

Hie léisst awer d'Fro op, wou sech dës Maison médicale géif befannen. Mir verstinn d'Interpretatioun vum Här Ulveling esou, dass d'medezinesch Aktivitéiten aus dem Spidol an eng Maison

médicale sollen agegliddert ginn, e sougenannten Outsourcing. Dee mir als LSAP an där Form net ënnerstëtzen.

Drëttens: An der Gemengerotssitzung vum Escher Gemengerot vum 25.9.2020 – eis Sitzung war jo bekanntlech de 16.9. – huet de Buergermeeschter Mischo laut Presseartikel op d'Fro, wat mat de Gebailechkeete vum CHEM geschitt, wann d'Südspidol dann eemol operationell wär, betreffend de CHEM Nidderkuer, dat heescht den HPMA, gesot, wéi et am Artikel heescht: „Von der Gemeinde Differdingen wird derweil auf ein Feedback gewartet“.

Déi dräi Punkten, déi ech bis elo erwänt hunn, hunn d'LSAP derzou beweegt, fir eng Motioun betreffend d'Fro vun der spéiderer Notzung vum HPMA eranzeginn. Mir fannen, dass dës Fro akut ass. Mir sinn eebenfalls der Meenung, dass d'Fro soll souwuel um Niveau vun de politesche Responsabelen hei am Gemengerot wéi och mat der Populatioun vun eiser Gemeng an doriwwer eraus debattéiert ginn.

Fir eis ass et essentiell, dass d'Soins médicaux, a speziell eng Ulafstell fir Premiers soins zu Nidderkuer bestoe bleift. Hei proposéiere mir, eng Antenn vum Südspidol a Form vun enger Poliklinik, wéi se aktuell funktionéiert, zu Nidderkuer bestoen ze loossen. Heizou gehéiert och d'Urgence.

Um Internetsite vum CHEM kann ee liesen: „Le site Niederkorn compte actuellement 202 lits d'hospitalisation ainsi qu'un plateau technique performant doté entre autres d'une imagerie par résonance magnétique (IRM) à la pointe de la technologie actuelle.“

Sécherlech en Argument méi, fir d'Poliklinik an dës Geräter weider ze exploitéieren. Och däerfe mir déi zirka 400 Aarbechtsplazen um Niveau vum Secteur médical an eiser Gemeng net vergiessen.

Speziell och dofir maache mer en Appell an eiser Motioun, fir dass d'Stad Déifferdeng d'Gebaier ëm déi medezinesch Infrastruktur vum HPMA zu Nidderkuer soll iwwerhuelen, fir se enger neier medezinescher Attributioun zouzeféieren. Argumenter gëtt et mat

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

der LUNEX, dem LIHPS an esou weider hei zu Déifferdeng genuch.

Net zulescht sollen Diskussiounen souwuel mam Conseil d'administration vum CHEM wéi och mat der Regierung gefouert ginn. Mir kéinten eis hei méi Ministère virstellen, wéi Gesondheet, Sport, Fuerschung an esou weider.

Mir hunn zu Nidderkuer Gebailechkeete stoen, wou et sech lount, dran ze investéieren a Richtung vun neien an innovativen Iddien. All déi Ustrengungen, déi um Niveau vun der Covidpandemie gemaach goufen, missten eis ze bedenke ginn, dass een eng medezinesch Infrastruktur net esou schnell sollt opginn.

Op de genaue Wuertlaut vun der Motioun hunn ech absichtlech verzicht. Et konnt jo jiddweree se noliesen.

Sollten heizou nach Froen oder Erklärungen erwünscht sinn, ginn ech gär drop an. Mir wäer frou, wann eis Motioun d'Ënnerstëtzung vum Gemengerecht kéint kréien. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der Déifferdenger CSV wollt ech Stellung heizou huelen. Awer u sech méi eis Positioun erklären. An doraus versteet een dann, firwat mir dës Motioun net wäerte matdroen.

Wa mer beim Thema Spidol sinn, ass eis Positioun, datt hei op alleréischter Plaz eng séier, performant a spezialiséiert Prise en charge vum Patient muss stoen. Well hei schwätze mer iwwert d'Gesondheet vun eise Matbierger. An där huet jiddweree bekanntlech just eng.

Denken, do muss ee rational entscheeden an net emotional. An et soll een net vun „iwwer e puer Kilometer mäi wäit fueren“ schwätzen. Inbesonnesch ass Esch, direkt bei der Sortie, wann ee vun

Déifferdeng Richtung Esch fiert, si mer elo mol éierlech, definitiv net wäit ewech. Mir solle frou sinn, datt hei esou no eng performant medezinesch Struktur entsteet. Mat ville spezialiséierte Medezinner, dem kompletten Ekipement, um neiste Stand. An dëst an enger moderner Struktur. An och fir d'Déifferdenger Bierger.

D'Fro, déi ee sech an dësem Kontext muss stellen, ass: Hu mer eng besser medezinesch Betreuung fir eis Bierger a lauter klengen Unitéite verdeelt? Wou een Dokter e bëssen a verschiddene Beräicher muss intervenéieren, fir genuch Patienten ze hunn, also net just a sengem Fachgebit. Oder hu mer eng besser medezinesch Betreuung fir eis Bierger an esou enger grousser Struktur? Wou een Dokter huet, déi all just an hirem Fachberäich schaffen, wou si sech kënne weider spezialiséieren an der Theorie an an der Praxis, well si just dës behandeln.

Ech denken, als Patient, wann ee wierkelech ee Leed huet, geet ee léiwer bei ee Spezialist, dee sech an der Haaptsaach op dat spezialiséiert huet an dee vill aner Patiente mat gläichem Leed betreit. Net ze schwätzen, datt et och méi interessant fir e gudde Medezinner ass, an esou enger Struktur ze schaffen, wou hie just a sengem Fachgebit intervenéiert. Wat fir d'Spécialist bestëmmt och e Plus wäert sinn: Deen een oder aneren héichrangege Spezialist a sengem Domän ze rekrutéieren.

Wat mir als Déifferdenger CSV ganz kloer soen ass – an dat hu mer an der Vergaangenheet schonns ënnerstrach an dat ass och dat, op wat de Schäfferot hischafft –, datt mir no der Ära Spidol hei zu Déifferdeng eise Matbierger eng medezinesch Grondversuergung weiderhin ubidde mussen. Also och an der Nuecht an um Weekend. Awer dëst éischter am Sënn vun enger Maison médicale plus. A wann ee kuckt, firwat vill Leit ausserhalb den Öffnungszäiten hei an d'Spidol kommen, ass et an der Haaptsaach dës Demande.

An der Motioun gëtt ënner anerem iwwert d'Méiglechkeet geschwat, fir weiderhin eng Poliklinik zu Nidderkuer ze behalen. Et gouf elo gesot, fir se esou bäizebehalen, wéi et am Moment funktionéiert. Wat bréngt et engem Kranken, wann hien hei an eng Poliklinik

nistratioun du CHEM et le gouvernement.

La commune peut investir dans les bâtiments de Niederkorn. La pandémie de COVID-19 a montré qu'il ne faut pas abandonner les infrastructures médicales.

Erny Muller est prêt à répondre aux questions. Il demande au conseil communal d'approuver la motion.

JERRY HARTUNG (CSV) prend position au nom du CSV. Il annonce que les chrétiens sociaux n'approuveront pas la motion.

Ce qui est nécessaire, c'est une prise en charge rapide, performante et spécialisée des patients. Il faut prendre des décisions rationnelles, et non basées sur les sentiments. Il ne faut pas oublier qu'Esch-sur-Alzette se trouve à côté de Differdange. Jerry Hartung est content qu'une structure médicale aussi performante et à la pointe du progrès voie le jour. C'est important pour les Differdangeois.

La question importante est de savoir si l'on préfère de petites unités où un médecin s'occupe un peu de tout ou bien une grande structure avec des spécialistes se formant continuellement tant pour ce qui est de la théorie que de la pratique. Pour Jerry Hartung, un patient préférera être traité par un spécialiste. En plus, un bon médecin préférera travailler dans une telle structure. L'Hôpital du sud pourra recruter des spécialistes de niveau.

Les chrétiens sociaux l'ont déjà dit dans le passé: après la fermeture de l'hôpital, Differdange devra offrir des soins médicaux de base aux habitants — y compris la nuit et le weekend. C'est ce que veut aussi le collège échevinal, qui parle d'une maison médicale +. C'est ce dont la plupart des gens allant à l'hôpital en dehors des heures d'ouverture ont besoin.

La motion suggère de conserver une polyclinique à Niederkorn à l'image de ce qui existe actuellement. Mais quels seront les avantages d'un patient devant s'enregistrer dans cette polyclinique pour être en fin de compte envoyé à Esch-sur-Alzette pour compléter les tests? Il ne fera que perdre du

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

temps, ce qui peut être fatal selon les cas.

Pour ce qui est de la distance, la différence sera minime pour la plupart des gens qu'ils se rendent à Niederkorn ou à Esch en voiture ou en transports en commun. Les quelques minutes perdues seront certainement compensées par une structure performante et des temps d'attente réduits. Ce qui compte, c'est la rapidité à laquelle on est soigné, pas le temps qu'il faut pour arriver à l'hôpital.

Un autre point important est que l'accès à l'hôpital d'Esch doit être garanti à tous les Differdangeois, même s'ils ne sont pas mobiles. Jerry Hartung rappelle que la commune a mis en place récemment un bus sur appel circulant exclusivement à Differdange, mais avec une exception: l'hôpital d'Esch. De toute façon, en cas d'urgence, il faut appeler l'ambulance.

Bien entendu, il faut réfléchir à la future affectation du site et du bâtiment avec les citoyens.

TOM ULVELING (CSV) constate que monsieur Hartung a bien défini le problème. Il rappelle par ailleurs qu'il existe une loi sur les hôpitaux. La Ville de Differdange peut abandonner l'idée d'un deuxième hôpital ou d'un minihôpital, car ce n'est pas permis. Les différents services doivent se trouver sur un site unique.

Tom Ulveling dit ne pas comprendre la démarche de monsieur Muller. Au lieu de déposer une motion, il aurait pu poser une simple question. Lors de la dernière séance, Tom Ulveling avait énuméré les mesures prises par le collège échevinal dans l'intérêt de la population. En outre, il vient de donner les lettres au conseil communal.

En tant que membre du conseil d'administration du CHEM, il a défendu le site de Niederkorn plusieurs fois. Si monsieur Muller avait écouté ce qu'il a dit la dernière fois, il n'aurait probablement pas déposé de motion.

Il faut distinguer deux volets.

Le premier concerne la situation actuelle du HPMa. À cause de la COVID-19, une réorganisation a été nécessaire. La population a été informée à travers le DIFFMAG.

kënnt an dann, nodeems hien endlech enregistriert ass, endlech drukënn, no den Tester weider op Esch transferéiert muss ginn, wou dann och nees déi ganz Prozedur vun Ufank u leeft? Do geet vill Zäit verluer. An an dësem Kontext ass dat oft liewenswichtig Zäit.

Ofschléissend wéilt ech nach emol op déi Distanz zrëckkommen. Fir de Gros vun de Leit ass, datt d'medezinesch Offer zu Esch wäert sinn, also de Wee dohin, kee gréissere Changement. Vu datt se och elo den Auto oder den effentlechen Transport müssen huele fir bis op Nidderkuer. Elo da vläicht e puer Minutte méi laang brauche bis an d'Spídol. Eng Zäit, déi, an dat erhoffe mer eis vun der neier performanter Struktur, duerch kleng Waardezäite méi wéi kompenséiert wäert ginn. An dorëms soll et jo goen. Wéi séier ee behandelt gëtt an net wéi séier een am Spídol ass.

Wat awer wichtig ass ze soen – an do gesäit een, datt sech Gedanke gemaach ginn –, datt den Accès bei d'Escher Spídol souwuel fir d'Patiente wéi fir d'Leit, déi ee besiche geet, muss fir all eis Bierger garantéiert sinn. Och fir déi, déi selwer net méi esou mobil sinn. An do huet d'Déifferdenger Gemeng ganz rezent de Ruffbus, dee jo u sech exklusiv innerhalb vun Déifferdeng zirkuliere soll, als eenzeg Ausnam op engem Site ausserhalb vun der Gemeng als méiglech Destinatioun d'Escher Spídol virgesinn. Eebe grad dowéinst. A bei Urgencë soll ee jo souwisou d'Ambulanz ruffen.

Zrëck zur Motioun. Natierlech gi sech Gedanke gemaach, wat ee spéider Sënnvolles um Site fir eis Bierger ëmsëtze kann. An natierlech och mam Gebai. Natierlech sollen a wäerte mer weiderhin oppen an transparent iwwert de Site am Dossier Spídol schwätzen, insbesonnesch wann et nei Momenter gëtt. Wéi an der Vergaangenheet. An och mat de Bierger. Dat ass immens wichtig. An dat gëtt jo och esou gemaach. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Ulveling, Dir frot Iech d'Wuert, Dir sidd perséinlech ugeschwat ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Déi Interventioun vum Här Hartung war net schlecht, well se gewisen huet, wou d'Problematik läit. Mee ech mengen, hei gëtt verwiesselt, wat nice to have wier an engem Gesetz, wat mer hunn, dat heescht Spídogesetz. Wat genau virschreift, déi Saachen, déi däre sinn, an déi Saachen, déi net däre sinn. Also, mir kënnen eis aus dem Kapp schloen, dass mir elo hei, nodeems d'Spídogesetz opgeet, en zweet Spídol oder e Mini-Spídol wäerten zu Nidderkuer hunn oder behalen. Well dat ass einfach, laut Spídogesetz, net zougelooss. Well mer nëmmen op engem Site unique däre verschidde Serwicer ulageren.

Bei allem Respekt, Här Muller, erlaabt mer, dass ech Är Demarche do net verstinn, dat als Motioun eranzeginn. Et hätt ee kënnen eng Fro stellen. Dann hätte mer Iech eng Äntwert ginn. Well net méi spéit wéi d'leschte Kéier – dat hutt Der jo och gesot – hunn ech de Gemengerot informéiert, wat am CHEM geschitt a wat mir als Schäfferot ënnerholl haten, fir d'Interête vun eiser Populatioun ze verrieden. De Bréifverkéier hunn ech Iech viru Minutten zougestallt. Also déi Bréiwer, déi mer an deem Kontext geschriwwen haten.

Ech kann Iech soen, dass ech als Member vum Verwaltungsrat vum CHEM e puermol schonns intervenéiert hunn, fir eise Standuert hei ganz kloer ze verdeeden. Iergendwéi musst Der déi leschte Kéier net esou richtig nogelauschtert hunn, soss géift Der warscheinlech déi Motioun net stellen.

An dëser Problematik, géif ech soen, gëtt et zwee Voleten, déi ech elo versichen, Iech ze erklären.

Dat eent ass déi aktuell Situatioun vum fréieren HPMa am CHEM. Do war et wéinst der Covidsituatioun e bësse konfus. Mee och hei hu mer eis Populatioun iwwert den DIFFMAG informéiert, esou gutt et gaangen ass, fir hinnen ze soen, wat nach géif um Standuert Nidderkuer ugebuede ginn. Hei huet musse vill ëmgeplangt ginn, fir déi néideg Better am CHEM, fir d'Leit aus der Covidphas do ënnerzekerien. Fir dat kënnen ofzesécheren.

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

D'Situatioun war fir d'Doktere wéi fir dat ganzt Personal net einfach. Et gouf eng enorm Solidaritéit bei eisem Personal. Dofir krute mer dat relativ gutt geréiert, géif ech soen. Obwuel villedach huet mussen dagdeeglech nei improviséiert respektiv ëmgeplangt ginn.

Ech wëll Iech genau soen, wat actuellement, à ce stade, am HPMA ugebuede gëtt. Dat ass de Stand vu leschte Freideg. Covidbedéngt kënnen et liicht Modifikatioune ginn. Mir hunn d'Unité d'hospitalisatiounen am Nidderkuerer Spidol an der Orthopédie, Traumatologie an der Chirurgie du dos, an der Maladie digestive, an der Onkologie, an der Geriatrie, an der Rééducation cardio an neuro, an der Addictologie, an der Reanimatioun. An der Chirurgie du dos hu mer en Hôpital du jour.

Den 31.8. huet de CHEM d'Polyclinique non-programmée erëm opge-maach. An déi ass vu méindes bis sonndes vun 8 Auer bis 19 Auer op.

De Site Nidderkuer – ech mengen, ech liesen et einfach vir: „offre toujours les services ambulatoires d'endoscopie. Le service de radiologie à Niederkorn fonctionne du lundi au vendredi de 6 h à 22 h pour les IRM et les scanners. La radiologie conventionnelle et les échographies sont réalisées du lundi au vendredi de 6 h à 19 h. Le service de radiologie assure une garde radiologique le weekend et les jours fériés 24 h/24. De plus, le site de Niederkorn dispose d'une chirurgie orthopédique. Stratégiquement, le site de Niederkorn s'orientera vers un réseau de compétences en chirurgie du rachis, donc un centre d'excellence en chirurgie du dos. Ce réseau de compétences, prévu par la loi hospitalière, sera un centre pluridisciplinaire avec un accès non seulement au niveau national, mais surtout dans la Grande Région“.

Voilà. Dat ass elo dat, wat bis elo, en attendant dass d'Südspidol do ass, ugeduecht ginn ass.

Elo kënn den zweete Volet. An dat ass d'Situatioun vum HPMA oder vum CHEM, wann d'Südspidol bis gebaut ass. Dat wäert ëm 2026 sinn. Wou mer all Aktivitéit op Esch transferéieren. Wou also den HPMA keng Aktivitéit méi riskéiert ze hunn, well all Service spécialisé nëmmen dierf op engem Site

unique sinn. Ech hat virdru gesot, esou gesäit d'Spidolsgesetz et nämlech vir. Sou steet et an der Loi hospitalière.

Well mer dat awer schonns méi laang wëssen, ware mer virun e puer Jore bei de fréiere Santéminister gepilgert, fir hien ze froen, wat hie gedenkt, eis do ze erlaben. Well mer hu kloer gesot, dass mir, also de Schäfferot, de Leit aus dem Kordall wëilten eng Ulafstell ubidden, fir eng medezinesch Basisversuergung hei ze garantéieren. Du krute mer en neie Santéminister. An du koum de Covid. Mir waarden also bis elo, bis déi Covidsituatioun sech e bësse berouegt huet. An dat schéngt jo awer nach net esou schnell ze geschéien, fir dass mer an dësem Dossier weiderkommen.

Dat selwecht hate mer virun e puer Wochen dem CHEM-Direkter geschriwwen. Hien informéiert, dass mir e puer Léisungen hätten, fir e Centre médical avancé – sou nennen déi eng et, déi aner nennen et eng Poliklinik – hei op eisem Territoire opzeriichten. Mir krute souguer eng Rüg vun eise Kolleegen aus dem Kordall, well mer vergiess haten, déi ze informéieren iwwer eis Demarche. Wat eis leed deet. Mee ech mengen, si waren après coup awer dermat d'accord.

Mir hunn also an dësem Dossier scho vill ënnerholl. An am Fong genau dat, wat Dir an dëser Motioun verlaangt. An dat hat ech d'leschte Kéier awer och schonn e bësse matgedeelt. Ech muss ...

(Ënnerbriechung)

Ech wäert Iech et erklären. Et muss een awer wëssen, dass zurzäit de CHEM just e Generaldirekter ff huet a keen Directeur médical. Soudass een och do muss waarden, bis déi Leit en place sinn, fir mat deenen ze diskutéieren a fir hir Vuen ze gesinn.

Mir als Schäfferot hu ganz kloer gesot, dass mir éischtens wëllen eng Maison médicale avancée oder Poliklinik, wéi een et dann eebe wëllt nennen, fir eis Leit hei am Kordall hunn. Déi eng medezinesch Basisversuergung garantéiert. An déi wëlle mir hei zu Déifferdeng hunn.

Zweetens, an dat ass och ganz wichteg, hu mer gesot, dass mer géife gären zesammen eventuell fir de Site Nidder-

La situation était difficile et le personnel a fait preuve d'énormément de solidarité.

L'hôpital de Niederkorn dispose d'unités en orthopédie, traumatologie, chirurgie du dos, maladies digestives, oncologie, gériatrie, rééducation cardiaque et neurologique, addictologie et réanimation. Le 31 août, la polyclinique a rouvert du lundi au dimanche de 8 h à 19 h. Tom Ulveling énumère ensuite d'autres services offerts à Niederkorn: l'endoscopie, la radiologie, les échographies... Le site de Niederkorn est un centre d'excellence en chirurgie du dos.

Le deuxième volet concerne le HPMA une fois que l'Hôpital du sud aura ouvert ses portes en 2026. Toutes les activités seront transférées à Esch. En effet, d'après la loi sur les hôpitaux, tous les services spécialisés doivent être offerts sur un site unique. Tom Ulveling rappelle que le collège échevinal s'est rendu auprès du ministre de la Santé il y a quelques années pour connaître ses plans. En effet, la commune veut conserver des soins médicaux de base pour les habitants de la vallée de la Chiers. Mais entretemps, le ministre de la Santé a changé. Et avec la COVID-19, le dossier n'a plus avancé.

Il y a quelques semaines, le collège échevinal a écrit au directeur du CHEM pour lui proposer des solutions concernant un centre médical avancé — qu'on pourrait appeler polyclinique — à Differdange. Les collègues de la vallée de la Chiers se sont d'ailleurs plaints de ne pas avoir été informés de cette démarche.

En tout cas, le collège échevinal a beaucoup fait dans ce dossier. Et c'est exactement ce que monsieur Muller demande dans sa motion.

(Interruption de monsieur Ruckert) Tom Ulveling rappelle qu'en ce moment, le CHEM ne dispose que d'un directeur général faisant fonction et pas d'un directeur médical. Il faut attendre que tout le monde soit en place pour discuter.

Le collège échevinal a clairement dit qu'il souhaite une maison médicale avancée ou une polyclinique pour garantir les soins médicaux de base dans la vallée de la Chiers. Pour Niederkorn, il imagine un ser-

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

vice médical spécial comme il n'en existe pas ailleurs. Il reste à concrétiser les idées et à obtenir l'approbation du ministre.

Les socialistes demandent que la commune achète le bâtiment. Mais en 2026, l'amortissement des bâtiments du CHEM se montera à 16 millions d'euros. La vallée de la Chiers devra participer aux frais. Par ailleurs, le bâtiment de Niederkorn est en mauvais état et ne continue de fonctionner que grâce à une autorisation exceptionnelle. Le ministre de la Santé a clairement conseillé au collège échevinal de démolir le bâtiment. En attendant, le collège échevinal cherche la meilleure solution. Il reste à voir ce qui est faisable dans le cadre de la loi sur les hôpitaux.

En tout cas, le collège échevinal a fait ce qu'il fallait. Pour Tom Ulveling, la motion est sans objet. Le collège échevinal est d'accord avec monsieur Muller, mais ne peut pas accepter que celui-ci exige des mesures qui ont été prises depuis longtemps. C'est pourquoi Tom Ulveling ne peut pas approuver la motion.

ERNY MULLER (LSAP) signale que les socialistes ont toujours soutenu la construction de l'Hôpital du sud, qui sera plus performant que ce qui existe actuellement. Comme l'a dit monsieur Hartung, il regroupera des spécialisations. Pour le LSAP, il fallait que cet hôpital se trouve le plus près possible de Differdange. La motion porte surtout sur les bâtiments. Erny Muller ne comprend pas pourquoi monsieur Ulveling ne veut pas la soutenir alors qu'elle reprend exactement ce qu'il a dit. La dernière fois, l'échevin n'était pas entré dans les détails. Que l'on parle de policlinique ou de maison médicale importe peu.

Erny Muller demande que la discussion ait lieu au niveau du conseil communal pour que chacun apporte ses idées. Le projet ne pourra réussir que s'il est soutenu par tout le monde.

Erny Muller est disposé à modifier sa motion à condition qu'elle soit approuvée à l'unanimité. L'objectif est que ce point soit mis à l'ordre du jour et pas comme communication. Actuellement, seule la majori-

kuer e medezinesche Spezial-Service sichen, deen et an där Form hei am Land nach net gëtt. An do si mer elo. Iddie sinn do. Et muss konkretiséiert ginn. An och vum Minister natierlech dann duerno approvéiert ginn.

Dir schwätzt dovunner, dass d'Gemeng d'Gebai soll kafen. Do muss een och wëssen, dass 2026, also wa mer solle geplënnert sinn, nach 16 Milliounen Amortissement vun all de Gebaier vum CHEM zu Buch stinn. Do steet also nach eng Rechnung op, déi mer iergendwann eng Kéier wäerte müssen hëllef bezuelen. Mat natierlech, an e sem Fall, dem Kordall an aner Gemen-gen.

D'Gebai ass an engem extreem schlechten Zoustand. Mer kruten et bis zu dësem Zäitpunkt, also iwwer eng speziell Ausnamegeneemegung erlaabt, dat weider ze bedreiwen.

An da muss ech awer och nach soen, dass mer, wéi mer beim Gesondheitsminister waren, deen eis textuellement gesot huet, ech zitieren: „Wann ech Iech als Wirtschaftsminister kann e gudde Rot ginn, dann huet de Bulldozer“. Wéi gesot, dat ass dat, wat dee Mann eis deemools gesot huet. Mee wéi gesot, mir sinn zu alle Säiten op. Mir sichen no Léisungen. Mir hu verschidde Léisungen. Mir wëssen net, ob et geet, well dat eeben am Kontext ass vun deem ganze Spidolsgesetz.

Mer hunn also net geschlof an dësem Dossier a mir hunn eis Aufgabe gemaach. An dofir ass et, a mengen Aen, eng Motion sans objet oder Moutarde après dîner. Mer sinn natierlech mam Contenu d'accord. Dir hutt d'Problematik erkannt, Här Muller. Mee vu dass mer all dat, wat Dir do verlaangt, schonns laang amgang sinn ze preparieren, an no Léisunge sichen, kënne mer eis elo net vun Iech opfuere loossen, dësen Dossier endlech unzepaken. An dofir géif ech mengen, kënne mer déi Motioun net stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir déi Aussoen alleguer. Ech wëllt fir d'éischt op dem Här Hartung seng agoen. Här Hartung, et ass zu kengem Moment gesot ginn, dass mir net fir dat neit Südspidol wäeren. Sait jeehier ass d'LSAP der Meenung, dass dat Südspidol gutt ass, well et méi performant gëtt. A well et och, wéi Dir richtig gesot hutt, Spezialisatioune regroupéiert. Wichtig fir eis, deemools, wéi mer dat hei am Gemengerot matgedroen hunn, war, dass de Site, wou et hikënnt, noostméiglech un de Perimeter vun eiser Gemeng grenzt.

Dir sidd awer net agaangen op d'Gebai-lechkeeten. An hei läit méi de Schwéierpunkt op deenen zwou Froen. Déi éischt Proposition, déi geet jo – an dat verstinn ech awer elo net: Dir sot, Dir kënnt dat net matdroen. Mee et ass genau eng Copie conforme, wéi Dir Iech elo erkläert hutt. Déi leschte Kéier waart Dir net esou an d'Detailer gaangen. Et kann ee jo elo dat Ganzt nennen, wéi Dir gesot hutt, eng Poliklinik. Ech gesinn dat méi staark als eng Maison médicale. Domadder kënnt Der jo liewen, souwäit ech dat verstanen hunn.

Wat ech och net verstinn dat ass, dass Der Iech elo dergéint wiert. Mir wollten am Fong déi Diskussioun, déi Dir als Matdeelung gemaach hutt, hei op den Niveau vum Gemengerot bréngen. Dass hei jidderee säin Input bréngen kann, all d'Parteien an d'eenzel Membere vum Gemengerot sech dozou äussere kéinten. Well dee Projet kann nëmmen eppes ginn, wa mer an Zukunft all hannendru stinn. A wa mer wierklech och Iddien entwéckelen, wat mer duerno an deene Gebaier maachen.

An duerfir maachen ech awer nach eng Kéier en Appell un Iech, an ech wär och bereet eng kleng Modifikatioun ze maachen am Text. Wa mer dat kéinten all zesumme stëmmen, da kéinte mer och virufuere mat där Diskussioun. A mer kéinten dat och vläicht eng Kéier op den Ordre du jour setzen, dann awer net als Kommunikatioun, mee dass et en Debat heibanne gëtt. Fir dass mer nach Iddie kënne abréngen.

Esou bleiwen d'Iddien an der Majoritéit. Hei sinn awer nach aner Parteien um Dësch, déi och vläicht eng Iddi

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

hunn. A mir sollten dee beschtméigleche Konsens, dat beschtméiglecht Konzept fannen. Wéi d'Madamm Buergermeeschter och sot, méi als gesamte Gemengerot optrieden an dëser Saach. An net nëmmen eleng. Mee, wéi Dir et richtig gesot hutt, och mat den Nopeschgemengen an deene vum Kordall.

Ech wollt eng Proposition maachen. Dir kënnt d'Situatioun vläicht deblockéieren, dass mer awer kéinten déi Motioun stëmmen an dann amplaz „d'acquérir les bâtiments de l'infrastructure“ schreiwen „d'acquérir dans la mesure du possible les bâtiments“. Well déi Fro, déi musse mer – mir müssen eis positionéiere vis-à-vis vum CHEM. Well dat ass eng Drénglechkeet, déi mir gesinn hunn, si waarden op eng Äntwert vun eiser Säit. Well si hu jo kloer gesot: Mat Diddeleng ass alles kloer. Esch wëllt dat aalt Gebai iwwerhuelen. Déifferdeng wësse mer net.

An dann och schreiwen: „d'acquérir dans la mesure du possible les bâtiments de l'infrastructure hospitalière actuelle de Niederkorn dans le but d'une nouvelle attribution, si possible dans le cadre médical“. Dann hätte mer dat méi relativéiert. Mee mir maachen awer de Wee op, dass mer zesummen no Léisunge sichen. A mir wäerten och probéieren, och vun eiser Partei, déi néideg Demarchen ze maachen, fir mat Iddie kënnen ze kommen. Oder fir och op verschiddene Plaze Leit ze motivéieren, fir eis do ze hëllefen. Dat wollt ech nach soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech si jo mat Iech d'accord, sur le fond, iwwert d'Problematik. Mee et muss ee mol éischtens wëssen, eng Maison médicale avancée, den Här Hartung ass e bëssen drop agaangen, mir gesinn dat éischter als eng Aart Maison médicale, wéi gesot, wou verschidde Spezialisten aus dem Südspidol hei op Déifferdeng consultéiere kéimen, een Dag oder esou. An donieft hätte mer dann nach eng Aart Poliklinik, fir kleng Urgencen en Charge ze huelen.

Et muss een awer ganz kloer soen – an dat hu mer och scho beschwat am CHEM, dat ass ganz, ganz wichteg –, dat gëtt eng fausse Sécurité. Well een, dee mueres opsteet an deen op eemol säin Aarm net méi ka beweegen, dee soll net do an déi Maison avancée, oder wéi mer se dann nennen, goen. Well deen huet do vill manner Chance, wéi wann en direkt an e groust Spidol geet, wou all d'Spezialitéiten zesumme sinn, wann een dovun ausgeet, dass et kann e Schlag sinn oder hei oder do sinn. Da verléiert dee just seng Zäit.

An dofir muss een dat ganz kloer definéieren. An à ce stade, éischtens als CHEM si mer eis dem Problem bewosst. Mir hunn och ganz kloer gesot, dass mer wëilten esou eng Maison, wéi mer et dann eeben nennen, hei zu Déifferdeng hunn. Mir müssen natierlech mat eise Kolleegen aus dem Kordall schwätzen, ob déi d'accord sinn domadder.

Mee et ass kloer, et muss ee fir d'éischt mat deene Leit schwätzen, déi um Terrain sinn. Fir ze kucken: Wéi kann dat funktionéieren? An déi ganz Diskussioun am Land ass jo am Fong lassgetrëppelt ginn, well verschidde Spezialitéiten elo net méi müssen oder net méi brauchen uniquement am Spidol gemaach ze ginn.

Do hu verschidde Spideeler sech schonn dozou positionéiert. Zu Gréiwemaacher ass eent, et ass eent um Potaschbiërg. Dat kann ee Maison médicale nennen, et kann een et och Centre de recrutement nennen, well Spezialisten aus de jeeweilige Spideeler higin, do consultéieren an d'Leit dann natierlech beméien an dat Spidol, wou si affiliéiert sinn. Dofir ass am Fong déi Fro opkomm.

Viru Jore war schonn eng Kéier e Generaldirekter am Schäfferot. Ech mengen, Dir waart och do dobäi, wéi den Här Reimer oder den Här Nathan hei war.

(Ënnerbriechung)

An déi haten eis jo kloer gesot, dass si dat och esou geséiche wéi mir. Mee mir müssen elo eebe mol ofwaarden, bis sech alles berouegt huet. A Covidzäiten huet natierlech keen Zäit a Loscht, fir sech iwwert déi dote Problematik vill

té peut apporter ses idées. Qu'en est-il des autres partis et du reste de la vallée de la Chiens?

Erny Muller propose de remplacer «acquérir les bâtiments de l'infrastructure» par «acquérir dans la mesure du possible les bâtiments de l'infrastructure hospitalière de Niederkorn dans le but d'une nouvelle attribution, si possible dans le cadre médical». Car la Ville de Differdange doit se positionner par rapport au CHEM, qui attend des réponses. Dudelage et Esch se sont montrées claires, mais pas Differdange.

Les socialistes estiment que les décisions doivent être prises ensemble. Ils vont entreprendre les démarches nécessaires pour présenter des idées et apporter leur aide.

TOM ULVELING (CSV) *est d'accord avec monsieur Muller sur le fond.*

Il voudrait créer une maison médicale dans laquelle les spécialistes de l'Hôpital du sud offriraient des consultations. Parallèlement, Differdange disposerait d'une polyclinique pour les petites urgences.

Cette maison médicale ne doit cependant pas donner un faux sentiment de sécurité. Car quelqu'un ayant un problème aux yeux par exemple aura plus de chances de trouver un spécialiste dans le grand hôpital. En se rendant à Differdange, il risquerait de perdre du temps.

Le collègue échevinal a clairement demandé une maison médicale pour Differdange. Il faudra en discuter avec le reste de la vallée de la Chiens.

De toute façon, il est clair qu'il faut en parler avec les personnes sur le terrain. Tom Ulveling rappelle que désormais, certaines spécialités peuvent être offertes en dehors des hôpitaux. On peut parler de maisons médicales ou de centres de recrutement. Des spécialistes affiliés à des hôpitaux y proposent des consultations.

Tom Ulveling rappelle qu'il y a quelques années, le directeur général du CHEM a rendu visite au collègue échevinal.

(Interruption)

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

Tom Ulveling ne se souvient plus s'il s'agissait de monsieur Reimer ou de monsieur Nathan.

(Interruption)

À l'époque, il avait dit qu'il voyait les choses comme le collège échevinal. Mais en période de COVID-19, personne n'a le temps ou l'envie de s'occuper de ces questions. En plus, les hôpitaux construits en ce moment doivent être adaptés au coronavirus. Les gens doivent se croiser le moins possible.

Tom Ulveling n'est pas contraire à une discussion. Mais il n'accepte pas que les socialistes exhortent le collège échevinal à intervenir dans ce dossier alors qu'il a déjà beaucoup fait. De toute façon, la position des socialistes n'est pas éloignée. Il faudra voir dans six ans à quoi ressemblera le HPMa. Tom Ulveling pense que les services médicaux devront être implantés ailleurs et qu'il faudra réaffecter le site de Niederkorn.

Tom Ulveling répète que le collège échevinal a fait ce qu'il devait faire. Tout cela figure aussi dans le programme électoral de déi gréng et du CSV. Differdange doit conserver une activité médicale.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) ne veut pas revenir sur tous les détails. Mais il ne veut pas exhorter le collège échevinal à conserver une polyclinique. Pour les écologistes, le terme pose d'emblée un problème parce qu'il réduit les options.

Ensuite se pose la question de la conservation de la bâtisse. Lorsque l'Hôpital du sud ouvrira ses portes, les experts disent que le bâtiment sera dans un très mauvais état. Que va-t-on pouvoir en faire? Même si la commune était disposée à l'assainir, est-ce que l'endroit serait idéal pour des activités médicales? Car si on ouvre une maison médicale, ce ne serait certainement pas dans un coin à Niederkorn mal accessible par autre chose qu'en voiture. La position pose problème.

Les écologistes estiment qu'une maison médicale Plus devrait se trouver sur un site plus central — éventuellement à proximité de la gare de Differdange, de ses trains et de ses bus. C'est là que devrait se trouver le futur d'un tel service.

(Interruption)

Gedanken ze maachen a sech do festzeleeën.

D'autant plus déi Spideeler, déi mer amgaang sinn ze bauen, déi müssen och covidgerecht gebaut ginn. Dat heescht, do müssen elo aner Fluxen entstoën. Fréier bass de an e Spidol eragaangen, bass de no riets an no lénks gaangen, et war egal wou s de higaange bass. Mee elo muss de natierlech kucken, dass d'Leit sech net kräizen. Dat sinn also erëm ganz aner Problemer.

Ech mengen, effektiv kann een déi Diskussioun do féieren. Mee ech gesinn dat elo net, wéi gesot, dass Dir eis elo opfuert, mir missten endlech eppes maachen. Esou gesäit et nämlech aus, a mengen Aen. Nodeems mer eis awer schonn an dësem Dossier relativ wäit positionéiert hunn. Wann ech Iech richtig verstanen hunn, ass dat jo e bëssen esou, wéi Dir dat och gesitt. Do gëtt et jo keng grouss Diskrepanzen.

Et muss een eebe kucken, wann dat Gebai vum HPMa nach zéng weider Joren oder sechs Joren um Bockel huet, wéi dat dann ausgesäit. Ob een dann nach eppes kann draus maachen. Ech mengen net, dass een do eppes Medezinesches wäert kënnen draus maachen. Mee eppes Medezinesches éischer iergendwou anescht. An dat Gebai do engem aneren Zweck zouféieren. Dat ass warscheinlech méi einfach wéi dat anert. Mee dat muss een alles beschwätzen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass mir als Schäfferot wierklech do eis Aufgabe gemaach hunn. D'ailleurs hate mer et och an eise Walprogramm. Souwuel déi gréng wéi d'CSV hu mer eis ganz kloer ëmmer positionéiert, dass mer op jidde Fall hei zu Déifferdeng eng Activité médicale wëlle behale fir Leit an Nout. An dat ass ganz kloer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt kuerz och déi gréng Positioun heizou soen. Ech ginn awer elo net méi op alles an, well den Här Ulveling huet

déi meescht Äntwerte ginn. Just e puer Saachen, déi eis an der Motioun gestéiert hunn. Dat ass effektiv, dass mer de Schäfferot géifen opfuere, fir eng Poliklinik ze behalen. Den Term Poliklinik ass vläicht net dee richtigen. Well deen engt dat zimmlech an. Do hu mer scho mol direkt e Problem mat deem Term.

Dann hu mer awer och e Problem domat, dass ee probéiert, op där Plaz do nach eppes ze maachen. Et muss ee jo wëssen, dass wann d'Spudol op ass, wann alles eriwuer transferéiert gëtt, dann ass dat Spudol, sou wéi et eis beschriwwen gëtt vun de Leit, déi an deem dra sinn an och, wéi mer deemools beim Minister waren, vu senge Leit gesot kruten, an engem ganz schlechten Zoustand. Da stellt sech d'Fro: Wat mécht ee mat deem Gebai? Souguer wann een et géif sanéieren a vill Suen an d'Hand huelen, stellt sech nach ëmmer d'Fro, ob dat Gebai op där Plaz awer déi richteg Plaz ass fir esou e Service unzebidden.

Wann ee sech haut nach eng Kéier géif, mat de Méiglechkeeten, déi een haut huet, iwwerleeën, wou een haut e Spudol oder eng Maison médicale plus uleeë géif, da wär et sécher net an deem Eck, hannen zu Nidderkuer. Deen net accessibel ass. Dee wäit ewech ass vum ëffentlechen Transport. Dat heescht, wou ee bal muss mam Auto dohinner fueren. A wat jo och déi Problemer bréngt, déi mer zu Nidderkuer kennen.

Dat heescht, eis Positioun ass och, dass mer guer net festhalen um Site, wou déi Maison médicale plus, oder wéi ee se och wëll nennen, soll sinn. Mir gesinn dat éischer vill méi zentral. Dass een dat vläicht zu Déifferdeng usidelt, iergendwou ronderëm d'Gare. Wou all d'Zich beienee kommen, d'Busser beienee kommen, wou d'Leit ze Fouss kënnen hikommen. Wou also d'Accessibilitéit op jidde Fall scho vill méi grouss ass. Do gesi mer also éischer eng Zukunft vun esou engem Service.

Mir ënnerstëtzen awer de Punkt, deen den Här Ulveling och elo gesot huet, dass mer drop halen, dass an der Gemeng Déifferdeng eng Offer bleift. An den Här Ulveling huet dat richteg gesot: Et muss een dat kloer definéieren, fir dass et net zu falsche Signalwierkung gëtt.

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

Dass d'Leit genau wëssen: Wéinst wat muss ech da lo op Déifferdeng goen? A wéini muss ech wierklech an d'Spiddol goen? An dat schéngt eis net esou evident ze sinn, wann een do d'Dieren ze grouss opmécht.

Duerfir si mir éischter der Meenung, an dat war jo och am Gespréich beim ehemalige Gesondheitsminister erauskomm, dass mer iwwer esou eng Maison médicale plus, wéi hie se deemools genannt hat, roueg kéinten nodenken. Och op méi enger zentraler Plaz. Dat ass eis och matgedeelt ginn.

An dass een natierlech kuckt, fir zu Nidderkuer déi Terrainen ze kréien. Well do si mir jo net eleng Proprietär. Do si mer jo an engem Verbond mat den Nopeschgemengen. An datt ee sech urbanisteschem iwwerleet, wat kann een do an deem Dall, dee jo awer flott ass, anescht maachen? Wat net erëm Verkéier drainéiert? Wat net erëm eppes ass, wat direkt um ëffentlechen Transport muss sinn? An do huet ee sécher besser an aner Iddien, wat Déifferdeng kéint opwäerten, wéi en neit Spiddol dohinner ze planzen.

Aus deene Grënn kënne mir dës Motioun net stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, Här Ruckert, Här Muller an den Här Meisch.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt eppes soen. Vlächert eriwwege sech dann déi Interventiounen. Ech wollt soen, ech si frou, dass mer eng Diskussioun hei gefouert hunn. Mir stéieren eis elo u Begrëffer wéi 'exige' an esou weider. Mir hu jo héieren, mir leien net wäit ausseren an eisen Iwwerleeungen.

Duerfir wollt ech einfach froen, ob et méiglech ass, dass mer fir d'Zukunft zesummen am Gemengerot op all déi Méiglechkeeten do zrëckkommen. Déi Diskussioun an deem Debat hei féieren, ouni dass ee fäert, et wär elo eppes – also et war jo guer net d'Absicht vun der LSAP, an och net meng perséinlech, fir engem hei op de Frack ze trieden an

ze soen, mir géifen dat net begreifen, wat bis elo scho geschitt ass.

Wéi zu de Gebailechkeete gesot ginn ass, passt op, Déifferdeng, mir waarden nach ëmmer op e Feedback, do hu mer gesot, dat do ass awer elo eppes, do si mer net informéiert driwwer, dass do och gefrot ginn ass, wéi steet Déifferdeng zum Site CHEM Nidderkuer respektiv dem HPMA?

Wann Der eis haut soe kënnt, mir wäerten an Zukunft nach op déi Punkten hei zrëckkommen am Gemengerot, deem Debat do féieren, da géife mer eis Motioun an deem Sënn zrëckzéien. Well mer jo a ville Punkten no beienee leien. Mengen ech emol. Dat wär meng Proposition.

Wann déi aner Fraktiounen awer nach wëllen dozou Stellung huelen, hunn ech näischt dogéint. Well et ass jo awer schliisslech e Punkt um Ordre du jour. Ech kann hinnen dat och net verbidden. Mee ech wollt just soen, dass mer da géifen dee Schratt do goen. An da si mer jo der Meenung, dass mer nach déi eng oder déi aner Kéier hei am Gemengerot géifen doriwwer schwätzen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dann ass et um Här Diderich, um Här Ruckert an um Här Meisch.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hale mech kuerz, well ech déi Ureegung vum Här Muller gutt fanne fir d'Weiderféiere vun där Diskussioun. Et ass eng ganz wichteg Diskussioun. A mir sollte se anstänneg féieren. An net an Iwwerleeunge verfallen, vu wem kënnt d'Motioun a rëfft déi iergendeen op, deem näischt gemaach huet oder esou. Ech mengen, mir sollen hei ëm d'Saach diskutéieren. Dat ass jo och de Fall. A mir sollen eis zesummen iwwerleeën, wéi et soll weidergoen. An och probéieren, op den aktuellste Stand vun den Informatiounen ze kommen.

Prinzipiell denken ech och, dass ee sech an dëser aktueller Situatioun nach aner Froe muss stellen. Wou ech awer fäerten, dass souwuel Lëtzebuerg wéi och de CHEM nach net sou wäit sinn, sech

Comme monsieur Ulveling, les écologistes veulent que Differdange conserve une offre médicale.

Il faudra cependant la définir clairement pour que les gens sachent quand aller à la maison médicale et quand aller à l'hôpital. C'est pourquoi il vaut mieux réfléchir à l'implantation d'une maison médicale Plus comme l'a appelée le ministre de la Santé lors des entretiens.

Bien entendu, la Ville de Differdange doit essayer d'obtenir le terrain à Niederkorn, car elle n'est pas seule propriétaire. Ensuite, il faudra réfléchir à la réaffectation du site en veillant à ne pas attirer trop de voitures. Il y a mieux à faire que de construire un nouvel hôpital.

C'est pourquoi les écologistes n'approuveront pas la motion.

ERNY MULLER (LSAP) souhaite intervenir.

Il se dit content qu'une discussion soit menée. Le problème semble porter sur des termes comme «exige»... Mais les objectifs sont très proches. C'est pourquoi Erny Muller demande au collège échevinal de prévoir un débat à ce sujet au sein du conseil communal. En aucun cas, il n'a voulu laisser entendre que le collège échevinal n'a rien fait. Mais il a entendu dire que le CHEM attendait toujours un feedback de la Ville de Differdange. C'est la raison pour laquelle les socialistes ont demandé ce qu'il en était du site de Niederkorn et du HPMA.

Si le collège échevinal promet qu'un débat aura lieu au sein du conseil communal, Erny Muller veut bien retirer la motion, car les positions semblent proches. Il ne voit cependant pas d'inconvénient à ce que les autres fractions prennent position. Après tout, le point figure à l'ordre du jour. Mais il faudra en débattre à nouveau au sein du conseil communal.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) est d'accord avec monsieur Muller. Il faut poursuivre la discussion. C'est pourquoi il se montrera bref. Il ne sert à rien de débattre de l'origine de la motion et de qui a dit quoi. Ce qui importe, c'est le sujet. Le conseil communal doit savoir où en est la situation.

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

Gary Diderich pense que d'autres questions se posent, mais il craint que le gouvernement et le CHEM n'aient pas les réponses. Car quand on voit qu'il faut installer des hôpitaux de campagne, il se dit que réduire les capacités des hôpitaux n'est pas une bonne idée.

Il faut aussi réfléchir au manque de personnel. Car les hôpitaux luxembourgeois n'ont en pas assez. La discussion est trop importante pour la mener à la va-vite. Differdange doit disposer d'un service médical. Il faut bien réfléchir à la forme qu'il va prendre et au site où il se trouvera. Devra-t-il disposer de lits pour des situations comme celle que l'on vit actuellement? Gary Diderich n'est pas un expert, mais l'Europe est en train de se rendre compte que la réduction des capacités du système de santé a des conséquences. Le système sanitaire luxembourgeois est bon même s'il a des faiblesses. Mais le pays a commencé à fermer des hôpitaux qui auraient été utiles.

Gary Diderich propose de discuter de tout cela dans une autre séance.

ALI RUCKERT (KPL) souhaite revenir sur la loi sur les hôpitaux. C'est cette loi qui définit l'emplacement des services médicaux et qui décide de la construction de l'Hôpital du sud. Cette décision a condamné l'hôpital de Niederkorn.

Il est facile de dire que l'on veut ceci ou cela. Mais les partis politiques de ceux qui parlent aujourd'hui ont approuvé l'Hôpital du sud à la Chambre des députés. L'Hôpital du sud ne sert pas seulement à améliorer les soins médicaux, mais à faire des économies. C'est pourquoi on ferme Wiltz et Niederkorn. Il s'agit de réflexions néolibérales.

Dans le passé, la plupart des conseillers communaux étaient d'accord avec cette politique. Mais pas les communistes!

Ali Ruckert trouve l'idée d'une polyclinique à Niederkorn sympathique, même si elle n'est pas réalisable avec ce gouvernement et ces ministres. Mais il aurait approuvé la motion si elle n'avait pas été retirée.

(Interruption)

déi Froe wierklech gestallt ze hunn. An ech hunn och keng Äntwerten do drop.

Well prinzipiell soen ech: Wa mir bis ufänken, Zelter opzestellen, fir vläicht Krankebetter dohinner ze setzen, dann hu mer e Problem mat Capacitéite vun eise Spideeler. An dann ass et vläicht keng gutt Iddi weiderzefueren an eng Richtung, wou mer d'Capacitéiten erofsetzen.

Mee dat gesot, gött et ganz vill aner Iwwerleeungen, déi ee sech muss maachen. Mir hu virun allem zu Lëtzebuerg de Problem, wat d'Personal ugeet. Wou mer elo schonn net genuch Leit hunn, fir déi Spideeler, déi mer hunn an esou weider an esou fort. Dofir mengen ech, dass et eng ze wichteg Diskussioun ass, fir se iwwert de Knéi ze brieden.

Et ass eis wichteg, hei zu Déifferdeng e Service médical ze hunn. An et muss ee sech ganz gutt iwwerleeën, wéi een dat ass an op wéi enger Plaz een e situéiert. An ob dee Service médical och Capacitéite virgesäit fir verschidde Situatiounen, wéi zum Beispill d'Situatioun, déi sech am Moment presentéiert. Dat soll ee sech iwwerleeën.

Ech sinn net genuch Expert vum Gesondheetssystem, fir elo hei e Plang dohinnerzeleeën. Mee ech denken, dass Europa duerch d'Bänk virun allem eppes am Moment mierkt. Dat ass, dass den Ofbau vum Gesondheetssystem iwwer Joerzénge eis elo erëm an d'Gesicht schléit.

Zu Lëtzebuerg hu mer nach souzesoen e gutt Gesondheetssystem, wat awer och wierklech seng Schwächen huet. A wou mer och zum Deel ugefaangen hunn, Spideeler zouzemaachen, déi mer elo gutt gebraucht hätten.

An deem Sënn: Kommt, mir diskutéieren et nach eng Kéier préparéiert an enger anerer Sëtzung.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgeeft.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Damen an Dir Hären, virdrun ass ee Wuert gesot ginn, wou alles dermat zesummenhängt. Dat ass d'Spidolsgesetz. D'Spidolsgesetz, wat decidéiert huet, wat wouhi géif kommen. Wat decidéiert huet, dass e Südspidol géif gemaach ginn. A wéi dat decidéiert ginn ass, do war d'Nidderkuerer Spidol condemnéiert. Dat muss een esou soen. Well dat ass d'Realitéit.

An duerfir géif ech dann och all deenen, déi elo soen, et muss hei an et muss do, soen, datt deenen hir Parteien an der Chamber dofir gestëmmt hunn, fir dat Südspidol. An domat war Nidderkuer condemnéiert. Dat Südspidol gött jo net eleng gemaach, fir besser medezinesch Déngschter unzebidden. Dat gött gemaach, fir Suen ze spueren. Et gött gespuert am Gesondheitswiesen. Dofir gött dat Südspidol an éischter Linn gemaach.

Dofir gött Wolz zougemaach. Dofir ass Diddeleng zougemaach ginn. Dofir soll Nidderkuer zougemaach ginn. Dorëms geet et an der Saach. Dat sinn neoliberal Iwwerleeungen, wéi d'Gesondheitswiese soll gefouert ginn.

An domat waren déi meescht vun Iech jo och an der Vergaangenheet d'accord. D'Kommunistesch Partei war net d'accord domat. An ass och haut net domat d'accord.

Ech muss Iech soen, ech fannen et ganz sympathesch, wann elo déi sozialistesche Kollege fuerderen, dass eng Poliklinik muss op Nidderkuer kommen. Och wann dat vläicht net ze realiséieren ass. Net mat dëser Regierung, an net mat hiren eegene Ministeren. Mee d'Fuerderung fannen ech awer sympathesch, muss ech soen. Ech hätt dofir och fir déi Motioun gestëmmt, wa se net zrëckgezu gi wär.

Mee dorëms geet déi ganz Saach: Et soll gespuert ginn am Gesondheitswiesen. Och zu Lëtzebuerg sinn an de leschte Jore Better ofgebaut ginn. Déi haut feelen. Déi haut feelen. An op eemol muss een dozou iwwergoen an en NATO-Lazarett aus Italien dann hei afléien. An dat als grouss Errongenschaft duerstellen.

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

Et sinn also grouss Feeler gemaach ginn am Gesondheetswiesen. A wa mer esou weiderfueren, dann dréit d'Bevëlkerung hei zu Nidderkuer d'Konsequenzen. Mee net nëmmen zu Nidderkuer. Et ass en Anzuchsgebit vum honnerttausend Leit. A wann hei een erzielt, et brauch een nëmmen dräi Minutte méi fir vun hei op Esch an d'Spidol ze fueren, also, da soll en eis dat emol eng Kéier virmaachen, da gleewe mer et. Mee ech mengen, dat ass net méiglech.

An et geet jo eeben net nëmmen ëm Déifferdeng an Nidderkuer. Et geet och ëm Péiteng, et geet ëm Bascharage, et geet em de Capellener Kanton. Mee dat gëtt alles an der Diskussioun vergiess. Wann et ëm d'Sue geet, wann et ëm de Fric geet, da gëtt alles anescht, och d'Gesondheet, an den Eck gestallt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech maachen elo hei keng Nationalpolitik. Ech vertrieben hei d'Interesse vun der Déifferdenger Bevëlkerung. Et ass quasi alles gesot ginn. Ech mengen, mir sinn eis a verschiddene Punkten eens. Wann d'Südspidol bis steet an och en connaissance de cause vum Spidolsgesetz, si mer alleguer der Meenung, datt eng medezinesch Basisversuergung nach soll hei zu Déifferdeng garantéiert ginn. Wéi een dat herno nennt, Maison médicale plus, oder wéi och ëmmer, dat sief dohigestallt.

Wou mer warscheinlech och enger Meenung sinn, dat ass, datt mer sollten alles drusetzen, fir deen Terrain ze kréien. D'Haus selwer ass an engem relativ schlechten Zoustand. Do komme mer och op e Konsens. A mir sollten eis Käpp zesummestrecken, fir déi beschtméiglech Léisung fir eis Gemeng ze fannen.

Dee Bréif krute mer elo eréischt virun enger hallwer Stonn zougestallt. Dat hätt ee vläicht kéinten éischter maachen. Mee do fuerdert de Schäfferot jo och eng Maison médicale, accompagnée d'un centre thérapeutique.

Déi Demarchë sinn zum Deel scho gemaach ginn. Dofir fannen ech et och elo e bëssen hifälleg, fir déi Motioun elo nach ze stëmmen. Mir sollten d'Käpp zesummestrecken. An da gesi mer weider. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech deelen awer elo net déi Panikmache, déi den Här Ruckert hei mécht. Well ech mengen, datt ganz sécher do kee Poste wäert ofgebaut ginn, wann dat neit Südspidol bis steet. Au contraire. Et wäerten nach méi Leit gebraucht ginn. Well wéi Der vläicht wësst, a wéi et awer fälschlecherweis a verschiddenen Zeitungen duergestallt ginn ass, bei dat Südspidol soll e Militärspidol kommen. Dat ass eis nach am Verwaltungsrot leschte Méindeg ganz kloer nogedroe ginn, dass dat nach ëmmer d'actualité ass.

An et muss een och wëssen, och wann e puer Better ofgebaut ginn, dass – zum Gléck, kann ee soen – duerch d'Performanz vun der Medezin an all deem, wat do drunhänkt, d'Durée de séjour vun de Leit bei den Operatioune erofgeet. An och vill Saachen elo am Hôpital du jour gemaach ginn. Dat heescht, wou d'Leit dee selwechten Dag eranen erëm erausginn.

Dat heescht, et sinn elo vläicht manner Better do, mee dat wëllt awer net soen, dass d'Leit manner gutt versuergt wäeren. Ech wëll mech dogéint verwieren, dass hei elo Panik gemaach gëtt a gesot gëtt d'Leit, déi ginn elo am Ree stoe gelooss. Dat ass sécher net d'Intentioun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Ech wollt dann awer och nach mäi Pfefferkär bäileeën. Wa mer d'Motioun kucken, do steet: „Le conseil communal invite le collège échevinal à mener, à intervenir, à acquiescer“. Et kéint een einfach soen: Le conseil communal soutient le collège

Ali Ruckert répète que l'objectif est de faire des économies dans le domaine sanitaire. C'est pourquoi on a supprimé des lits ces dernières années, qui manquent aujourd'hui. Et voilà qu'on présente un hôpital militaire de l'OTAN comme une grande victoire.

Des erreurs graves ont été commises. Et ceux qui disent que se rendre à Esch ne prend que trois minutes de plus n'ont qu'à montrer comment ils s'y prennent pour qu'on les croie. C'est impossible. En plus, il n'est pas question que de Differdange, mais aussi de Pétange, de Käerjeng et de Capellen. Quand il est question de fric, on oublie tout. Même la santé.

FRANÇOIS MEISCH (DP) ne veut pas faire de la politique nationale. Il défend les intérêts des Differdangeois. Quand l'Hôpital du sud ouvrira ses portes, tous les conseillers communaux sont d'avis qu'il faut maintenir des soins médicaux de base à Differdange — peu importe le nom qu'on donnera à ce service.

Tout le monde est aussi d'accord pour essayer d'obtenir le terrain. La bâtisse est en mauvais état. Le conseil communal trouvera donc un consensus.

Les démocrates ont reçu la lettre il y a une demi-heure. Le collègue échevinal y exige une maison médicale accompagnée d'un centre thérapeutique. Ces démarches ayant été entreprises, la motion est superflue.

TOM ULVELING (CSV) ne partage pas la panique générée par monsieur Ruckert. Il se dit certain qu'aucun poste ne sera supprimé avec l'Hôpital du sud. Au contraire, il faudra plus de personnel. Tom Ulveling rappelle qu'un hôpital militaire sera construit à côté de l'Hôpital du sud.

En outre, même si l'on supprime quelques lits, la médecine est de plus en plus performante et la durée des séjours se réduit. De nombreuses interventions se font à l'hôpital de jour. Qu'il y ait moins de lits ne signifie donc pas que les soins médicaux sont moins bons. Il faut arrêter de générer de la panique en disant que les gens ne seront plus soignés.

15. Motion du LSAP concernant le CHEM

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

propose de remplacer « le conseil communal invite le collège échevinal » par « le conseil communal soutient le collège échevinal ». En effet, les conseillers communaux semblent du même avis.

Pour Christiane Brassel-Rausch, il est trop tôt pour parler du bâtiment. Le moment venu, la commune pourrait demander à un expert d'évaluer son état. Mais il est encore beaucoup trop tôt.

Christiane Brassel-Rausch accepte aussi la proposition d'une discussion entre les chefs de fraction. Elle voudrait savoir qui se chargera d'organiser la réunion pour discuter de l'hôpital. Que doit faire la commune? De quoi Differdange a-t-elle besoin?

Pour ce qui est du bâtiment, la commune peut attendre.

Christiane Brassel-Rausch clôture la séance publique.

échevinal à mener à intervenir. Well da si mer genau op deem, wou mer elo ukomm sinn. Well ech denken, dass mer eis an der Saach alleguer eens sinn, wat mer wëllen a wat mer net wëllen. An et ass en Accord do.

A mengen Aen ass et einfach ze fréi, fir elo iwwert dat Gebai do ze schwätzen, Argumenter hin, Argumenter hier. Ech kommen dann op Är Proposition, Här Altmeisch, zréck. Wa mer elo scho wëllen iwwert dat Gebai schwätzen, da kommt, mir huelen Experten a mir bezuelen déi a mir froen, wat dann nach gutt ass un deem Gebai a wat net méi gutt ass. Dann hätte mer jo an Ärem Sënn geschafft. Ech denken awer, dass et vill ze vill fréi ass, fir elo iwwert d'Gebai ze schwätzen.

Ech huelen awer gären d'Proposition un, am Sënn vun Déifferdeng, eis alleguer zesummesetzen, d'Parteien, sief et d'Fraktiounscheffen, oder wéi mer eis do zesummesetzen, fir zesummen un déi Iddi erunzegoen.

Op där anerer Säit géif ech dann awer och elo gären delegéieren, wien dat elo an de Grapp hält, dass dee Grupp dann och zesummekënnt, fir sech zesummesetzen an iwwert d'Spidol ze schwätzen: Wat hätte mer gär? Wat ass am Sënn vun Déifferdeng? Wou wëlle mer higoen? Wat brauche mer? Well dat ass eng Saach vu laang Dauer. Dat maache mer net an enger kuerzer Zäit.

Dofir: Wie géif sech drëm këmmen, Här Muller, fir de Grupp zesummenekréien? Am Sënn vun der Stad Déifferdeng. Am Sënn vun deem, wat hei gebraucht gëtt vu medezinescher Versuerung? An d'Gebai, ech denken dat kënnen mer roueg nach ee Moment vergiesen. Da musst Der kucken, wéi Der domadder ëmgitt. Okay?

Considérant qu'à la suite des débats menés, monsieur Erny Muller (LSAP) retire la motion ci-dessous, celle-ci n'est pas soumise au vote du conseil communal, mais le sujet sera abordé et traité plus amplement en temps voulu notamment pour y englober les avis des fractions représentées au conseil communal quant à l'utilisation future du bâtiment actuel du CHEM à Niederkorn :

Considérant que :

- *actuellement, une grande partie des soins médicaux de la population du bassin de la Chiers, soit presque 60 000 habitants, et spécialement de la commune de Differdange est assurée dans la polyclinique et les infrastructures du CHEM – Niederkorn ancien HPMa;*
- *il est du devoir des responsables politiques de garantir les meilleures prestations médicales par des infrastructures adéquates;*
- *le CHEM Niederkorn dispose d'un équipement performant au niveau de l'imagerie médicale;*
- *quelque 400 personnes du secteur médical sont actuellement occupées par le CHEM Niederkorn*

le conseil communal vinvite le collège échevinal:

- *à mener des discussions avec le conseil d'administration du CHEM pour maintenir une antenne de polyclinique du Südspidol à Niederkorn pouvant assurer les premiers soins médicaux fournis par la polyclinique actuelle;*
- *à intervenir auprès du gouvernement afin d'établir une stratégie à long terme pour les soins médicaux dans notre commune et dans les communes avoisinantes;*
- *d'acquérir les bâtiments de l'infrastructure hospitalière actuelle à Niederkorn dans le but d'une nouvelle attribution dans la mesure du possible dans le cadre médical;*
- *de mener un débat avec les partis politiques et la population quant aux idées d'une future utilisation.*

Okay. Da soen ech Iech villmools Merci. A géif dann heimadder den offiziellen Deel, d'Séance publique ...

Questions

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

A, et sinn nach Froe vum Här Muller. Jo. Pardon.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Ech hätt nach zwou Froen. Déi éischt bezitt sech op d'Reamenagement vun der Montée Wangert et du Haut-Wangert.

(Gelaachs)

Jo. Ech muss nach eng Kéier dorop zrëckkommen. Erlaabt mer, ier ech d'Froe formuléieren, op e puer Faiten zrëckzekommen. Dat sinn déi Interventione vun der Gemeng par rapport zu den Awunner a vice versa.

Den 3. Dezember 2019 schonn ass op der Gemeng e Bréif ukomm betreffend zwee Bierger, déi e Bréif un d'Gemeng geschéckt haten iwwer en Affekot. Si haten och ugekënnegt, dass de 7.12. eng Biergerversammlung am Quartier wär. Déi Biergerversammlung war gutt besicht. An et waren och verschidde Gemengeconseillere do uwiesend.

Den 30.12.2019 huet d'Madamm Buergermeeschter an engem Bréif geäntwert. Wou et geheescht huet, ech zitieren: „Vue l'importance de ce projet de réaménagement aussi bien pour la ville de Differdange que pour les riverains du quartier, nous tenons à vous informer que le collège échevinal continuera à chercher des solutions qui pourront convenir à tous les acteurs concernés. Et nous reviendrons vers vous à ce sujet dans les meilleurs délais“. Fin de citation.

Ergo hunn d'Anrainer op eng Reaktioun a Form vun engem Dialog säitens der Gemeng gewaart, op dës Bréif hin. Lo ass awer den 30. September 2020, dat heescht zéng Méint no deem Bréif, erëm e Bréif, dës Kéier un d'Habitants des maisons Montée du Wangert et Montée du Haut-Wangert, dat heescht un d'ganz Populatioun vum Quartier Wangert geriicht ginn, deen Dir, Ma-

damm Buergermeeschter, ënnerschriwwen hutt.

An do geet rieds vum Desaccord mat verschiddene Prestataire, eng Partie vun hirem Terrain un d'Gemeng Déiferdeng ofzetrieden. Déi concernéiert Leit fannen dës Bréif eng reegelrecht Erpressung. Ech soen, wéi et mir zougedroen ass. Well do Drock gemaach gëtt aus verschiddene Richtungen op d'Leit.

Ech kéim elo zu menger Fro: Firwat huet de Schäfferot nom Bréif vum 30.12.2019 a bis haut keen Dialog mat den Anrainer vum Quartier Wangert gesicht? Dat ass meng Fro un Iech, Madamm Buergermeeschter. Wann dat esou ass. Duerfir wëll ech dat froen. Ech hu gesot kritt, et wär kee Kontakt gewiescht, et wär keen Dialog gefouert ginn.

Da kann d'Madamm Buergermeeschter jo drop äntwerten, wann dat falsch ass. Ech hunn dat da vläicht falsch ...

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Déi zwee Bréiwer si geschriwwen ginn. Wéi se zesummenhänken, ech denken den Här Ulveling war elo amgaang. Wann Der mat Mikro schwätzt, da versteet jiddwereen Iech.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt Iech net an d'Wuert falen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir waart elo gutt lancéiert. Allez-y. Ech ka jo dann nach meng Stellungnam herno maachen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass ee schwierigen Terrain. Mir hu versicht, e puermol mat deene Leit a Kontakt ze kommen. Déi Leit, déi haten eis eppes ënnerschriwwen, dass se d'accord wäeren. Et geet jo drëms, dass

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
lui signale qu'il y a encore des questions.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
cède la parole à monsieur Muller.

ERNY MULLER (LSAP) *a une question concernant le réaménagement de la montée du Haut-Wangert. (Rire)*

Erny Muller tient à revenir sur certains faits relatifs aux interventions de la commune auprès des habitants.

Le 3 décembre 2019, deux habitants ont envoyé une lettre à travers leur avocat pour informer la commune d'une réunion d'information le 7 décembre. Plusieurs conseillers communaux y ont participé.

Le 30 décembre 2019, la bourgmestre a répondu que le collège échevinal continuerait à chercher des solutions avec tous les acteurs concernés et qu'il reviendrait vers les habitants dans les plus brefs délais. Depuis, les habitants attendaient une réaction de la commune. Or le 30 septembre 2020, la bourgmestre a envoyé une nouvelle lettre à tous les riverains au sujet du refus de certains propriétaires de céder leurs terrains à la commune. Les personnes concernées ont parlé de chantage à Erny Muller. On fait pression sur eux.

Pourquoi le collège échevinal n'a-t-il pas cherché le dialogue avec les habitants depuis le 30 décembre 2019?

(Interruption)

Erny Muller constate que si cette information est fausse, la bourgmestre n'a qu'à prendre position.

(Interruption de monsieur Ulveling)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
répond que deux lettres ont été envoyées. Elle cède la parole à monsieur Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) *s'excuse. Il ne voulait pas couper la parole à madame Brassel-Rausch.*

Il explique que le collège échevinal a essayé plusieurs fois d'entrer en contact avec les personnes concernées. Celles-ci avaient signé un accord.

Tom Ulveling rappelle que certains riverains sont propriétaires d'une partie de la route ou du trottoir. Or la commune ne peut pas réaliser des travaux sur un terrain privé. La même chose est arrivée à Belair et il n'y a pas eu de problèmes. Au Wangert, les propriétaires ont d'abord signé un accord avant de changer d'avis. Tom Ulveling estime que certains de ces propriétaires ne pourront pas être convaincus. Le collège échevinal a envoyé monsieur Gonderinger sur place pour discuter personnellement avec les habitants. Monsieur Gonderinger aurait même pu dessiner les limites des terrains à la craie, car certains propriétaires semblaient penser que la commune allait leur enlever une partie de leurs jardins.

Or la commune n'a besoin que de parties de trottoir. Si quelqu'un tombe par exemple, les propriétaires seront tenus pour responsables.

Bref, le collège échevinal a cherché le dialogue. Mais deux ou trois propriétaires bloquent les travaux. La lettre envoyée par le collège échevinal ne constitue en aucun cas un chantage. Il s'agissait simplement d'informer les riverains que la commune ne pourrait pas réaliser le projet après avoir essayé pendant un an. Le collège échevinal a également signalé aux propriétaires qu'ils seraient responsables en cas d'accident.

En plus, les voitures sont garées n'importe où. Les éboueurs n'arrivent pas à passer avec le camion. La commune ne peut pas garantir que les poubelles pourront être vidées systématiquement.

Tom Ulveling ne comprend pas. La commune voulait créer une chouette rue avec plus d'arbres et seulement quelques places de stationnement en moins. Mais la situation est la même que pour le Balcon. Le collège échevinal n'a que deux solutions: l'expropriation ou l'abandon du projet. Ce n'est pas une menace; c'est juste une information. Le collège échevinal accepte le fait qu'il ne peut pas réaliser le projet.

eng Partie vun hirem Besëtz am Fong d'Strooss respektiv den Trottoir ass.

A vu dass mir als Gemeng jo net kënnen engem Privatmann Aarbechten op sengem Grondstéck maachen, wollt mer déi Leit dozou beweegen, eis déi Terrainen ze cedéieren. Um Belair hate mer dee selwechte Fall. Do waren et just dräi Leit, do war guer kee Problem, déi hunn eis dat alles cedéiert. Soudass mir do elo kënne lassleeën,

Hei ass eeben de Problem, dass verschidde Leit am Ufank d'accord waren. Si haten eis eng Ënnerschrëft ginn, si wäeren d'accord. Duerno hu se e Bréif ënnerschriwwen, wou se gesot hunn, si wäeren net d'accord. Jee, et ass hin an hier gaangen. E puer sinn, géif ech mengen, net ze iwwerzeegen.

Ee leschten Effort, dee mer gemaach haten, dat war, dass mer den Här Gonderinger, fir en net ze nennen, op d'Plaz geschéckt haten. Dee sollt mat de Leit Kontakt ophuelen, bei jiddweree schelle goen. Mir hate geduecht, mir géifen iwwert de Summer dat selwer um Terrain opzeechnen. Dunn hate mer awer gesot, wann den Här Gonderinger geet, da geet hie bei jiddwereen. A wann een dat da gären hätt, dann hätt en him dat mat Kräid op de Buedem gezechent, ëm wat fir ee Stéck et sech handelt.

Well vill vun deenen, déi hu gemengt, mir géifen hinnen elo de Gaart ewechhuelen oder esou. Mee mir hunn ëmmer gesot: Bis zu Ärem Giewel geschitt näischt. Mir huelen näischt ewech. Et ass just eeben den Trottoir. Wann do ee fält, sidd Dir responsabel. Wann Dir eis den Trottoir gitt, da si mir responsabel. A mir maachen Iech den Trottoir an d'Rei.

Also mir hu versicht, mat de Leit an den Dialog ze kommen. Dat war e bëssen en Dialogue de sourds bei verschidder. Leider. Et sinn ëmmer zwee, dräi, déi alles blockéieren. Dofir hate mer dann e Bréif geschriwwen. Dat war awer net, fir een ze erpressen. Mee fir de Leit einfach ze soen: Et ass et gutt. Mir hunn elo ee Joer laang versicht. Et ass kee Wëllen do. Dann zéie mir eise Projet zrëck. Da maache mer näischt. Da bleift et esou wéi et ass.

A mir hu si och drop higewisen, wann do eng Kéier ee fält, op hirem Privatter-

rain, da si si responsabel, net d'Gemeng.

Mir hunn do natierlech och Problemer, fir mat Poubellescamionen erop- an erofzufueren. Dat hu mir hinnen och gesot. D'Leit stinn do egal wéi geparkt. Eis Camionen, d'Poubellesween kommen net erop, bleiwen hänken, huelen e Spigel mol mat an esou weider. Dat ass alles e Problem.

Wann deen net geléist gëtt, da kann et op eemol geschéien, dass mir iwwerhaupt net méi do kënnen eropfueren. Well d'Leit stinn egal wéi do. Et ass keng Parkplaz, et ass einfach – wéi soll ech soen? Mir wollten eng flott, nei Strooss maachen. A wat ech net verstannen hunn: Wann déi Strooss do nei gemaach gi wär, quitte dass vläicht e puer Beem herno méi do gewiescht wäeren an e puer Parkplaze manner, wär et awer eng flott Strooss gewiescht.

Jiddwereen, deen do ee Bien huet, deem säi Bien wär vill méi Wäert gewiescht, wann d'Strooss flott wär, wéi wann et esou ausgesäit, wéi et elo ausgesäit, dat heescht eng besser Schotterpist. Mee bon.

Et ass e bësse wéi um Balcon, do hu mer dee selwechte Fall. Do hänke mer dann. Do kënne mer just expropriéieren eventuell, wa mer et wëllen duerchezéien. Oder mir kënne soen: Wann Der net wëllt, da loosse mer et eebe sinn. Déi Suen, déi ginn dann enzwousch anescht agesat. Mee et ass awer net, dass do iergendwéi een elo wollt iergendwéi een erpressen. Et war just eng Informatioun, fir ze soen, wann et esou ass, dann ass et esou. Mir akzeptéieren dat. Mee da maache mer och näischt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da géif ech elo d'Wuert u mech emol nach ginn. Oder?

(Ënnerbriechung)

Jo, den Här Meisch an den Här Muller. Ech géif dann duerno schwätzen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech hätt eng kleng Ureegung. Et kéint ee mol juristescht préiwe loossen, ob d’Gemeng op der Voie publique schaffen däerf. Och wa se net Proprietär ass. Zemools, wann den Zoustand vun der Strooss, an dësem Fall, esou schlecht ass. Vlächet ass dat och scho geschitt, mam Här Helming. Ech weess et net.

(Diskussioun)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mee déi Strooss wollt mer jo nei maachen, well do leie Gasleitungen an esou weider. Wann déi eng Kéier an d’Luucht ginn, an et ass op dengem Terrain, dann hues de e Problem. Mee wann d’Leit ...

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wat ech dozou wollt soen, ech weisen de Virwurf vun Erpressung awer elo wierklech ganz wäit vu mir. Ech war a Versammlungen dobäi, wou et ëm dee berüümte Wangert gaangen ass. Dat wat ech héieren hunn, et ass no Parkplaz gejaut ginn: „Et gëtt keng Parkplazen“, „Mir hu keng Parkplazen“ an esou virun an esou weider.

Ech froe mech elo, Här Muller, wat sollle mer maachen? Et ass scho gesot ginn. Wa mer et wëlle schéi maachen oder arrangéiere mat Sudgaz, déi e Besoin do gesäit vun der Sécuritét, well déi Leitungen iwwer 30 Joer hunn, do ass gesot ginn, mir rappen d’Strooss net op weinst engem, da maache mer alles. Duerno ass d’Diskussioun opkomm, et wier net ëmmer eisen Terrain. Duerno ass komm, mir wëilten de Leit Terrain ewechhuelen. Elo soe mer, et ass gutt, mir akzeptéieren, dass Dir eis Är Terrainen net wëllt ginn. Elo ass dat och net gutt. Elo froen ech mech wierklech, wat mer solle maachen.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Well Der elo gefrot hutt, wat solle mer maachen, hunn ech elo nach eng Kéier d’Wuert gefrot. Soss hätt ech d’Wuert

lo net méi geholl dozou. Deemools op der Biergerversammlung hate mir eis net aktiv abruecht, mir waren do nëmmen als Observateur. Dat wëll ech awer och soen. Mir haten eis net an d’Diskussiounen agemëscht.

Do war awer erauskomm, an déi Leit, déi och do waren, kënnen dat vlächet hei bezeien, dass wa si eng Alternativ hätten zu engem Parking, deen ugrenzt – ech weess, et ass net einfach. Mee wa mer hinne géifen eng Solutioun ginn, déi valabel wär. Et sinn der schonn erwänt ginn, mee et ass kee Konzept do. Et gëtt gesot: Dir kënnt op de Parking an der Groussstrooss goen. Mee do ass awer keng direkt Verbindung zum Uewerwangert mat der Groussstrooss. Wann een dann ëmmer muss erop- an erofgoen, Dir kennt jo de Wangert, wat dat fir en Effort ass, fir do ze Fouss eropzuegoen. Also dat ass net esou evident. Duerfir wär et interessant, ech hat ëmmer gemengt, et kéint een am ieweschten Deel eng Holzkonstruktioun opriichten, fir e sougenannte grénge Parking ze maachen. Mir hu jo schonn esou Saache gehat. An enger Zone verte ass et jo net verbueden, eppes opzeiichten, wa mir et als Gemeng als d’utilité publique gesinn an et esou gerecht maachen, dass et wierklech och der Natur, deem grénge Deel do entsprécht.

Well et ass jo en zimmlech groussen Terrain, deen an deem Naturdeel läit. Dat ass eng Proposition, déi ee sech awer soll ukucken. Dir kommt vun deenen zwou Säiten eran. Vum Ënnerwangert kënnt Der um Niveau null erakommen. A wann Der déi aner Säit eropfuert, kommt Der op den éischte Stack. Esou hätt ee séier 20 Parkplazen an engem hëlzene Gebai, wat schéi begrängt wär a wat sech wonnerbar do géif afügen.

Ass dat schonn eng Kéier gekuckt gi mam Environnement, ob dat geet oder net? Dat wär zum Beispill eng Solutioun, wou een och fir d’Zukunft do e bësse gehollef hätt, de Leit an deem Quartier. Domadder halen ech awer elo op.

FRANÇOIS MEISCH (DP) se demande si juridiquement, la commune ne peut pas entreprendre des travaux sur la voie publique même si elle n’est pas propriétaire. Car l’état de la route est pitoyable.
(Interruption)

TOM ULVELING (CSV) répète que le collège échevinal voulait refaire la rue. Si une conduite de gaz explose sur un terrain privé, cela posera des problèmes.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) a assisté à des réunions. Les habitants ne s’inquiètent que des places de stationnement. Que peut faire le collège échevinal?
Sudgaz veut réaliser des travaux pour des questions de sécurité. Mais certains terrains n’appartiennent pas à la commune. Si celle-ci essaye d’acheter les terrains, les propriétaires ne sont pas contents. Mais quand elle dit qu’elle a compris et qu’elle ne va rien faire, ce n’est pas bien non plus.

ERNY MULLER (LSAP) avait assisté à la réunion d’information en tant qu’observateur. Les riverains avaient demandé une solution avec des places de stationnement. Mais ce n’est pas évident.

Le collège échevinal leur a proposé de se garer sur le parking de la Grand-rue. Mais la Grand-rue n’est pas reliée directement au Haut-Wangert. Monter au Haut-Wangert demande un véritable effort.

(Interruption)

Erny Muller propose d’aménager un parking écologique sur la partie supérieure.

(Interruption)

Erny Muller rappelle qu’il n’est pas interdit d’aménager une zone verte si c’est d’utilité publique. Le site est accessible des deux côtés. Il serait facile d’y aménager une vingtaine de places de stationnement dans une structure en bois. Le collège échevinal en a-t-il discuté avec l’Administration de l’environnement? Cela pourrait aider les habitants.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

signale à monsieur Muller qu'il faisait partie du collège échevinal.

ERNY MULLER (LSAP) *rétorque qu'il*

aurait cherché le dialogue. Avant de participer à des réunions d'information, il faut un projet. En cas de désaccord, on essaye de limer les différences au lieu d'abandonner le projet.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

réplique que la commune a reçu des lettres d'avocats.

ERNY MULLER (LSAP) *est intervenu*

parce que madame Brassel-Rausch l'avait interpellé.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rap-*

pelle que tout le monde n'a pas été invité aux réunions d'information. Il n'y avait par exemple pas de conseillers du CSV et de déi gréng. Mais c'était aux organisateurs de les inviter et pas à monsieur Muller. De toute façon, les discussions ont eu lieu. Le collège échevinal peut proposer un autre projet, mais il essuiera un refus.

Le collège échevinal a demandé s'il était possible d'aménager un parking dans le virage entre le Haut-Wangert et le Bas-Wangert. La réponse est non. Le collège échevinal peut peut-être la demander par écrit.

En plus, même si on aménageait un parking, les gens devraient payer les places de stationnement, car elles seraient privatives. Les riverains n'étaient pas d'accord non plus. Par conséquent, le collège échevinal a dû abandonner l'idée d'un parking. À quoi cela sert-il de prétendre que les discussions n'ont pas eu lieu et de faire une proposition dont on sait qu'elle a déjà été rejetée? La commune ne peut pas inventer des places de stationnement dans le Wangert.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE

BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech ginn d'Wuert direkt weider un den Här Liesch. Mee Dir waart jo awer mat an der Verantwortung, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Mee ech hätt awer d'Diskussioun gefouert mat de Leit. Fir d'éischt maache mer e Projet. An da gi mer an Informationsversammlungen. Well mer musse jo eppes virleien hunn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE

BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

A wann dann an deene Versammlungen op eemol Differenze kommen, da versichen ech, op dat anzegoen, wat d'Leit soen. Esou hu mer dat emol ëmmer gemaach. An ech soen net: „Mir maachen näischt“.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE

BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Majo, wa mir Bréiwer vun Affekote kréien, wat solle mer dann do maachen? Ech wollt d'Wuert un den Här Liesch ginn.

ERNY MULLER (LSAP):

Dir hat mech elo zitéiert, dofir hunn ech awer missen intervenéieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE

BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, ech wollt elo och net äntwerten. Ech ginn d'Wuert un den Här Liesch. Ech hu just herno nach e Virschlag.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt emol soen, dass op deene berüümte Biergerversammlungen och net jiddwereen invitéiert gouf. Soss wäre vläicht och aner Conseilleren do ge-

wiescht. Ech mengen, vun der CSV war keen do. Vun deene Grénge war och keen do. Et pour cause. Well mer net invitéiert waren. Mee dat ass den Organisationsaufgab. A ganz sécher net Är Aufgab.

Dat anert ass: Déi Diskussioun si gefouert ginn, natierlech. Vläicht kann een de Schäfferot nach eng Kéier opfu-erderen, e Bréif ze maache mat engem Projet, wou een dann nach eng Kéier e Refus kritt. Mir hu gefrot gehat, fir an där berüümter Kéier Uewerwangert/Ënnerwangert e Parking ze maachen. A mir hunn do Nee gesot kritt.

Elo kann ee soen, mir hu keng schrëftlech Trasse vun deem Nee. Da kann een dat nach eng Kéier schrëftlech maachen. Dann hu mer et och schwaarz op wäiss. An da kann een de Leit nach eng Kéier weisen, dass dat mam Naturschutz an deem doten Eck absolutt net vereinbar ass.

Dat Zweet, wat mer deemools am Schäfferot diskutéiert hunn, wou ech nach dobäi war, a wa mer dat och nach géifen duerchkréien, missten d'Leit jo déi Parkplaze bezuelen. Well dat wäre jo da quasi privativ Parkplaze fir déi Leit. An dat hate mer awer och mat deene Leit an enger Diskussioun gefouert. Do war awer null Akzeptanz. Déi hu gesot: „A nee. Dat kann et jo elo net sinn, dass ech dann och nach muss bezuelen dofir“. Dat heescht, dat war nach en zweete Volet, wou mer gesot hunn, da loosse mer déi Iddi vun deem Parking ganz sécher falen.

Also esou einfach ass et net, fir elo hei ze soen, d'Diskussioun wär net gefouert ginn an da mat enger Iddi op den Dësch ze kommen, déi schonn eigentlech duerchgemeautscht ass. Wou jiddweree weess, wat hannen erauskënnt. Et ass net méiglech. Et ass net méiglech, am Wangert Parkplazen ze erfannen. Also dat gëtt et leider net. Ausser mir erfannen e Siemens Lufthaken, wou mer d'Autoe kënnen ophänken. Mee et ass einfach net machbar. Dat ass ganz kloer.

ERNY MULLER (LSAP):

Wannechgelift, nach eppes zum Här Liesch senger Ausso.

Questions

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Also ech hunn do eng aner Informatioun. Ech hu souguer vu Leit héieren, déi bereet wäeren, eng Laangzäitlocatioun ze maache vun esou Plazen. Also dat kéint ee jo och ophuelen. Mee et muss ee fir d'éischt sécher sinn, dass een eng ëmweltgerecht Konstruktioun do opriichte kéint, déi do toleréiert géif gi vum Ministère. An da mengen ech awer, dass ee Leit kéint fannen, déi dat och bezuelen. Well dat ass jo dann e Parking public. Dat ass net zum Nulltarif, dat ass jo ganz kloer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Dir hat nach eng zweet Fro.

ERNY MULLER (LSAP):

Déi zweet Fro, déi betrëfft awer elo den Här Ulveling a senger Funktioun als Bauteschaffen. Zu Nidderkuer ass jo d'Sportshal opgaangen. Souwäit ech informéiert sinn, ass d'Akzeptanz ganz grouss an et gëtt sech och ganz beluewend ausgeschwat iwwert déi Sportshal.

Wouriwwer ech mech net méi esou beluewend elo ausschwätzen, dat ass iwwert den Accès zu der Hal. Wat elo do déi lescht Zäit entstanden ass. Ech ka mech net erënneren, esou e Plang gesi gehat ze hunn, wou eng Mauer ronderëm gebaut gëtt, déi alles zoumécht. Wou ee mol guer net méi gesäit, wou d'Entrée ass vun der Sportshal.

Dofir wollt ech froen: Wou kënn dat do elo hier? Wann do Leit kommen, Visiteuren oder Sportler, déi fueren op de Parking Rue Pierre Gansen an dann? Wou geet et dann elo hin? Da gesitt Der do d'Sportshal. An dann ass do ronderëm mol eng grouss, déck Mauer.

An den Zougang, deen ass ganz sexy, do geet et dann iwwert esou e kleng Passage, esou e Schloff, wéi ech dat géif

nennen, eran. Also ech weess net. Mam Finissage hu mer elo, ech wëll net grad soen, e Bock geschoss, mee iergendwéi fannen ech et net gutt, wéi dat elo geléist ass. An ech froe mech och, wéi dat do elo zustane komm ass. Well a mengen Iwwerleeungen, wéi ech un deem Projet geschafft hunn, do hat een e breeden Zougang, eng flott Entrée zu der Hal.

An dat ass elo net geschitt. Ech weess net, ob et nach méiglech ass, eppes dorun ze änneren. Mee gitt Iech et ukuken. An da kënn Der selwer kucken, wéi Der dat empfann. A wann nach Zäit wär, géif ech do eng Ännerung maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Muller, Dir wësst, dass do verschidden Niveaue sinn. Dir wësst, dass ee laanscht eng Strooss geet. Dir wësst jo och, et ass ronderëm d'ganz Schoul. Elo hätt ee kënnen do e Gelänner maachen, do sinn ech vläicht mat Iech d'accord, dat hätt ee kënnen maachen. Et kann een och vläicht nach Schlitzer maachen, dass een duerchgesäit.

Mee dat hei ass einfach doduerch entstanen, well mer am Schäfferot decidéiert hunn, déi ursprénglech Léisung, déi virgesi war – dat war esou en Zickzack erop –, hätt, ech mengen, 300.000 oder 400.000 Euro kascht. Mir hunn déi dote Léisung gesicht, well se ëm déi 250.000 Euro, ech hunn dee genaue Chiffer net am Kapp, manner deier war wéi dat, wat initialement prévu war.

An dee Schloff, wéi Dir et nennt, dat ass den initiale Wee, deen do war. Et ass richtig, et muss eng Mauer gebaut ginn, well et op verschidden Niveaue ass. An d'Mauer muss e bësse méi héich si wéi den Niveau, well soss lafen d'Kanner riicht op d'Strooss. An dofir ass dat eeben esou héich gemaach ginn.

Doriwwer kann een elo diskutéieren. Mee wéi gesot, deemools ass diskutéiert ginn, fir déi 250.000 Euro kënn

ERNY MULLER (LSAP) a d'autres informations. Certains habitants seraient disposés à louer des places de stationnement.

Mais de toute façon, il faut d'abord s'assurer que le ministère tolérerait une construction à cet endroit. Comme il s'agirait d'un parking public, les gens devront payer.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) demande à monsieur Muller de passer à la deuxième question.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle qu'un centre sportif a ouvert à Nidderkorn. Apparemment, il connaît un beau succès.

Mais Erny Muller n'est pas content de l'accès à ce centre. Il ne se souvient pas avoir vu de plans comprenant un mur autour du centre. On ne voit même plus où se trouve l'entrée. D'où vient ce mur? Les visiteurs se garant sur le parking de la rue Pierre-Gansen ne savent pas où aller. Ils voient un centre sportif avec un gros mur autour.

L'accès se fait par un passage minuscule. Erny Muller ne trouve pas cette solution réussie. Personnellement, il avait prévu une grande entrée. Il ne sait pas si on peut encore la modifier. Mais le collège échevinal ferait bien de se rendre sur place.

TOM ULVELING (CSV) réplique à monsieur Muller qu'il connaît les différences de niveau. En plus, l'école se trouve le long d'une route. Mais il est vrai que l'on aurait pu opter pour une balustrade. (Interruption)

Tom Ulveling explique que le collège échevinal a pris cette décision parce que la première solution aurait coûté entre 300 000 € et 400 000 €. La solution actuelle coûte 250 000 € de moins. En ce qui concerne le passage mentionné par monsieur Muller, il s'agit du chemin initial. Le mur doit quant à lui être plus élevé, car autrement les enfants couraient sur la route.

Tom Ulveling répète que le collège échevinal a économisé 250 000 €.

Et le bâtiment est suffisamment grand pour que quelqu'un se trouvant sur le parking de la rue Pierre-Gansen comprenne où il doit aller.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) a entendu dire que le stationnement dans la Cité Grey était interdit du 25 aout au 3 octobre. Or beaucoup d'habitants n'ont pas de garages et il y a peu de places de stationnement. Et voilà que trois ou quatre de ces places viennent d'être bloquées sans que des travaux aient eu lieu. Les gens ne comprennent pas pourquoi ils ne peuvent pas se garer sur ces places. Ceux qui ont essayé ont été verbalisés.

Ces panneaux sont toujours sur place alors que la date est passée. C'est pénible. Pierre Hobscheit répète qu'apparemment, il n'y a pas eu de travaux. Pourquoi ces places ont-elles été bloquées pendant des semaines?

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) n'a pas la réponse. Elle devra se renseigner. Elle suggère à monsieur Hobscheit d'envoyer un e-mail la prochaine fois. Cela permettra de résoudre le problème en dix minutes. Agir vite est dans l'intérêt des citoyens.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) clôture la séance non publique.

nen ze spueren. An ech mengen awer, dass d'Gebai grouss genuch ass, dass deen, dee bis do um Parking Pierre Gansen ass, gesäit, dass dat nëmme kann do sinn an néierens anescht. Well et ass näischt anescht an der Géigend.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech hunn och nach eng Fro. Et geet ëm d'Cité Grey. Do huet mech eng Awunnerin drop opmierksam gemaach, dass am August Parkverbuetschëlter opgestallt goufen, déi vum 25. August bis den 3. Oktober gaange sinn. Dozou muss ee jo wëssen, dass an der Cité Grey vill Leit weeder d'Méiglechkeet hunn, hiren Auto an eng Afaart ze stellen, nach hu se eng Garage. Dat heescht, si sinn op Parkplazen ugewisen. An et sinn der schonn net vill do.

Elo goufen uewen dräi, véier Parkplazen duerch déi Parkverbuetschëlter blockéiert. An et ass awer näischt geschitt. Et gouf näischt geschafft. Fir d'Leit war net ze erkennen, firwat dee Parkverbuet do war. D'Parkplaze waren awer fort. Well et kann ee sech jo schlecht dohinner parken, wann e Parkverbuet do steet, soss kritt een e Protokoll. Dat ass deelweis och geschitt. Mee et gouf awer näischt geschafft. Op d'mannst net fir d'Leit erkennbar.

D'Schëlter stinn iwwregens nach ëmmer do. D'Leit hu se elo mol ëmgedrëit. Den Datum ass jo och elo ofgelaf. Mee et ass awer relativ penibel, wa Parkinge blockéiert ginn an et gëtt näischt geschafft. Op d'mannst ass et fir d'Leit net erkennbar, dass do eppes geschafft

gouf. Duerfir wollt ech och am Numm vun deene concernéierte Leit froen, firwat do iwwer Wochen déi Parkplazen duerch Parkverbuetschëlter blockéiert waren, ouni dass do, op d'mannst offensichtlich erkennbar, eppes geschitt ass. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Covid.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Pregno, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech weess dat esou direkt net. Ech froen dat awer no. Mee zéckt guer net, wann Der esou Saache rapportéiert kritt, einfach e kleng Mail ze maachen. Dann hunn ech dat an Zäit vun zéng Minutten nogefrot. An da kritt Der direkt eng Äntwert. Dat geet definitiv vill méi schnell. An ech mengen, et gëtt och de Bierger méi gerecht, wa mer do schnell kënne reagéieren. Merci fir d'Kooperatioun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech schléissen dann elo heimadder déi ëffentlech Seance of a mir ginn an déi netëffentlech.

MARIAGES

Vous désirez vous marier un samedi ? Voici les dates des samedis retenus pour la célébration des mariages en 2021 :

- 16.01.2021
- 13.02.2021
- 20.03.2021
- 24.04.2021
- 15.05.2021
- 19.06.2021
- 17.07.2021
- 14.08.2021
- 18.09.2021
- 16.10.2021
- 13.11.2021
- 18.12.2021

Numéros utiles dans la crise COVID-19

Pour toute la population

Hotline Santé



T. 247 65533

Pour les questions médicales importantes au sujet de la COVID-19
M Lundi au vendredi de 8 h à 18 h et le weekend de 10 h à 18 h

Large-Scale-Testing



T. 8002 19 19

Pour les questions concernant le Large Scale Testing
M 7 j / 7 j de 8 h à 19 h

Hotline Enseignement



T. 8002 90 90

Pour des questions par rapport aux mesures liées à la COVID-19 dans les écoles et les structures d'accueil
M Lundi au vendredi de 9 h à 12 h et de 13 h à 16 h

SOS Détresse



T. 45 45 45

Cette aide par téléphone en ligne vous offre un soutien psychologique anonyme et confidentiel
M 7 j / 7 j et 24 h / 24 h

Helpline Violences domestiques



T. 2060 1060

Numéro d'appel d'urgence anonyme qui offre écoute, soutien et orientation en cas de violences domestiques
M 7 j / 7 j de 12 h à 20 h

Assistance consulaire du Ministère des Affaires étrangères



T. 2478 2386

Lun.-Mer.: 8 h 30-16 h

M Lundi au vendredi de 8 h 30 à 16 h
M En dehors des heures de bureau et weekend : T. 2478 2300

T. 2478 2300

En dehors des heures de bureau et weekend

(KJT) Kanner-Jugendtelefon



T. 116111

Numéro d'appel anonyme qui offre écoute, soutien et orientation pour les jeunes
M Lundi, mercredi, vendredi 17 h à 22 h | Mardi et jeudi 14 h à 22 h | Samedi 14 h à 20 h

Pour les seniors 60+

Service Senior Plus de la Ville de Differdange



T. 58 77 1-1566

- Faire les achats pour vous et les livrer à votre domicile (courses et livraison effectuées par le CIGL)
 - Aller en pharmacie pour vous procurer vos médicaments (seulement avec une ordonnance)
 - Repas sur roues (livré par SERVIOR)
- M Lundi au vendredi de 9 h à 12 h**

Club Senior Prenzeberg




T. 26 58 06 60 / 691 580 610

Si vous vous sentez seuls et que vous avez envie de nous rendre visite au Club pour avoir un peu de conversation.
M Lundi de 13 h à 17 h | Mardi au vendredi de 9 h à 17 h

QUAND SE LAVER LES MAINS ?



Lorsque vos mains sont sales




Avant chaque repas



Après s'être mouché



Après avoir touché
son masque



Après être allé
aux toilettes

Se laver les mains à l'eau et au savon permet d'éliminer les virus et les bactéries qui peuvent nous rendre malades.

LE LAVAGE DES MAINS - COMMENT ?

Lavez-vous les mains à l'eau et au savon, surtout si elles sont visiblement sales.



Durée de la procédure:
40-60 secondes

1



Mouiller les mains abondamment.

2



Appliquer suffisamment de savon pour recouvrir toutes les surfaces des mains et frictionner.

3




Paume contre paume par mouvement de rotation.

4



Le dos de la main gauche avec un mouvement d'avant en arrière exercé par la paume droite et vice versa.

5



Les espaces interdigitaux paume contre paume, doigts entrelacés, en exerçant un mouvement d'avant en arrière.

6




Les dos des doigts en les tenant dans la paume des mains opposées avec un mouvement d'aller-retour latéral.

7



Le pouce de la main gauche par rotation dans la paume renfermée de la main droite et vice versa.

8



La pulpe des doigts de la main droite par rotation contre la paume de la main gauche et vice versa.

9




Rincer les mains à l'eau.

10



Sécher soigneusement les mains avec une serviette à usage unique.

11



Fermer le robinet à l'aide de la serviette.

12



Vos mains sont propres.